


# DE FUUSS

## INFORMATIOUNEN AUS DER GEMENG WALDBËLLEG

2 | 2020

BULLETIN COMMUNAL



© Damaris

# DËST STEET HEI DRAN

D'Wuert vum Redaktiounscomité 2

## D'GEMENG
## *LA COMMUNE*

Rapporte vun de Gemengerotssëtzungen 3
Les rapports des réunions du Conseil communal 13
Europadag 23
État civil 24
Mir gratuléieren! 24
De Service technique vun der Gemeng Waldbëlleg 25
Interview mat der Corinne Meyers 26

## SCHOUL & MAISON RELAIS
## *ÉCOLE & MAISON RELAIS*

Vill Activitéiten an der Maison relais 28
An der Schoul 34

## VERÄINER
## *ASSOCIATIONS*

Jonk & Al 40
Waldbëlleger Musek 42
Frënn vum CIS Waldbëlleg 44
D'Aeromodelliste vu Chrëstnech 46
Club des Jeunes 49
Uergelfrënn Waldbëlleg 50

## KULTUR A GESCHICHT
## *CULTURE ET HISTOIRE*

Sënn a Bedeitung vum Léiffrawëschdag 53
AG Société préhistorique luxembourgeoise 56
Eng lokal Geschicht aus der Rundstedtoffensiv 60
Trifolion 62

## LIEWEN AN DER GEMENG
## *VIE RURALE*

En neit Liewensgefill 64
De Fuuss beim Hähnchenkönig! 68
Gewënnspill: „Wou ass dat?" 69
E Portrait vum Remy Theisen 70
Olio d'oliva e vino 72
Buergbrennen 74
Schonns 35 Joer SOPIBO! 78
Sylvie Leyder 83

## KLIMAPAKT
## *PACTE CLIMA*

Klimapakt aktuell 84
$NO_2$-Miesscampagne mat der Gemeng Waldbëlleg 86
De Blannschlécher 88
De Gaart an der Zäit vum Coronavirus. 90
Manner Luuchten 92
Wann et däischter gëtt am Duerf! 93

## WAT ASS LASS?
## *QUE FAIRE?*

Eis Bichersail 96
Agenda 99
Iechternacher Museksschoul 99
Restauranten 99
Lost and found 99

## VILL FREED BEIM LIESEN!
## *BONNE LECTURE !*

# D'WUERT VUM REDAKTIOUNSCOMITÉ



Eng Kroun gesi mer gewéinlech just nëmmen op Dräikinniksdag. Mee dëst Joer huet déi Kroun, laténgesch Corona, déi dem neie Virus SARS-CoV-2 säi populären Numm ginn huet, d'Welt an de Grëff geholl. Dat gesitt Dir op dem Cover vun deem heite FUUSS mat der schéiner Fotomontage, déi d'Damaris Pletschette gemaach huet.

Eng aner Welt hu mer kritt, an dat ganz séier. Enn 2019 ass fir d'éischt vun engem neie Coronavirus a China rieds gaangen, an enger Krankheet mam Numm **CO**rona-**Vi**rus-**D**esease-20**19,** Covid-19. SARS steet iwweregens fir *Severe Acute Respiratory Syndrome*, där et jo schonns e puer ginn huet.

Den 11. Januar ass den éischte Mënsch a China u Covid-19 gestuerwen, den 22. Januar ass d'Provënz Wuhan isoléiert ginn, de 25. Januar war et den éischte Fall an Europa, de 15. Februar den éischten europäeschen Doudegen a Frankräich an den 22. an Italien, wou virun allem an der Lombardei d'Epidemie sech onheemlech verbreet huet.

Den 29. Februar war et esou wäit: En éischte Fall zu Lëtzebuerg. An dunn ass et schëtzeg gaang. Schonns den 18. Mäerz huet d'Regierung den Noutstand proklaméiert, deen e puer Deeg drop vun der Chamber konfirméiert gouf, mat alle Konsequenzen op eist deeglecht Liewen an de Restriktioune vun eise Fräiheeten, déi mer kennen.

A kee weess, wéi eng Auswierkungen de Coronavirus an Zukunft op eist Liewen huet. Et ass eng Zäit fir nozedenken, mee awer och fir vill Leit mat Tragik an Trauer.

Ee Gléck, datt mir och dës ganz Zäit vu ville Servicer konnten a kënne profitéieren, d'Gesondheetsdéngschter fir den Noutfall, an déi, déi dat Noutwennegst um Lafen halen. Fir dat Administratiivt bei Gemeng a Staat ass gesuergt, och fir Iessen, Waasser, Elektresch a soss Energie, Post, Press an natierlech all déi modern Medien, déi eis d'Liewen am Agespaartsinn méi einfach maachen. Et kann ee sech virstellen, wéi schlëmm dat fréier gewiescht muss sinn, a ganz anere Liewensëmstänn, ouni Noutfallservice a Kommunikatiounsméiglechkeeten, a mat Krankheeten, déi nach weesentlech méi schlëmm a méi déidlech waren ewéi de Covid-19. En décke Merci un all déi Leit, déi gehollef hunn, eis en eenegermoossen normaalt Liewen och an der Kris méiglech ze maachen!

An dëser Nummer vum FUUSS gi mer natierlech an op de Virus mat der Kroun. Mat Fotoe vun allem, wat zou war, mat positive Messagen, mat Leit, déi d'Staang riicht gehalen hunn. Mee mir hunn och Reportagen an Artikelen iwwert dat *normaalt* Liewen a besseren Zäiten.

De Bléck an d'Zukunft, also den Agenda, ass dës Kéier e bësse méi schwiereg an erënnert nawell un en Horoskop.

*Fir d'Redaktioun: Marc Barthelemy*
*Foto: Damaris*




**D'Redaktiounsekipp ass ewéi gewinnt déi heiten:**

Marc Barthelemy (Supervisioun), Maxime Bender (Kultur),
Corinne Meyers (Schoul a Maison relais, Veräiner),
Isabelle Oberlé (Geschicht a Kultur),
Damaris Pletschette (Liewen am Dueref, Fotoen),
Karin Enser (Korrekturen)

Graphesch Gestaltung: Susanne Hangarter

Drock: Imprimerie de l'Est, Iechternach.

Responsabelen Editeur: Gemeng Waldbëlleg

# D'GEMENG // *LA COMMUNE*

## RAPPORTE VUN DE GEMENGEROTSSËTZUNGEN

Dës Rapporte gi vum Gemengesekretariat geschriwwen, vun de Conseilleren nogekuckt a vun der Buergermeeschtesch autoriséiert. Si baséieren op den Deliberatioune vum Conseil, woubäi de geneeë Wuertlaut vun den Decisiounen an engem Regëster festgehalen a vun de Conseilleren ënnerschriwwe gëtt. Dee Regëster kann all Bierger op d'Gemeng kucke goen.

Dës Rapporte sinn a méi enger verständlecher Sprooch mat méi Explicatioune geschriwwen. Dofir sinn déi lëtzebuergesch an déi franséisch Versioun net ëmmer genee identesch. Et zielt dann, wat an der Gemeng am Regëster vun den Deliberatioune festgehalen ass.

## GEMENGEROTSSËTZUNG 2019/9

### Sëtzung vum Dënschteg, de 17. Dezember 2019

Et waren do:

// HENX-GREISCHER Andrée, Buergermeeschtesch,
// BOONEN Serge, Schäffen,
// MOULIN Théo, Schäffen,
// BARTHELEMY Marc,
// BENDER Maxime,
// MEYERS Corinne,
// MICHELS Mike,
// THOLL Jean-Joseph,
// TOBES Romain, Conseilleren,
// DIMMER Martine, Sekretärin.

Entschëllegt: /.

**Dagesuerdnung**

| | |
|---|---|
| 2019-09-01 | Froe vum Gemengerot un de Schäfferot. |
| 2019-09-02 | De rectifizéierte Budget 2019 an de Budget 2020. |
| 2019-09-03 | Décompte vun aussergewéinlechen Aarbechten. |
| 2019-09-04 | Erneierung vun engem Feldwee zu Waldbëlleg. |
| 2019-09-05 | Konventioun iwwert eng gemengnëtzeg Servitude. |
| 2019-09-06 | Neizoudeelung vum Gemengewee „Oben Kilker" zu Freckeisen. |
| 2019-09-07 | Deelung vun engem Terrain zu Chrëschtnech. |
| 2019-09-08 | Subsidufroen. |
| 2019-09-09 | Verschiddenes. |

**1.** Et ass keng Fro vun de Gemengerotsmemberen virun der Versammlung vum Gemengerot eragereecht ginn.

**2.** De Gemengerot

- hält de rectifizéierte Budget vum Exercice 2019 wéi an deem heiten Tableau fest:

| | |
|---|---|
| Ausseruerdentlech Einnahmen: | 825.612,53 € |
| Ausseruerdentlech Ausgaben: | 5.962.312,09 € |
| Gewéinlech Einnahmen: | 7.077.813,60 € |
| Gewéinlech Ausgaben: | 4.385.003,20 € |
| Report 2018: | 3.907.091,36 € |
| Présuméierte Boni Enn 2019: | 1.463.202,20 € |

- hält de Budget vum Exercice 2020 mat 7 Stëmme géint 2 Stëmme wéi an deem heiten Tableau fest:

| | |
|---|---|
| Ausseruerdentlech Einnahmen: | 1.730.349,00 € |
| Ausseruerdentlech Ausgaben: | 5.689.541,85 € |
| Gewéinlech Einnahmen: | 7.485.733,49 € |
| Gewéinlech Ausgaben: | 4.725.848,90 € |
| Report 2019: | 1.463.202,20 € |
| **Definitive Boni:** | **263.893.94 €** |

D'Conseilleren Bender an Tobes hu géint de Budget 2020 gestëmmt.

**3.** De Gemengerot gëtt säin Averständnis zum Décompte vun den Aarbechte betreffend d'Stabilisatioun, d'Verstäerkung an d'Ofséchere vun engem Fiels beim Schéissendëmpel zum Montant vu 74.612,42 €.

**4.** De Gemengerot gëtt säin Averständnis zum Devis vun 262.000,00 € (TVA abegraff) betreffend de

Projet fir d'Erneiere vum Feldwee um Lieu-dit „Auf Bunterhoecht" zu Waldbëlleg.

5. De Gemengerot gëtt säin Averständnis zu der Konventioun fir eng gemengnëtzeg Servitude laut där d'Gemeng Waldbëlleg autoriséiert ass mat Waasserleitungen an eidele Réier iwwert eng Längt vu 94 Meter duerch en Terrain ze fueren, deen zu Waldbëlleg ënnert der Sektioun B an der Kadasternummer 1636 agedroen ass.

6. De Gemengerot entscheet mat 6 Stëmme géint 2 Stëmmen an enger Enthalung fir de Gemengewee „Oben Kilker" zu Freckeisen fir Foussgänger gespaart ze halen an eng Konventioun mam Bauer, deen dësen Terrain ënnerhält, ze schléissen fir dësem den Terrain zur Verfügung ze stellen. D'Conseilleren Bender an Tobes stëmme géint dës Decisioun wärenddem de Conseiller Michels sech enthält.

7. De Gemengerot entscheet eestëmmeg säin Averständnis ze ginn zum Projet fir d'Parzell, déi um Kadasteramt ënnert der Nummer 2004/4027, Sektioun C vu Chrëschtnech agedroën ass, an dräi Kadasterparzellen ze deelen.

8. De Gemengerot entscheet

   - eestëmmeg deenen heite Veräiner e Subsid an Héicht vu 75 € zouzespriechen:

     – Caritas Luxembourg;
     – Service de consultation et d'aide pour troubles de l'attention, de la perception et du développement psychomoteur – SCAP;
     – Fleegeelteren Lëtzebuerg;
     – Fir d'Kanner a Latäinamerika;
     – CEBA – 75 Joer Libératioun Gemeng Cliärref erënnert sech;

   - Tukwataniise asbl kee Subsid z'accordéieren a

   - mat 7 Stëmme géint 2 Stëmmen Catch a Smile asbl kee Subsid ze ginn. D'Conseilleren Michels an Tobes spriече sech fir e Subsid fir dës Associatioun aus.

9. D'Buergermeeschtesch informéiert, datt si vun der Associatioun „Luxembourg Alzheimer" matgedeelt krut, datt en zousätzlecht Virrecht op en Zëmmer fir eis Gemeng reservéiert gouf.

D'Conseillère Meyers informéiert, datt d'Associatioun „Rêve du Petit Prince" bereet ass de Grondschüler en Airtramp zur Verfügung ze stellen. Dëst ass e groussen Trampolin op Loftkëssen. Den Airtramp kéint och vun de Kanner genotzt ginn, déi an d'Maison relais ginn.

De Conseiller Tobes informéiert sech iwwer de Fonktionnement vun de Kiercheklacken zu Haler, nodeems en Artikel am Tageblatt vum 23./24. November 2019 ënnert der Rubrik „Leserforum" mam Titel „Die traurige, aber leider wahre Geschichte einer Kirchenuhr in Luxemburg" veröffentlecht gouf. An dësem Artikel geet driwwer riets, datt d'Kiercheklacken zu Haler net richteg lauden, obwuel d'Gemeng heiriwwer a Kenntnis gesat gouf. D'Buergermeeschtesch erkläert, datt d'Laude vun de Klacken net richteg interpretéiert gouf an datt sech, nom Erschénge vun dësem Artikel, eng spezialiséiert Firma drëm gekëmmert huet.

## GEMENGEROTSSËTZUNG 2020/1

### Sëtzung vum Dënschteg, den 11. Februar 2020

Et waren do:

// HENX-GREISCHER Andrée, Buergermeeschtesch,
// BOONEN Serge, Schäffen,
// MOULIN Théo, Schäffen,
// BENDER Maxime,
// MEYERS Corinne,
// MICHELS Mike,
// THOLL Jean-Joseph,
// TOBES Romain, Conseilleren,
// DIMMER Martine, Sekretärin.

Entschëllegt:

// Marc BARTHELEMY, Conseiller.

**Dagesuerdnung**

| | |
|---|---|
| 2020-01-01 | Froe vum Gemengerot un de Schäfferot. |
| 2020-01-02 | Verlängerung vun der Ausschenkzäit an der Gemeng Waldbëlleg fir verschidde Manifestatiounen 2020. |
| 2020-01-03 | Bewëllegung vun enger ausseruerdentlecher budgetärer Ofännerung. |

2020-01-04 Bewëllegung vun engem Contrat de bail iwwert d'Verloune vum Haus op 1, Gaessel zu Chrëschtnech.
2020-01-05 Projet iwwert d'Vergréisserung vun der Buvette um Fussballsterrain zu Chrëschtnech.
2020-01-06 Administrative Kont vum Exercice 2018.
2020-01-07 Gestiounskont vum Exercice 2018.
2020-01-08 Ufro fir d'Deele vun engem Terrain zu Haler.
2020-01-09 Ufro fir en ausseruerdentleche Subsid.
2020-01-10 Ufroe fir Subsiden.
2020-01-11 Verschiddenes.

Geméiss dem Artikel 13 vum ofgeännerte Gemengegesetz vum 13. Dezember 1988, huet de Conseiller Marc Barthelemy d'Buergermeeschtesch schrëftlech gefrot, op Ufro vun der Kultur- an Tourissemskommissioun déi heite Punkten op d'Dagesuerdnung bäizesetzen:

2020-01-12 <u>Kulturell Manifestatiounen an der Gemeng</u>

De Gemengerot ass d'accord (oder net), datt d'Kultur- an Tourissemskommissioun (KTK) mat engem Deel vun de Suen, déi si vun der Gemeng zur Verfügung huet, kulturell Veranstaltungen ënnerstëtzt, déi deenen heite Critèren entspriechen:

- Et ass eng kulturell Aktivitéit an der Gemeng, vun engem Veräin aus der Gemeng.
- Se ass fir de Public.
- D'KTK stellt en ambitiéise kulturellen Usproch fest.

Maximal 500 Euro pro Concert si méiglech.

Fir 2020 ënnerstëtzt d'KTK déi zwee Concerte vun den Uergelfrënn.

<u>Duerffest 2020</u>

Um d'Duerffest vum 12. Juli Musek vu 17 bis 21 Auer. Also, ier d'Finale vun der EM ugeet.

De Gemengerot freet d'KTK, eng Grupp dofir ze sichen, mat Präferenz Dixielandmusek.

<u>Verschéinere vun de Mauere bei der Sportshal</u>

Fir d'Mauere bei der Sportshal freet de Gemengerot e Projet, fir déi Mauere méi schéin ze maachen. De Schäfferot soll d'Faisabilitéit an de Budget vun deenen heite Méiglechkeeten ënnersichen:

- enger Firma, fir en einfache faarwegen Ustrach;
- engem Kënschtler, oder e puer, mat sengem oder hirem Projet;
- engem Kënschtler fir e Projet mat Kanner aus der Primärschoul,
- engem Kënschtler fir e Projet mam Club des jeunes.

D'KTK gëtt och fir Avis gefrot.

<u>Concert „Lëtzebuerger Owend" am Oktober</u>

De Gemengerot ass d'accord, datt d'KTK e „Lëtzebuerger Owend" am Hierscht organiséiert, an der Greisenscheier.

Envisagéiert: den 10. oder 17. Oktober, mat de Cojellico's Jangen, dem Mëllerdaller Männerchouer an enger drëtter Band.

<u>Kulturplattform</u>

Op Propos vun der KTK envisagéiert de Conseil eng Kulturplattform virun der Gemeng. De Schäfferot soll d'Faisabilitéit an de Budget dovunner ënnersichen.

D'KTK proposéiert déi heite Modalitéiten:

- D'Kultur- an Tourissemskommissioun freet Kënschtler, fir hire Projet auszestellen. Dofir gëtt eng Plaz virun der Gemeng amenagéiert, wou dee Projet drop stoe kënnt. Dat kéint esou eng Sail sinn ewéi déi, wou d'Käpp vu Michel Rodange an André Hentges drop stinn.

- Jiddwereen dierf säi Projet erareechen. Kënschtler aus der Gemeng an déi aus der Regioun hu Prioritéit.

- D'Demande muss de Projet beschreiwen, mat Text a Biller oder Skizzen. D'Kultur- an Tourissemskommissioun wielt déi Projeten aus, déi kënnen ausgestallt ginn, a bestëmmt d'Period vun der Ausstellung, wéinstens sechs Méint. De Gemengeconseil muss d'accord sinn.

- Ier de Projet installéiert gëtt, muss en Avis vum techneschen Déngscht iwwert d'Opstellung an den Accord vum Gemengeconseil virleien. Den techneschen Déngscht bestëmmt och, wéi den Objet festgemaach gëtt.

- Den Objet bleift Eegentum vum Kënschtler. D'Fraise fir seng Realisatioun gi vum Kënschtler/vun der Gemeng gedroen. D'KTK bestëmmt, a wéi engem Mooss si zu de Fraise vun der Installatioun a vun engem explikative Panneau bäidréit.

- Den Objet ka verkaaft ginn, allerdéngs engagéiert sech de Kënschtler an deem Fall, e Véierel vum Erléis un d'Gemeng ofzetrieden.

Geméiss dem Artikel 13 vum ofgeännerte Gemengegesetz vum 13. Dezember 1988, hunn d'Conseillere Maxime Bender, Mike Michels a Romain Tobes d'Buergermeeschtesch schrëftlech gefrot, deen heite Punkt op d'Dagesuerdnung bäizesetzen:

2020-01-13 Ausbessere vum Feldwee op der Héicht Chrëschtnech Waldbëlleg (Golf) tëschent de Lieux-diten „Azéngen" an „Urbicht" op enger Längt vu +/- 120 m.

2020-01-14 Ännerung vun de Statute vum Syndikat vum Naturpark Mëllerdall.

**1.** Déi heite Froe gi vun de Conseillere Bender, Michels an Tobes gestallt:

*Am Juli 2018 no engem Staarkreenevenement ass d'Sportshal voll mat Waasser gelaf. An enger uschléissender Aarbechtsreunioun ass diskutéiert ginn d'Borduren ze erhéijen resp. d'Fënsterlucken eropzesetzen oder um Terrain vis-à-vis vun der Sportshal e Schutzwall opzebauen.*

- Wéi eng Mesurë goufe bis elo do getraff resp. ëmgesat?

  D'Buergermeeschtesch äntwert, datt Gespréicher mat de Besëtzer vum Terrain vis-à-vis vun der Sportshal gefouert goufen an datt doroppshin eng Konventioun fir eng Servitude mat ëffentlechem Notze préparéiert gëtt. Op dësem Terrain soll dann e Gruef gezu ginn, deen d'Waasser bei Staarkreen evakuéiere soll. Souwuel um Enn vum Feldwee, ewéi bei der Sortie vum Gruef sollen nei Ofwaasserkanäl geluecht ginn. D'Ëmbaue vun de Fënsteren an der Sportshal wier immens deier ginn.

- Wéini kënne mir mat der Etude Staarkreen-management rechnen?

  De Schäfferot gëtt déi heiten Erklärungen:
  Laut Informatioun vum Büro, dee sech ëm d'Etude këmmert, soll dës am Laf vun der nächster Woch fäerdeggestallt ginn. De Büro kënnt dem Schäfferot se da virstellen.

  *De Problem vum Logement ass net nëmmen en nationalen, mee fuerdert och eis als kleng Gemeng op no Léisungen ze sichen. An dem Kader hu sech Gemengen duerch de Pacte logement en Instrument an d'Hand ginn, wou bis elo (Stand 2018) 96 Gemenge eng Konventioun mam Staat ënnerschriwwen hunn. Just sechs Gemengen, dorënner och Waldbëlleg, hu keng Konventioun.*

- Wéi ass d'Positioun vum Schäfferot zum Pacte logement?

  D'Buergermeeschtesch erkläert, datt déi aktuell Membere vum Schäfferot nach net Schäffe waren ewéi déi Entscheedung iwwer d'Net-Bäitriede vum Pacte logement geholl gouf. Anscheinend war de Grond, firwat d'Gemeng Waldbëlleg dem Pacte logement deemols net bäigetrueden ass, datt déi deemoleg Schäfferotsmemberen de virgeschriwwene Wuesstëmstaux vun der Awunnerzuel vun der Gemeng Waldbëlleg a Fro gestallt hunn. De Schäfferot proposéiert, fir sech

iwwert de Pacte logement 2.0, deen amgaangen ass ausgeschafft ze ginn, z'informéieren.

- Wéi eng Méiglechkeete gesäit de Schäfferot, bei eis an der Gemeng gënschtege Wunnraum fir jonk Leit a Familljen ze schafen?

  D'Buergermeeschtesch erkläert, datt d'Gemeng Waldbëlleg weder iwwer Terrainen nach Gebaier verfügt, déi als soziale Wunnraum ëmfunktionnéiert kënne ginn.

**2.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg fir d'Ausschenkzäit an der Gemenmg Waldbëlleg fir déi heiten Datumer bis dräi Auer moies ze verlängeren:

| | |
|---|---|
| Nationalfeierdag: | vum 22.06.2020 op den 23.06.2020 |
| **Kiermes:** | |
| Haler: | vu samschdes op sonndes<br>vu sonndes op méindes |
| Chrëschtnech: | vu samschdes op sonndes<br>vu sonndes op méindes |
| Waldbëlleg: | vu samschdes op sonndes<br>vu sonndes op méindes |
| Sylvester: | vum 31.12.2020 op den 01.01.2021 |

**3.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg ënnert dem Artikel 4/630/222100/17004 – Erneiere vun der Waasserleitung an der Chrëschtnecher Strooss zu Waldbëlleg, e Kredit vu 24.000,00 € ze stëmmen, fir Rechnungen, déi nach opstinn zu dësem Projet, kënnen ze bezuelen.

**4.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg de Contrat de bail vum 14. Januar 2020, laut deem d'Gemeng Waldbëlleg, dem Här Paul Yves Lufuluabo Lushiku an der Madamm Lukusa Angel Ngombabu d'Wunnhaus op 1, Gaessel zu Chrëschtnech verlount.

**5.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg de Projet iwwer d'Vergréisserung vun der Buvette um Fussballsterrain zu Chrëschtnech ze bëllegen. De Projet ass den 31.01.2020 vum Architektebüro MN architectes fir e Montant vun 1.063.614,00 € ausgeschafft ginn.

**6.** De Gemengerot hält den administrative Kont vum Exervice 2018 provisoresch, ewéi an deem heiten Tableau fest:

| | Uerdentleche Service: | Ausseruerdentleche Service: |
|---|---|---|
| Total vun den Einnahmen: | 6.723.136,50 | 926.215,89 |
| Total vun den Ausgaben: | 3.839.057,91 | 2.942.830,26 |
| Boni vum Kont 2017: | 3.039.627,14 | |
| **Définitive Boni:** | **3.907.091,36** | |

**7.** De Gemengerot hält de Gestiounskont vum Exercice 2018, ewéi an deem heiten Tableau fest:

| | Gewéinleche Service: | Ausseruerdentleche Service: |
|---|---|---|
| Total vun den Einnahme : | 6.723.136,50 | 926.215,89 |
| Total vun den Ausgaben: | 3.839.057,91 | 2.942.830,26 |
| Boni vum Kont 2017: | 3.039.627,14 | |
| **Définitive Boni:** | **3.907.091,36** | |

**8.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg säin Averständnis ze ginn, fir d'Parzell, déi um Kadaster ënnert der Nummer 959/2218 agedroen ass an an der Sektioun A vun Haler läit, an zwou gläich grouss Parzellen ze deelen.

**9.** De Gemengerot entscheet mat 6 Stëmme géint eng Stëmm an enger Enthalung dem Veräin „Waldbëlleger Musek" keen aussergewéinleche Subsid zouzedeelen, fir sech un der Installatioun vun der Beliichtung ze bedeelegen. De Conseiller Tholl stëmmt derfir an de Conseiller Michels enthält sech beim Vote.

**10.** De Gemengerot entscheet:

- Eestëmmeg deen heite Veräiner e Subsid an Héicht vu 75 € zouzespriechen:

    1. Lux-Lagos Asbl;
    2. Memoshoah Luxembourg asbl;
    3. Caritas Luxembourg;
    4. Unicef Lëtzebuerg;
    5. Lëtzebuerger Guiden a Scouten RaRo;
    6. SOS Sahel International Luxembourg;
    7. Les Amis du TIBET Luxembourg asbl;
    8. SOS Faim asbl;
    9. El Salvador – Luxembourg;
    10. Natur & Ëmwelt;
    11. Handicap International;

- mat 7 Stëmme géint 1 Stëmm der Croix-Rouge e Subsid vu 75 € zouzespriechen;

- eestëmmeg dem Télévie Iechternach 2020 e Subsid an Héicht vu 500 € zouzespriechen a festzehalen, datt d'Gemeng sech vun elo un all Joer mat 500 € un der Actioun Télévie bedeelegt.

**11.** De Gemengerot hält d'Datumer fir déi nächst Gemengebiet fest:

- Fir den „De FUUSS 2020-2" mussen d'Artikele bis de 27. Abrëll eragereecht ginn. De Liwwerdatum ass fir den 11. Juni virgesinn.

- Fir den „De FUUSS 2020-3" mussen d'Artikele bis den 31. Juli eragereecht ginn. D'Liwwerung gëtt fir de 17. September erwaart.

D'Buergermeeschtesch deelt dem Gemengerot mat, datt de SIDEST de Projet fir de Bau vun enger Kläranlag zu Chrëschtnech wéinst de geotechneschen Ënnersichungen annuléiert huet. De Projet kann net esou ausgefouert ginn, wéi en dem Aarbechtsministär virgestallt gouf. De Projet gëtt iwwerschafft a muss dann eng weider Kéier duerch eng aner Kommodo- an Inkommodo-Prozedur.

D'Conseillère Meyers bericht iwwer d'Sujeten, déi wärend där leschter Reunioun vun der Iwwerwaachungskommissioun vun der ASBL Alzheimer Lëtzebuerg traitéiert goufen. Momentan sinn 116 Persounen am Wunn- a Fleegeheim „Beim Goldknapp" zu Ierpeldéng logéiert, wärend 142 Persounen op der Waardeléscht stinn, wouënner 42 urgent Fäll. 36 zousätzlech Zëmmere ginn aménagéiert, wouvunn d'Gemeng sech fir en zousätzlecht Virrecht engagéiert huet.

De Conseiller Tobes ënnersträicht, datt um „Fuussepad", d.h. de Fousswee deen d'Spillschoul mat der Grondschoul an der Maison relais verbënnt, vill Reewaasser erofleeft, an datt sech vill Pill hei ugesammelt hunn, déi d'Kanner derzou verleeden, fir dran ze sprangen. Dëst Waasser kënnt relatif vill vu private Gäert vun deenen zwou Säite vum Wee erof.

De Schäfferot deelt mat, datt nei Fënstere bestallt gi si fir d'Gebai vun der Spillschoul.

De Conseiller Tobes freet méi politesch Objektivitéit an de Rapporten vun de Gemengerotssëtzungen. Hie wënscht, datt all weesentlech Remarke vun de Conseilleren, och mat hirem Numm, am Rapport ze fanne sinn. Sou ass zum Beispill beim Budget 2020 just geschriwwe ginn, datt d'Conseillere Bender an Tobes dergéint gestëmmt hunn. Et ass net ernimmt ginn, datt op verschidde vun hire Froe betreffend Montanten am Budget keng Begrënnung konnt genannt ginn, Subside vun de Veräiner falsch berechent oder net indexéiert waren, an datt déi zwee Conseillere net bereet waren, en neie Prêt vu 500.000 € matzedroen, mat deem e Boni am Gemengebudget erreecht ginn ass. Fir ze wëssen, wat all Conseiller gär an de Rapport wëllt hunn, freet de Schäfferot, datt an Zukunft jiddwereen dat am Virfeld ernimmt.

[D'Redaktioun vum FUUSS präziséiert, datt déi Rapporte vun der Gemengenadministratioun ënnert der Autoritéit vun der Buergermeeschtesch, an net vun der Redaktioun, geschriwwe ginn, ier se am FUUSS publizéiert ginn.]

**12.** Geméiss dem Artikel 20 vum ofgeännerte Gemengegesetz vum 13. Dezember 1988, geet de Conseiller Bender, dee President vun der Kultur- an Tourissemskommissioun ass eraus aus dem Sall an hëllt weder um Vote nach un den Diskussiounen deel.

*De Gemengerot ass d'accord (oder net), datt d'Kultur- an Tourissemskommissioun (KTK) mat engem Deel vun de Suen, déi si vun der Gemeng zur Verfügung huet, kulturell Veranstaltungen ënnerstëtzt, déi deenen heite Critèren entspriechen:*

- *Et ass eng kulturell Aktivitéit an der Gemeng, vun engem Veräin aus der Gemeng.*

- *Se ass fir de Public.*
- *D'KTK stellt en ambitiéise kulturellen Usproch fest.*

*Maximal 500 Euro pro Concert si méiglech.*

*Fir 2020 ënnerstëtzt d'KTK déi zwee Concerte vun den Uergelfrënn.*

Laut dem Gemengegesetz ass d'Gemeng, déi eenzeg déi befugt ass, iwwer Subside fir lokal Veräiner ze verfügen. D'Gemengekommissiounen hunn net d'Recht fir Veräiner mat Hëllef vum Gemengebudget, deen hinne vum Gemengerot ginn ass, ze ënnerstëtzen. Esou eng Ausgab wier als illegal ze bezeechnen. Deemno wier e Vote iwwer dëse Punkt iwwerflësseg.

*Um d'Duerffest vum 12. Juli Musek vu 17 bis 21 Auer. Also, ier d'Finale vun der EM ugeet.*

*De Gemengerot freet d'KTK, eng Grupp dofir ze sichen, mat Präferenz Dixielandmusek.*

D'Buergermeeschtesch freet de Gemengerot ob dësen dermat averstan ass, d'Kommissioun ze beoptragen eng Museksgrupp ze sichen, fir d'Duerffest z'animéieren, wat dëst Joer zu Chrëschtnech wäert stattfannen. Dëse Punkt gëtt mat 7 Stëmme festgehalen.

*Fir d'Mauere bei der Sportshal freet de Gemengerot e Projet, fir déi Mauere méi schéin ze maachen. De Schäfferot soll d'Faisabilitéit an de Budget vun deenen heite Méiglechkeeten ënnersichen:*

- *enger Firma, fir en einfache faarwegen Ustrach;*
- *engem Kënschtler, oder e puer, mat sengem oder hirem Projet;*
- *engem Kënschtler fir e Projet mat Kanner aus der Primärschoul,*
- *engem Kënschtler fir e Projet mam Club des Jeunes.*

*D'KTK gëtt och fir Avis gefrot.*

De Gemengerot entscheet eestëmmeg dëse Punkt als éischte Punkt an eng Aarbechtssëtzung ze verréckelen an ze diskutéieren.

*De Gemengerot ass d'accord, datt d'KTK e „Lëtzebuerger Owend" am Hierscht organiséiert, an der Greisenscheier. Envisagéiert: den 10. oder 17. Oktober, mat de Cojellico's Jangen, dem Mëllerdaller Männerchouer an enger drëtter Band.*

De Gemengerot bewëllegt d'Iddi vun engem lëtzebuerger Owend mat Museksgruppen op de virgeschloenen Datumer. De Schäfferot mécht allerdéngs drop opmierksam, datt d'Greisenscheier net adaptéiert ass fir Persounen mat spezielle Besoinen an wëllt d'Sécherheet vun der Greisenscheier iwwerpréiwen. De Gemengerot entscheet mat 7 Stëmmen, den Noutausgang an der Greisenscheier z'iwwerpréiwen ier e sech fir e Concert an der Scheier entscheet.

*Op Propos vun der KTK envisagéiert de Conseil eng Kulturplattform virun der Gemeng. De Schäfferot soll d'Faisabilitéit an de Budget dovunner ënnersichen.*

*D'KTK proposéiert déi heite Modalitéiten:*

- *D'Kultur- an Tourissemskommissioun freet Kënschtler, fir hire Projet auszestellen. Dofir gëtt eng Plaz virun der Gemeng amenagéiert, wou dee Projet drop stoe kënnt. Dat kéint esou eng Sail sinn ewéi déi, wou d'Käpp vu Michel Rodange an André Hentges drop stinn.*
- *Jiddwereen dierf säi Projet erareechen. Kënschtler aus der Gemeng an déi aus der Regioun hu Prioritéit.*
- *D'Demande muss de Projet beschreiwen, mat Text a Biller oder Skizzen. D'Kultur- an Tourissemskommissioun wielt déi Projeten aus, déi kënnen ausgestallt ginn, a bestëmmt d'Period vun der Ausstellung, wéinstens sechs Méint. De Gemengeconseil muss d'accord sinn.*
- *Ier de Projet installéiert gëtt, muss en Avis vum techneschen Déngscht iwwer d'Opstellung an den Accord vum Gemengeconseil virleien. Den techneschen Déngscht bestëmmt och, wéi den Objet festgemaach gëtt.*
- *Den Objet bleift Eegentum vum Kënschtler. D'Fraise fir seng Realisatioun gi vum Kënschtler/vun der Gemeng gedroen. D'Kultur- an Tourissemskommissioun bestëmmt, a wéi engem Mooss si zu de Fraise vun der Installatioun a vun engem explikative Panneau bäidréit.*

- *Den Objet ka verkaaft ginn, allerdéngs engagéiert sech de Kënschtler an deem Fall, e Véierel vum Erléis un d'Gemeng ofzetrieden.*

De Gemengerot entscheet mat 7 Stëmmen, fir dëse Punkt fir d'éischt an enger Aarbechtssëtzung vum Gemengerot ze beschwätzen.

**13.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg eng Firma fir d'Erneiere vum Feldwee op Héicht vum Golf tëschend de lieux-diten „Azéngen" an „Urbicht" iwwer eng Längt vun 120 Meter, ze beoptragen.

**14.** Op Ufro vun der Buergermeeschtesch hëlt de Gemengerot eestëmmeg d'Urgence u fir e weidere Punkt, iwwer d'Ännere vun de Statute vum Syndikat fir den Amenagement an d'Gestioun vum Naturpark Mëllerdall. De Gemengerot entscheet eestëmmeg d'Ofännerung vun de Statute vum Naturpark Mëllerdall.

## GEMENGEROTSSËTZUNG 2020/2

### Sëtzung vum Dënschteg, de 24. Mäerz 2020

Et waren do, am Sall oder per Tëleekonferenz:

// HENX-GREISCHER Andrée, Buergermeeschtesch,
// BOONEN Serge, Schäffen,
// MOULIN Théo, Schäffen,
// BARTHELEMY Marc,
// BENDER Maxime,
// MEYERS Corinne,
// THOLL Jean-Joseph,
// TOBES Romain, Conseilleren,
// DIMMER Martine, Sekretärin.

Entschëllegt:

// MICHELS Mike, Conseiller.

**Dagesuerdnung**

| | |
|---|---|
| 2020-02-01 | Informatioune vum Schäfferot un de Gemengerot betreffend déi aktuell Situatioun zu der COVID-19 Pandemie. |
| 2020-02-02 | Froe vum Gemengerot un de Schäfferot. |
| 2020-02-03 | Schafe vun engem stellvertriende Poste fir den techneschen Déngscht (m/w) am Groupe de traitement B1, am techneschen Ënnergrupp fir 40 Stonnen d'Woch. |
| 2020-02-04 | Konventioun iwwer d'Verfügungstelle vun engem Gemengewee. |
| 2020-02-05 | Subsidufroen. |
| 2020-02-06 | Verschiddenes. |

**1.** Opgrond vun der COVID-19 Pandemie informéiert de Schäfferot d'Gemengerotsmemberen iwwer déi aktuell Situatioun:

- De Syvicol hält d'Gemengen iwwer déi lescht Informatiounen a Recommandatiounen um Lafenden a Circulaire gi regelméisseg un d'Gemeng geschéckt.
- D'Büroe vun der Gemeng si fir de Public zou, d'Personal ass per Telefon erreechbar.
- Fir d'Gesondheet vun de Beamten ze schützen, ass ëmmer ee vun hinnen op der Gemeng, wärenddem déi aner Télétravail maachen.
- D'Certificate kënne bestallt ginn a ginn da per Post verschéckt.
- D'Gemeng huet eng Telefonsnummer ageriicht fir dréngend Fäll, dës ass ausserhalb vun der normaler Schaffzäit erreechbar.
- Momentan gi keng Päss ausgestallt.
- D'Awunner si gebiede fir dréngend Fäll am Viraus e Rendez-vous ze huelen.
- D'Gemengenaarbechter schaffen ofwiesselnd zu zwee wärend engem halwen Dag a bleiwen déi ganzen Zäiten erreechbar. Si sinn drop higewise ginn hir Ofstänn anzehalen.
- Eng vun de Botzfrae befënnt sech am Congé pour raisons familiales, zwou befannen sech an der Dispens an déi aner maachen d'Aarbecht ofwiesselnd.
- D'Enseignante schaffe mat de Schüler iwwer Télétravail.

D'Gemeng hält d'Bierger weiderhi per Internet a Facebook um Lafenden. Et ass e Flyer mat all de wichtegen Telefonsnummeren an E-Mailadressen

un all Haushalt verdeelt ginn. Verschidden Awunner hu sech bereet erkläert, vulnerabel Persounen z'ënnerstëtzen andeems se Akeef fir si besuergen.

De Conseiller Barthelemy informéiert, datt d'Preparatioune fir „De FUUSS" ewéi gewinnt weiderlafen.

Betreffend d'Duerffest wat fir den 12. Juli 2020 virgesi war, ass de Schäfferot der Meenung de Verlaf vun der Kris ofzewaarden. Zu dësem Moment weess ee just, datt d'Europameeschterschaft op d'nächst Joer verréckelt gouf. De Conseiller Bender bleift a Kontakt mat der Museksgrupp, déi fir d'Duerffest engagéiert gouf.

De Schäfferot informéiert, datt d'Begriefnesser an Zäite vun der Kris just am enkste Familljekreess dierfe stattfannen, an datt ugerode gëtt, d'Doudesannoncen eréischt nom Begriefnes ze publizéieren.

De Schäfferot proposéiert de Loyer, deen d'Gemeng vun de Locataire vun der Heringer Millen ze gutt huet, auszesetze bis d'Regierung decidéiert, datt d'Restauranten erëm kënnen opmaachen. Domat geet d'Gemeng Waldbëlleg dem Beispill vun anere Gemengen am Land no.

De Conseiller Tobes freet ob de Syvicol virgesäit, datt d'Gemengen d'Entreprisë solle finanziell ënnerstëtzen. De Schäfferot erkläert, datt dës Entscheedung onméiglech ass, well dëst eng duebel finanziell Hëllef, nieft där vum Stat, géif bedeiten.

**2.** Déi heite Fro gëtt vun de Conseillere Bender, Michels an Tobes gestallt:

*Am Gemengerot vum 23. September 2019 hu mir ënnert dem Punkt 9 eestëmmeg entscheet eng Crèche fir Kanner am Alter vun 3 Méint bis 4 Joer am Gemengegebai nieft dem Precoce zu Haler anzeriichten.*

- Wou si mir bei dësem Projet drun?

D'Buergermeeschtesch erklärt, datt dëse Projet am Moment net prioritär fir de Schäfferot ass. De Budget vun 2020 gesäit e Montant vu 50.000 € fir d'Planung vir. Fir d'éischt sollen déi lafend Projete fäerdeg gestallt ginn, dorënner d'Nouttrap vum Musekssall, d'Spillplaz bei der Heringer Millen, d'Buvette vum Fussballsterrain zu Chrëschtnech an d'Vergréisserung vum Gemengenhaus. Als éischt gëtt eng Levée mat Inventaire gemaach, duerno kënnt déi virbereedend Phase. De Schäfferot bemierkt, datt hien wann et esouwäit ass op dëse Projet zréckkënnt.

*De Conseiller Bender renseignéiert sech iwwer d'Dauer vun der Fermeture vun der Strooss tëschent Waldbëlleg an dem Mëllerdall.*

De Schäffe Boonen informéiert, datt ursprénglech virgesi war, d'Aarbechte fir Enn Juni fäerdeg gestallt ze hunn, mee datt sech dëst elo mat der Situatioun duerch déi sanitär Kris kéint bis virun de Wanter zéien. De Schäffe Moulin erënnert drun, datt d'Strooss zu Suewelbuer méi wéi e Joer zou war.

**3.** De Gemengerot entscheet e Fonctionnaire-Posten ze schafen am Groupe de traitement B1, techneschen Ënnergrupp fir 40 Stonnen d'Woch, deen dem Chef vum Service technique zur Säit steet.

**4.** De Gemengerot gëtt säin Averständnis zu der Konventioun, laut wéienger d'Gemeng dem Här an der Madamm Duschang-Bintner e Wee zu Freckeisen, deen an der Sektioun B vu Waldbëlleg an der Sektioun C vu Chrëschtnech läit iwwert eng Längt vun 264,8 Meter zur Verfügung stellt. Opgrond vun der Funktioun vum Proprietär kann den Notzer säi Virkafsrecht net geltend maachen. Den Notzer mécht Gebrauch vum Wee am Kader vu sengem Bauerebetrieb. D'Conseillere Bender an Tobes hu sech géint d'Décisioun ausgeschwat.

**5.** De Gemengerot entscheet:

- eestëmmeg deen heite Veräiner e Subsid vu 75 € zouzespriechen:

  1. Les Amis du Tibet Luxembourg a.s.b.l.;
  2. Care in Luxemburg a.s.b.l.;
  3. Association Luxembourg Alzheimer;
  4. Lëtzebuerger Blannevereenegung;
  5. FëBLUX – Fir ëffentlech Bibliotheiken; Lëtzebuerg a.s.b.l.;

- dem Veräin „Frënn vum Pompjeesmusée an der Géitz Nidderwoltz" kee Subsid ze ginn;

- mat 7 Stëmme géint 1 Stëmm „50 Joer Maacher Lycée" kee Subsid ze ginn. De Schäffe Moulin huet sech fir dëse Subsid ausgesprach.

**6.** Wärend d'Gemeng wéinst dem COVID-19 fir de Public zou bleift, ginn d'Valorlux-Tuten an enger Këscht

virun der Gemeng ugebueden, d'Leit kënnen sech hei zerwéieren.

De Conseiller Bender informéiert, datt d'Bänk am Alewee verschwonnen ass a freet ob d'Gemeng oder de Syndikat sech ëm d'Ersetze këmmert. De Schäfferot äntwert, datt effektiv mam Responsabel vum Syndikat muss iwwer d'Flécken an den Ënnerhalt vun de jeweilege Bänke geschwat ginn.

D'Buergermeeschtesch informéiert, datt de Schäfferot entscheet huet, net méi mam Architekt zesummenzeschaffen, deen 2017 mat der Gestaltung vun der Spillplaz bei der Heringer Millen beoptragt gouf, an datt si en aneren Architektebüro chargéiert hunn, fir mat der Realisatioun vum Projet weiderzekommen. Deemno misst am nächste Gemengerot iwwert en neie Projet ofgestëmmt ginn.

De Schäfferot informéiert, datt d'Madamm Damaris Pletschette hir Demissioun an der Kultur- an Tourissemskommissioun eragereecht huet. Si bleift weiderhi Member vum Redaktiounskomitee vum „De FUUSS".





Gemengerot mat Social distancing

*Fotoen: Marc Barthelemy*

# LES RAPPORTS DES RÉUNIONS DU CONSEIL COMMUNAL

Les présents rapports sont établis par le secrétariat communal, contrôlés par les conseillers et approuvés par la bourgmestre. Ils se fondent sur les délibérations du conseil communal dont les décisions sont inscrites sous leur forme exacte au régistre des délibérations, signés par tous les conseillers. Tout citoyen peut consulter ce régistre dans les localités de l'administration communale.

Les présents rapports sont rédigés d'une façon plus compréhensible, avec davantage d'explications. C'est pourquoi la version française et la version luxembourgeoise peuvent légèrement diverger. Dans ce cas, les décisions inscrites au régistre des délibérations font foi.

## RÉUNION DU CONSEIL COMMUNAL 2019/9

**Séance du mardi, le 17 décembre 2019**

Présents :

// HENX-GREISCHER Andrée, bourgmestre,
// BOONEN Serge,
// MOULIN Théo, échevins,
// BARTHELEMY Marc,
// BENDER Maxime,
// MEYERS Corinne,
// MICHELS Mike,
// THOLL Jean-Joseph,
// TOBES Romain, conseillers,
// DIMMER Martine, secrétaire.

Excusés : /

**Ordre du jour**

| | |
|---|---|
| 2019-09-01 | Questions des membres du conseil communal au collège des bourgmestre et échevins. |
| 2019-09-02 | Budget rectifié 2019 et budget 2020. |
| 2019-09-03 | Décompte de travaux extraordinaires. |
| 2019-09-04 | Mise en état d'un chemin rural à Waldbillig. |
| 2019-09-05 | Convention d'une servitude d'utilité publique. |
| 2019-09-06 | Réaffectation du chemin communal « Oben Kilker » à Freckeisen. |
| 2019-09-07 | Morcellement d'un terrain sis à Christnach. |
| 2019-09-08 | Demandes de subside. |
| 2019-09-09 | Divers. |

**1.** Aucune question n'a été introduite par les membres du conseil communal au collège des bourgmestre et échevins avant la réunion du conseil communal.

**2.** Le conseil communal

- arrête unanimement le budget rectifié de l'exercice 2019 selon le tableau ci-après :

| | |
|---|---|
| Recettes extraordinaires : | 825.612,53 € |
| Dépenses extraordinaires : | 5.962.312,09 € |
| Recettes ordinaires : | 7.077.813,60 € |
| Dépenses ordinaires : | 4.385.003,20 € |
| Report 2018 : | 3.907.091,36 € |
| Boni présumé fin 2019 : | 1.463.202,20 € |

- arrête avec 7 voix contre 2 voix le budget de l'exercice 2020 selon le tableau ci-après :

| | |
|---|---|
| Recettes extraordinaires : | 1.730.349,00 € |
| Dépenses extraordinaires : | 5.689.541,85 € |
| Recettes ordinaires : | 7.485.733,49 € |
| Dépenses ordinaires : | 4.725.848,90 € |
| Report 2019 : | 1.463.202,20 € |
| **Boni définitif :** | **263.893,94 €** |

Les conseillers Bender et Tobes n'ont pas approuvé le budget 2020.

**3.** Le conseil communal marque son accord au décompte concernant les travaux de stabilisation, de consolidation et de sécurisation d'un rocher d'envergure au Schiessentümpel à Mullerthal au montant de 74.612,42 €.

**4.** Le conseil communal marque son accord au devis de 262.000,00 € (TVA comprise) concernant le projet relatif au reprofilage, à la mise en œuvre d'enrobés denses à chaud et au goudronnage du chemin rural au lieu-dit « Auf Bunterhoecht » à Waldbillig.

5. Le conseil communal marque son accord à la convention de servitude d'utilité publique aux termes de laquelle l'Administration communale de Waldbillig est autorisée de passer par un terrain sis à Waldbillig, section B de Waldbillig, inscrit au cadastre sous le numéro 1363, par une conduite d'eau et des tuyaux vides sur une longueur de 94m.

6. Le conseil communal décide avec 6 voix contre 2 voix et une abstention de garder le chemin communal « Oben Kilker » à Freckeisen fermé au passage de piétons et de conclure une convention de mise à disposition avec l'exploitant du terrain en question. Les conseillers Bender et Tobes se prononcent contre cette décision, tandis que le conseiller Michels s'abstient.

7. Le conseil communal décide à l'unanimité des voix de marquer son accord au projet de morcellement de la parcelle inscrite au cadastre sous le numéro 2004/4027, section C de Christnach, en trois parcelles cadastrales.

8. Le conseil communal décide

   - à l'unanimité des voix d'accorder un subside de 75 € aux associations suivantes :

     - Caritas Luxembourg,
     - Service de consultation et d'aide pour troubles de l'attention, de la perception et du développement psychomoteur – SCAP,
     - Fleegeelteren Lëtzebuerg,
     - Fir d'Kanner a Latäinamerika,
     - CEBA – 75 Joer Libératioun Gemeng Cliärref erënnert sech,

   - de ne pas accorder de subside à Tukwataniise asbl et

   - avec 7 voix contre 2 voix de ne pas accorder de subside à Catch a Smile asbl. Les conseillers Michels et Tobes se prononcent en faveur de l'octroi d'un subside en faveur de cette association.

9. La bourgmestre informe que l'Association Luxembourg Alzheimer vient de l'informer qu'un droit d'admission prioritaire supplémentaire pour notre commune est réservé.

   La conseillère Meyers informe que l'association « le Rêve du Petit Prince » est disposée à mettre à disposition des élèves de l'école fondamentale un Airtramp, c'est-à-dire un grand trampolin sur coussin d'air. Cet Airtramp pourra aussi être utilisé par les enfants qui fréquentent la Maison relais.

   Le conseiller Tobes se renseigne sur le fonctionnement des clochers de l'église de Haller suite à la publication d'un article dans le journal « Tageblatt » du 23/24 novembre 2019 sous la rubrique Leserforum, dénommé « Die traurige, aber leider wahre Geschichte einer Kirchenuhr in Luxemburg ». Dans cet article est expliqué que les clochers de l'église à Haller ne sonnent pas correctement bien que l'administration communale en ait été en connaissance de cause. La bourgmestre explique que les agents communaux n'avaient pas interprété correctement les sons des clochers et qu'une firme spécialisée s'est occupée suite à l'article susnommé de la rectification de la sonnerie.

## RÉUNION DU CONSEIL COMMUNAL 2020/1

**Séance du mardi, le 11 février 2020**

Présents :

// HENX-GREISCHER Andrée, bourgmestre,
// BOONEN Serge,
// MOULIN Théo, échevins,
// BENDER Maxime,
// MEYERS Corinne,
// MICHELS Mike,
// THOLL Jean-Joseph,
// TOBES Romain, conseillers,
// DIMMER Martine, secrétaire.

Excusés :

// BARTHELEMY Marc, conseiller.

**Ordre du jour**

| | |
|---|---|
| 2020-01-01 | Questions des membres du conseil communal au collège des bourgmestre et échevins. |
| 2020-01-02 | Prorogation de l'heure d'ouverture de tous les débits de boissons de la |

| | |
|---|---|
| | commune de Waldbillig à l'occasion de certaines fêtes en 2020. |
| 2020-01-03 | Approbation d'une modification budgétaire extraordinaire. |
| 2020-01-04 | Approbation d'un contrat de bail concernant la location de la maison sise à Christnach, 1, Gaessel. |
| 2020-01-05 | Projet d'extension de la buvette au terrain de football à Christnach. |
| 2020-01-06 | Compte administratif de l'année budgétaire 2018. |
| 2020-01-07 | Compte de gestion de l'année budgétaire 2018. |
| 2020-01-08 | Demande de morcellement d'un terrain à Haller. |
| 2020-01-09 | Demande de subside extraordinaire. |
| 2020-01-10 | Demandes de subside. |
| 2020-01-11 | Divers. |

Conformément à l'article 13 de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988 le conseiller Marc Barthelemy a demandé par écrit, sur demande de la commission de la culture et du tourisme, à la bourgmestre de faire figurer aussi les points suivants sur l'ordre du jour :

2020-01-12 <u>Manifestations culturelles dans la commune</u>

Le conseil communal est d'accord (ou non) à ce que la commission de la culture et du tourisme (CCT) supporte avec une partie de l'argent mis à sa disposition par la commune des manifestations culturelles, qui répondent aux critères suivants :

- Il s'agit d'une manifestation culturelle qui se déroule dans la commune et qui est organisée par une association locale.
- Cette manifestation s'adresse au public.
- La CCT constate une exigence culturelle ambitieuse.

Le support financier se limite à un maximum de 500 € par concert.

Pour l'année 2020 la CCT supporte les deux concerts de l'association locale « Uergelfrënn ».

<u>Fête du village 2020</u>

La fête du village projetée pour le 12 juillet 2020 sera accompagnée de 17 à 21 heures de musique. Ceci, avant le début du championnat d'Europe de foot.

Le conseil communal demande à la CCT de chercher un groupe de musique, de préférence de musique dixieland, pour animer ladite soirée.

<u>Projet visant à embellir les murs auprès du hall sportif</u>

Le conseil communal demande un projet visant à embellir les murs auprès du hall sportif. Le collège des bourgmestre et échevins se charge de la vérification de la faisabilité et du budget en tenant compte des possibilités suivantes :

- une entreprise, pour une peinture en couleur ordinaire ;
- un ou plusieurs artistes avec son ou leurs projets ;
- un artiste pour un projet avec les enfants de l'école fondamentale de Waldbillig ;
- un artiste pour un projet avec le Club des jeunes.

La CCT est à demander pour avis.

<u>Concert „soirée luxembourgeoise“ en octobre 2020</u>

Le conseil communal est d'accord à ce que la CCT organise en automne une soirée luxembourgeoise dans la « Greisenscheier ».

Sont envisagés : les 10 et 17 octobre, des concerts avec « Cojellico's Jangen », le

« Mëllerdaller Männerchouer » ainsi qu'un troisième groupe de musique.

Plateforme culturelle

Sur propose de la CCT, le conseil communal envisage une plateforme culturelle devant la mairie. Le collège des bourgmestre et échevins se charge de la vérification de la faisabilité et du budget.

La CCT propose les modalités suivantes :

- La CCT demande aux artistes de présenter leurs projets. Un endroit devant la mairie sera aménagé à cette fin. Il pourrait s'agir d'une borne similaire à celle qui montre les bustes de Michel Rodange et d'André Hentges.

- Chacun peut déposer son projet. Les artistes de la commune et de la région ont priorité.

- La demande doit définir le projet, ceci avec du texte et des images ou des esquisses. La CCT retient les projets, pouvant être exposés et définit la période de l'exposition, qui prend au moins six mois. Le conseil communal doit y donner son accord.

- Avant d'y installer le projet, l'avis du service technique en rapport avec la mise en place et l'accord du conseil communal doivent être demandés. Le service technique détermine le choix de la fixation de l'objet.

- L'objet reste propriété de l'artiste. Les frais pour la réalisation de l'objet sont supportés par l'artiste/par la commune. La CCT détermine à quel point elle supporte les frais engendrés par l'installation du panneau explicatif.

- L'objet pouvant être vendu, l'artiste s'engage, le cas échéant à céder un quart de la recette à la commune.

Conformément à l'article 13 de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988 les conseillers Maxime Bender, Mike Michels et Romain Tobes ont demandé par écrit à Madame la bourgmestre de faire figurer aussi le point suivant sur l'ordre du jour :

2020-01-13 Remise en état du chemin rural à hauteur du Golf entre les lieux-dits « Azéngen » et « Urbicht » sur une longueur d'environ 120 mètres.

2020-01-14 Modification des statuts du Syndicat du Parc Naturel Mëllerdall.

**1.** Les questions suivantes sont posées par les conseillers Bender, Michels et Tobes :

*Suite aux averses violentes de juillet 2018 le hall sportif a été inondé. Lors des réunions de travail qui ont suivi cet évènement, il a été discuté sur la possibilité de hausser les bordures respectivement d'élever les lucarnes des fenêtres ou d'installer un rempart sur le terrain adjacent.*

- Quelles mesures ont été prises respectivement mises en oeuvre jusqu'à présent ?

  La bourgmestre explique que suite aux pourparlers menés avec le propriétaire du terrain situé du côté opposé du hall sportif, la commune prépare une convention de servitude d'utilité publique afin de pouvoir creuser une tranchée sur ce terrain qui servira à évacuer les eaux en cas de forte pluie. De nouveaux caniveaux seront mis en place à la sortie du chemin rural et à la sortie des eaux du terrain sur lequel l'eau sera déviée. Un aménagement de fenêtres de protection contre les eaux aurait été une mesure très coûteuse.

- Quand est-ce que pourrons-nous espérer une étude sur la gestion des pluies fortes ?

  Le collège échevinal explique que d'après information du bureau en charge de l'étude sur la gestion des fortes pluies, l'étude sera finalisée en cours de la semaine subséquente. Le bureau viendra la présenter alors au Collège des bourgmestre et échevins.

*La problématique du logement ne se montre non seulement au niveau national mais revendique également les communes de petite taille à chercher des solutions. Les communes se sont données un instrument à travers le Pacte logement, d'où jusqu'à présent (2018) 96 communes ont signé une convention avec l'État.*

*Seulement 6 communes dont celle de Waldbillig n'ont pas signé de convention.*

- Quelle est la position du collège échevinal au sujet du Pacte logement ?

  Madame la bourgmestre répond que les membres du collège échevinal actuels n'étaient pas encore en fonction quand la décision de ne pas participer au Pacte logement était prise. Apparemment la raison pour laquelle la commune de Waldbillig n'a pas demandé officiellement de participer au Pacte logement était que les responsables communaux mettaient en cause le taux de croissance de la population prescrit. Le collège échevinal propose de s'informer au sujet du Pacte logement 2.0 en voie d'élaboration.

- Quelles possibilités voit le collège échevinal de créer des logements abordables pour des jeunes et des familles dans la commune de Waldbillig?

  La bourgmestre énonce que la commune ne dispose ni de terrains, ni de bâtiments qui peuvent servir à l'aménagement de logements sociaux.

**2.** Le conseil communal décide unanimement de proroger l'heure d'ouverture jusqu'à trois heures du matin de tous les débits de boissons alcooliques à consommer sur place de la commune de Waldbillig aux dates suivantes :

| | |
|---|---|
| Fête nationale : | du 22.06.2020 au 23.06.2020 |
| **Kermesses :** | |
| Haller : | du samedi au dimanche<br>du dimanche au lundi |
| Christnach : | du samedi au dimanche<br>du dimanche au lundi |
| Waldbillig : | du samedi au dimanche<br>du dimanche au lundi |
| Saint Sylvestre : | du 31.12.2020 au 01.01.2021 |

**3.** Le conseil communal décide à l'unanimité des membres présents de voter sous l'article 4/630/222100/17004 - renouvellement de la conduite d'eau rue de Christnach à Waldbillig un crédit de 24.000,00 € servant à régler des factures en suspens relatives au projet en question.

**4.** Le conseil communal décide à l'unanimité des membres présents de marquer son accord au contrat de bail du 14 janvier 2020 aux termes duquel l'Administration communale de Waldbillig, loue à Monsieur Paul Yves Lufuluabo Lushiku et à Madame Lukusa Angel Ngombabu une maison d'habitation sise à L-7641 Christnach, 1, Gaessel.

**5.** Le conseil communal décide à l'unanimité des membres présents d'approuver le projet relatif à l'extension de la buvette au terrain de football à Christnach, dressé le 31.01.2020 par le bureau d'architecture MN architectes de L-6486 Echternach, avec un montant total de 1.063.614,00 € TVA et honoraires d'architectes compris.

**6.** Le conseil communal arrête provisoirement le compte administratif de l'exercice 2018 conformément au tableau ci-après :

| | Service ordinaire : | Service extraordinaire : |
|---|---|---|
| Total des recettes : | 6.723.136,50 | 926.215,89 |
| Total des dépenses : | 3.839.057,91 | 2.942.830,26 |
| Boni du comte 2017 : | 3.039.627,14 | |
| **Boni définitif :** | **3.907.091,36** | |

**7.** Le conseil communal arrête provisoirement le compte de gestion pour l'exercice 2018 conformément au tableau ci-après :

| | Service ordinaire : | Service extraordinaire : |
|---|---|---|
| Total des recettes : | 6.723.136,50 | 926.215,89 |
| Total des dépenses : | 3.839.057,91 | 2.942.830,26 |
| Boni du comte 2017 : | 3.039.627,14 | |
| **Boni définitif :** | **3.907.091,36** | |

**8.** Le conseil communal décide à l'unanimité des membres présents de marquer son accord au projet de morcellement de la parcelle inscrite au cadastre sous le numéro 959/2218, section A de Haller, en deux parcelles de taille identique.

**9.** Le conseil communal décide avec six voix contre une voix et une abstention de ne pas accorder de subside extraordinaire à l'association « Waldbëlleger Musek » servant de participation financière aux frais d'installation d'éclairage. Le conseiller Tholl se prononce en faveur d'un subside et le conseiller Michels s'abstient du vote.

**10.** Le conseil communal décide :

- à l'unanimité des membres présents d'accorder un subside de 75 € aux associations suivantes :

  1. Lux-Lagos asbl ;
  2. Memoshoah Luxembourg asbl ;
  3. Caritas Luxembourg ;
  4. Unicef Lëtzebuerg ;
  5. Lëtzebuerger Guiden a Scouten RaRo ;
  6. SOS Sahel International Luxembourg ;
  7. Les Amis du TIBET Luxembourg asbl ;
  8. SOS Faim asbl ;
  9. El Salvador – Luxembourg ;
  10. Natur & Ëmwelt ;
  11. Handicap International ;

- avec 7 voix contre une voix d'accorder un subside de 75 € à la Croix-Rouge luxembourgeoise ;

- à l'unanimité des membres présents d'accorder un subside de 500 € au profit de Télévie Echternach 2020 et de retenir que la commune participe dorénavant chaque année avec un montant de 500 € à l'Action Télévie.

**11.** Le Conseil communal fixe les dates pour les prochains bulletins communaux :

- Pour le « De FUUSS 2020-2 » les articles à publier sont à transmettre au team rédactionnel pour le 27 avril au plus tard et la livraison du bulletin à la commune est prévue pour le 11 juin.

- Pour le numéro « De FUUSS 2020-3 », les articles sont à introduire pour le 31 juillet et la livraison est attendue pour le 17 septembre 2020.

La bourgmestre communique au conseil communal que le SIDEST vient d'annuler le projet de construction d'une station d'épuration à Christnach, suite aux investigations géotechniques effectuées. En fait, le projet ne peut pas être effectué tel qu'il a été présenté au ministère du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire. Le projet sera remanié et devra être soumis de nouveau à une autre procédure de commodo et incommodo.

La conseillère Meyers rapporte les sujets traités lors de la dernière réunion de la commission de surveillance de l'asbl Alzheimer Luxembourg. Actuellement il y a 116 personnes logées au *Wohn- und Pflegeheim « Beim Goldknapp »* à Erpeldange, tandis que 142 personnes sont inscrites sur la liste d'attente dont 42 cas urgents. 36 chambres supplémentaires seront aménagées dont la commune de Waldbillig s'est engagée pour un droit prioritaire supplémentaire.

Le conseiller Tobes souligne que sur le chemin piétonnier « Fuussepad », c'est-à-dire le chemin qui relie l'école préscolaire à l'école fondamentale et la Maison relais, l'écoulement d'eaux pluviales se présente fort et qu'il y a beaucoup de flaques d'eau qui incitent les enfants à y sauter. L'eau descend particulièrement fort des jardins privés situés en amont du chemin.

Le collège échevinal évoque que de nouvelles fenêtres ont été commandées pour le bâtiment qui abrite l'école préscolaire à Waldbillig.

Le conseiller Tobes demande plus d'objectivité politique dans les rapports publiés au FUUSS. Il souhaite que tous les noms et remarques des conseillers respectifs soient mentionnés. Concernant la discussion du budget 2020 par exemple, on retrouve seulement la remarque que les conseillers Bender et Tobes n'ont pas approuvé celui-ci. Des points essentiels que les deux conseillers avaient relevés n'ont pas été mentionnés dans le rapport. Les deux conseillers n'ont pas reçu de réponses à leurs questions concernant quelques positions budgétaires, les subsides des associations ont été mal calculés ou mal indexés et les deux conseillers ne voulaient pas accorder un prêt de 500.000 € afin d'atteindre un bénéfice dans le budget communal, entre autres. Le collège échevinal répond au conseiller Tobes qu'il prie les conseillers de mentionner en avance ce qui leur importe d'être retenu dans le rapport.

[La rédaction du FUUSS précise que ces rapport sont élaborés par l'administration communale sous l'égide de la bourgmestre, en non pas par la rédaction du FUUSS, avant d'être publiés.]

**12.** Conformément à l'article 20 de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988, le conseiller Bender en tant que président de la commission de la culture et du tourisme quitte la salle et ne prend part ni au vote ni aux discussions.

*Le conseil communal est d'accord (ou non) à ce que la commission de la culture et du tourisme (CCT) supporte avec une partie de l'argent mise à disposition par la commune des manifestations culturelles, qui répondent aux critères suivants:*

- *Il s'agit d'une manifestation culturelle qui se déroule dans la commune et qui est organisée par une association locale.*
- *Cette manifestation s'adresse au public.*
- *La CCT relève une exigence culturelle ambitieuse.*

*Le support financier se limite à un maximum de 500 € par concert.*

*Pour l'année 2020 la CCT supporte les deux concerts de l'association locale « Uergelfrënn ».*

D'après la législation communale en vigueur, la commune est seule autorisée à liquider des subsides en faveur d'associations locales. Les commissions des communes n'ont pas le droit à soutenir les associations par le biais du budget qui leur est accordé par le conseil communal, une telle dépense serait à considérer comme illégale. Dès lors, un vote sur le point en question s'avère superflu.

*La fête du village projetée pour le 12 juillet 2020 sera accompagnée de musique de 17 à 21 heures. Ceci, avant le début du championnat d'Europe de foot.*

*Le conseil communal demande à la CCT de chercher un groupe de musique, de préférence de musique dixieland, pour animer ladite soirée.*

La bourgmestre demande si le conseil communal est d'accord de charger la commission de chercher un groupe de musique afin d'embellir la fête du village qui se tiendra à Christnach. Ce point est retenu avec sept voix.

*Le conseil communal demande un projet visant à embellir les murs auprès du hall sportif. Le collège des bourgmestre et échevins se charge de la vérification de la faisabilité et du budget en tenant compte des possibilités suivantes :*

- *une entreprise, pour une peinture en couleur ordinaire ;*
- *un ou plusieurs artistes avec son ou leurs projets ;*
- *un artiste pour un projet avec les enfants de l'école fondamentale de Waldbillig ;*
- *un artiste pour un projet avec le club des jeunes.*

*La CCT est à demander pour avis.*

À l'unanimité des voix, le conseil communal décide de reporter ce point et de le discuter en premier lieu pendant une réunion de travail du conseil communal.

*Le conseil communal est d'accord à ce que la CCT organise en automne une soirée luxembourgeoise dans la « Greisenscheier ».*

*Sont envisagés: soit le 10, soit le 17 octobre, des concerts avec « Cojellico's Jangen », le « Mëllerdaller Männerchouer » ainsi qu'un troisième groupe de musique.*

Le conseil communal approuve l'idée d'une soirée luxembourgeoise avec les groupes de musique nommés aux dates mentionnées. Or, le collège échevinal rend attentif au fait que la « Greisenscheier » n'est pas adaptée aux besoins des personnes handicapées et veut d'abord vérifier la sécurité de la « Greisenscheier ». Le conseil communal décide avec sept voix de vérifier la sortie de secours avant de se prononcer en faveur d'un concert dans la salle en question.

*Sur propose de la CCT, le conseil communal envisage une plateforme culturelle devant la mairie. Le collège des bourgmestre et échevins se charge de la vérification de la faisabilité et du budget.*

*La CCT propose les modalités suivantes :*

- *La CCT demande aux artistes de présenter leurs projets. Un endroit devant la mairie sera aménagé à cette fin. Il pourrait s'agir d'une borne similaire à celle qui montre les bustes de Michel Rodange et d'André Hentges.*

- *Chacun peut déposer son projet. Les artistes de la commune et de la région ont priorité.*

- *La demande doit définir le projet, ceci avec du texte et des images ou des esquisses. La CCT retient les projets, pouvant être exposés et définit la période de l'exposition, qui prend au moins six mois. Le conseil communal doit en être d'accord.*

- *Avant d'y installer le projet, l'avis du service technique en rapport avec la mise en place et l'accord du conseil communal doivent être demandés. Le service technique détermine le choix de la fixation de l'objet.*

- *L'objet reste propriété de l'artiste. Les frais pour la réalisation de l'objet sont supportés par l'artiste/ par la commune. La CCT détermine à quel point elle supporte les frais engendrés par l'installation et du panneau explicatif.*

- *L'objet pouvant être vendu, l'artiste s'engage, le cas échéant à céder un quart de la recette à la commune.*

Le conseil communal décide avec sept voix de reporter le sujet ci-dessus et de le traiter en premier lieu dans une réunion de travail du conseil communal.

**13.** Le conseil communal décide à l'unanimité des membres présents de charger une entreprise de la réfection du chemin rural situé à hauteur de Christnach-Waldbillig (Golf) entre les lieux-dits « Azéngen » et « Urbicht » sur une longueur de +/- 120m.

**14.** Sur demande de la bourgmestre, le conseil communal approuve unanimement l'urgence d'approuver l'ajout du point supplémentaire portant sur la modification des statuts du Syndicat pour l'aménagement et la gestion du Parc Naturel Mëllerdall. Le conseil communal décide à l'unanimité des membres présents d'approuver la modification des statuts du Syndicat pour l'aménagement et la gestion du Parc Naturel du « Mëllerdall », en abrégé « Naturpark Mëllerdall ».

# RÉUNION DU CONSEIL COMMUNAL 2020/2

**Séance du mardi, le 24 mars 2020**

Présents, en personne ou par vidéoconférence :

// HENX-GREISCHER Andrée, bourgmestre,
// BOONEN Serge,
// MOULIN Théo, échevins,
// BARTHELEMY Marc,
// BENDER Maxime,
// MEYERS Corinne,
// THOLL Jean-Joseph,
// TOBES Romain, conseillers,
// DIMMER Martine, secrétaire.

Excusés :

// MICHELS Mike, conseiller.

**Ordre du jour**

| | |
|---|---|
| 2020-02-01 | Informations du collège des bourgmestre et échevins aux membres du conseil communal sur la situation actuelle du COVID-19. |
| 2020-02-02 | Questions des membres du conseil communal au collège des bourgmestre et échevins. |
| 2020-02-03 | Création d'un poste d'adjoint au responsable du service technique (m/f) du groupe de traitement B1, sous-groupe technique à raison de 40 heures par semaine. |
| 2020-02-04 | Convention de mise à disposition d'un chemin communal. |
| 2020-02-05 | Demandes de subside. |
| 2020-02-06 | Divers. |

**1.** Vu la pandémie du COVID-19 à laquelle le Luxembourg doit faire face, le collège échevinal informe les membres du conseil communal sur la situation actuelle :

- Le Syvicol met les communes au courant des dernières informations et recommandations et des circulaires sont régulièrement envoyées à la commune.

- Les bureaux de la commune sont fermés au public et le personnel est joignable par téléphone et e-mail.

- En vue de préserver la santé des agents communaux, un agent communal est toujours présent à la commune tandis que les autres font du télétravail.

- Les certificats peuvent être commandés et sont alors envoyés.

- La commune a instauré un numéro de téléphone d'urgence qui fonctionne en dehors des heures normales de travail.

- Actuellement il n'y a pas de délivrance de passeports.

- Les citoyens sont priés de prendre un rendez-vous à la commune pour les cas urgents.

- Les ouvriers communaux ne travaillent qu'à deux par alternance pendant une demi-journée et restent toujours joignables. Ils sont demandés de garder distance entre eux.

- Une des femmes de charge se trouve en congé pour raisons familiales, deux autres en dispense et les autres finissent les travaux à faire et travaillent par alternance.

- Le personnel enseignant travaille avec les élèves par télétravail.

La commune veille à tenir ses citoyens au courant par moyen du site internet et par Facebook. Par le moyen de Facebook, la commune joigne particulièrement un public jeune. Un flyer renseignant sur les numéros et adresses e-mails importants a été distribué à tous les ménages. Un certain nombre d'habitants s'est déclaré prêt à assister les personnes vulnérables en offrant de faire leurs achats.

Le conseiller Barthelemy informe que les préparations du bulletin communal « De FUUSS » continuent comme dorénavant.

Concernant l'organisation de la fête du village prévue pour le 12 juillet 2020, le collège échevinal est d'avis qu'il y a lieu d'attendre l'évolution de la crise. En ces moments, on est juste au courant que le Championnat d'Europe de football est suspendu en raison de la pandémie et reporté d'un an. Le conseiller Bender garde le contact avec le groupe de musique engagé pour cette fête.

Le collège échevinal informe qu'en ces temps de crise les enterrements sont limités à la présence de la famille proche et qu'il est conseillé de publier les annonces de décès après les enterrements.

Le collège échevinal informe qu'il propose de suspendre le loyer dû à la commune aux locataires de la brasserie Heringer Millen conformément au modèle d'autres communes jusqu'à ce que le gouvernement décide de la réouverture des restaurants.

Le conseiller Tobes demande si le Syvicol prévoit que les communes aident financièrement les entreprises. Le collège échevinal explique qu'une telle décision s'avère impossible car elle engendrait une double aide financière, accessoire à celle du ministère de l'Économie.

**2.** La question suivante est posée par les conseillers Bender, Michels et Tobes :

*Lors de sa réunion du 23 septembre 2019, le conseil communal a décidé unanimement de créer une crèche pour enfants âgés de 3 mois à 4 ans dans le bâtiment communal accolé au Précoce à Haller.*

- Où en sommes-nous avec ce projet ?

La bourgmestre explique que le projet en question n'est pas une des premières priorités du collège échevinal. Le budget 2020 prévoit un montant de 50.000 € pour la planification. Les projets en cours sont d'abord finalisés, notamment l'escalier de secours de la salle de musique, l'aire de jeux à la Heringer Millen, la buvette au terrain de football à Christnach et l'extension de la mairie. En premier lieu, une levée avec inventaire préliminaire seront faits, suivis de la phase préliminaire. Le collège échevinal remarque que le moment venu il va revenir sur ce projet.

*Le conseiller Bender se renseigne sur la durée de la fermeture de la rue entre Waldbillig et Mullerthal.*

L'échevin Boonen informe qu'initialement il était prévu d'achever les travaux en juin, mais, qu'actuellement avec le changement de la situation suite à la crise sanitaire, on ne peut prévoir la réouverture de la rue

avant l'hiver. L'échevin Moulin rappelle que la route à Savelborn a été barrée pendant plus d'un an.

**3.** Le conseil communal décide de créer un poste de fonctionnaire communal du groupe de traitement B1, sous-groupe technique à raison de 40 heures par semaine qui assumera la fonction d'adjoint au responsable du service technique.

**4.** Le conseil communal marque avec six voix contre deux voix son accord à la convention, aux termes de laquelle l'administration communale met à disposition de Monsieur Armand Duschang et Madame Gilberte Marie Bintner le chemin, sis à Freckeisen, situé entre les sections B de Waldbillig et C de Christnach sur une longueur totale de 264,8 mètres. L'occupant, compte tenu de la qualité du propriétaire, ne pourra exercer son droit de préemption sur le chemin objet de la convention. Il utilisera le bien dans le cadre de son exploitation agricole. Les conseillers Bender et Tobes se sont prononcés contre la décision.

**5.** Le conseil communal décide :

- à l'unanimité des voix d'accorder un subside de 75 € aux associations suivantes :

  1. Les Amis du Tibet Luxembourg a.s.b.l. ;
  2. Care in Luxemburg a.s.b.l. ;
  3. Association Luxembourg Alzheimer ;
  4. Lëtzebuerger Blannevereenegung ;
  5. FëBLUX – Fir ëffentlech Bibliotheiken Lëtzebuerg a.s.b.l ;

- de ne pas accorder de subside à Frënn vum Pompjeesmusée an der Géitz Nidderwooltz ;

- avec sept voix contre une voix de ne pas accorder de subside à 50 Joer Maacher Lycée. L'échevin Moulin s'est prononcé en faveur de l'allocation du subside en question.

**6.** Pendant le temps que la mairie reste fermée au public à cause du COVID-19, les sacs bleus sont mis à disposition des citoyens dans un caisson à l'entrée de la mairie et chacun est invité à se servir.

Le conseiller Bender informe que le banc dans le chemin « Alewee » a disparu et se renseigne si la commune ou le syndicat est responsable de son remplacement. Le collège échevinal répond qu'il y a effectivement lieu de discuter avec le responsable du syndicat de l'entretien des bancs et de la répartition des travaux d'entretien.

La bourgmestre informe que le collège échevinal a décidé de ne plus collaborer avec l'architecte chargé en 2017 de la conception de l'aire de jeux à Mullerthal et qu'ils ont chargé un autre bureau afin d'avancer dans la réalisation du projet. Dès lors, il y aura lieu de voter un nouveau projet lors de la prochaine séance du conseil communal.

Le collège échevinal informe que Madame Damaris Pletschette a introduit sa démission au sein de la commission de la culture et du tourisme. Elle reste dorénavant membre du comité de rédaction « De FUUSS ».



Gemengerot per Webinar *Foto: Marc Barthelemy*





*Foto: Maud Moulin*

*Foto: Marc Barthelemy*



## EUROPADAG

Den 9. Mee 2020 war jo fir déi zweete Kéier en offizielle Feierdag zu Éiere vun der Europäescher Gemeinschaft. Et war dëst Joer keng esou glécklech Stëmmung, well jo d'Grenze wéint dem Coronavirus zou waren. Virun allem eis däitsch Noperen hunn an där Situatioun d'Grenzgänger därmoosse schikanéiert, datt et all Dag zu laange Staue komm ass, an déi Leit, déi aus Däitschland heihinner schaffe kommen, stonnelaang hu misse waarde fir erëm heemzekommen.

Grad fir un déi gemeinsam Idealer ze erënneren, hate sech a ville Gemengen an och zu Waldbëlleg Vertrieder vu Schäffen- a Gemengerot zesummefonnt, am Respekt vun de Gesondheetsmoossnamen an der tëschemënschlecher Distanz, fir un dem Robert Schuman seng Deklaratioun vum 9. Mee 1950 ze erënneren.

D'Buergermeeschtesch huet eng Usprooch gehalen an dobäi fir en Europa mat oppene Grenzen plaidéiert. Si huet virun allem dorobber higewisen, datt kee soll d'Recht hunn, d'Leit an hir Liewensgewunnechten duerch Grenzen ze blockéieren.

Dono ass den Europafändel eropgezu ginn.

*Marc Barthelemy*

# ZIVILSTAND // ÉTAT CIVIL

## Gebuerten // *Naissances*

| | | | |
|---|---|---|---|
| 04/01/2020 | **Martins da Costa** | Kelly Rose | *Waldbëlleg* |
| 27/01/2020 | **Besnard** | Ben | *Haler* |
| 14/02/2020 | **Welter** | Lio | *Waldbëlleg* |
| 23/02/2020 | **Coval Alves** | Mathias Dinis | *Chrëschtnech* |
| 27/03/2020 | **Gleis** | Theo | *Waldbëlleg* |
| 30/03/2020 | **Buchholtz** | Milla Lóa Romsdottir | *Freckeisen* |
| 02/04/2020 | **Lavinas** | Elysa | *Chrëschtnech* |
| 10/04/2020 | **Lopes Nogueira** | Gabriel | *Chrëschtnech* |
| 10/04/2020 | **Lopes Nogueira** | Diego | *Chrëschtnech* |

## Bestietnesser // *Mariages*

| | | |
|---|---|---|
| 27/12/2019 | **Dos Santos Pereira** Gonçalo & **Da Gama Pereira** Patricia | *Chrëschtnech* |

## Pacs // *Partenariats*

| | | |
|---|---|---|
| 19/12/2019 | **Miny** Conny & **Michels** Nadja | *Waldbëlleg* |

## Stierffäll // *Décès*

| | | |
|---|---|---|
| 13/01/2020 | **Keiffer** Tommy | *Chrëschtnech* |
| 08/03/2020 | **Petry** Celine Marie Therese | *Chrëschtnech* |
| 03/04/2020 | **Duschang** Patrick | *Freckeisen* |
| 31/03/2020 | **Rippinger** Aloyse | *Waldbëlleg* |
| 22/04/2020 | **Leyder** Sylvie Marguerite | *Waldbëlleg* |

# MIR GRATULÉIEREN!



- De 27. Dezember 2019 hunn **d'Patricia Da Gama Pereira an de Gonçalo Dos Santos Pereira** sech bestuet.

- Den 19. Dezember 2019 hunn **d'Conny Miny an d'Nadja Michels** sech gepacst.

- Den 19. Februar huet d'Madame **Lilly RUPPERT** 90 Joer kritt. D'Buerger-meeschtesch an d'Schäffe ware gratuléieren.

*All eis beschte Wënsch!*



*Fotoen: Gemeng Waldbëlleg*



*Foto : Damaris*

## De Service technique vun der Gemeng Waldbëlleg

Hei sinn d'Leit vun der technescher Ekipp vun der Gemeng Waldbëlleg. Vu lénks no riets sinn dat:
Luc Kirsch, Luc Klein, Fernand Huss, Erol Mehovic, João Ferreira Nunes, Pit Larry, Léon Neuman an Armen Bahtijari.

De Fernand Huss ass de Chef vum Service technique.

# INTERVIEW MAT DER CORINNE MEYERS, GEMENGECONSEILLÈRE



### Géift Dir Iech kuerz virstellen?

Ech gouf den 21. Januar 1972 an der Stad gebuer a wunne vu Klengem un zou Chrëschtnech. Fir d'éischt um Bierg a vun 2002 un um Bangels. 1998 hunn ech mech mam Marco bestuet; 2001 gouf den Jo gebuer an 2003 d'Mara. D'Familienliewen ass fir mech immens wichteg an esou si mir véier a ville Vakanzen mam Camper ënnerwee. Ech hunn déi grouss Chance, datt meng Elteren a mäi Brudder an seng Famill och zu Chrëschtnech wunnen a mir esou zesummen d'Familienliewe richteg genéisse kënnen.

Ech sinn no der Primärschoul op Iechternach an de Lycée gaangen an duerno op Fenteng an d'Educateursschoul. Ech hunn néng Joer zu Maacher am Kannerheem geschafft. Säit 2006 schaffen ech am CDI zu Iechternach mat behënnerte Kanner a meng Aarbecht mécht mir immens vill Spaass.

Mäin Hobby ass de Basket an dat scho säit 1990, do verbrénge mir als Famill vill Zäit. De Marco huet schonn ëmmer zu Hiefenech gespillt an och den Jo an d'Mara spille Basket an dofir engagéiere mir ons alleguer fir dëse Veräin. Ech ginn och gäre mat mengem Hond, dem Nero, spadséieren a kache gären.

### Wéini a firwat sidd Dir an d'Politik gaangen?

Ech hu mech schonn ëmmer fir Gemengepolitik interesséiert a wéi ech 2017 gefrot gouf, fir mat an d'Walen ze goen, hunn ech mech dozou entscheet, dës nei Aufgab unzegoen. Ech wor och scho säit e puer Joer an der Schoulkommissioun, well ech mech wollt fir e gutt Fonctionnement vun der Schoul an der Maison relais asetzen. Ech sinn der Meenung, datt wann een eppes bewierke wëllt, et net duergeet doriwwer ze schwätzen, awer et muss een sech dann och dofir engagéieren.



**Wat si fir Iech déi wichteg Objektiver vu Gemengepolitik?**

D'Liewensqualitéit an onser Gemeng soll sech weider entwéckelen. Eng gutt Betreiung vun de Kanner an enger moderner Schoul a Maison relais ass wichteg.

Mir solle probéieren, dem Bierger sämtlech Servicer kënnen unzebidden, sief dëst am sozialen, awer och am administrative Beräich. All Generatioune sollen d'Méiglechkeet hunn, sech an onser Gemeng wuelzefillen.

D'Veräiner solle weiderhin ënnerstëtzt ginn an och d'Organiséiere vu kulturellen Aktivitéiten ass wichteg. Onsen Uertschafte soll de ländleche Charakter erhale bleiwen.

**Wéi eng politesch Dossiere leien Iech speziell um Häerz?**

D'Schoul ass e wichtegen Theema, awer och d'Maison relais. Mir hunn déi grouss Chance, an onser Gemeng eng Schoul an eng Maison relais ze hunn, déi gutt fonctionnéieren.

D'Transportméiglechkeete fir an de Lycée, awer och am Allgemengen, kënnten nach ausgebaut ginn.

Den Ausbau vum Site op der Heringer Millen mat enger pädagogescher Spillplaz soll séier fäerdeg ginn.

D'Waasserversuergung soll fir déi ganz Gemeng sécher-gestallt sinn. Awer och d'Ofwaasser, déi nei Kläranlag zu Chrëschtnech an den Héichwaasserschutz spillen eng grouss Roll.

**Soll Ärer Meenung no eng kleng Gemeng wéi Waldbëlleg onofhängeg bleiwen, oder net?**

Ech sinn der Meenung, datt ons Gemeng soll onofhängeg bleiwen.

Mir schaffe mat Nopeschgemengen gutt zesummen, wou verschidde Projeten realiséiert ginn an och als Naturparkgemeng um regionale Niveau.

**Ass d'Bedeelegung vun der Bevëlkerung u Gemengenaktivitéiten an den Interessi un der Gemengepolitik grouss genuch?**

Ech denken, datt d'Leit sech fir déi Gemengenaktiviteiten a Veräiner, déi si interesséieren och engagéieren. Awer et ass ee Phänomen vun onser Gesellschaft, datt et ëmmer méi schwéier gëtt, d'Leit fir d'Aarbecht an engem Veräinscomité ze motivéieren.

Dëst hu mir och gesi bei der Ausschreiwung vun de Gemengekommissiounen, wou et net einfach wor, Leit ze fannen, déi do matschaffe wollten.

**Wat si fir Iech perséinlech d'Unzéiungspunkte vun eiser Gemeng, firwat lieft Dir gären hei? Wat kéint besser sinn?**

Mir liewen an enger ländlecher Gemeng, déi duerch de Mëllerdall am ganze Land an och iwwer d'Grenze bekannt ass. Ech wunne gären zu Chrëschtnech an hei ass mäin Doheem, wou ech vill Leit an Noperen scho laang kennen.

Et ass flott eng Noperschaft an e Frëndeskrees hei an der Gemeng ze hunn, vun deenen ee weess, datt wann een Hëllef bräicht, een se géif zu all Moment kréien. Wou een och eemol zesumme schnëssen a gemittlech ee Pättchen drénke kann.

Den ëffentlechen Transport kéint verbessert ginn. Ech géif et flott fannen, wa mir an der Gemeng eng kleng Epicerie hätten, wou ee Brout an e puer Saache kafe kéint a wou een och emol eppes iessen an drénke kéint.



# SCHOUL & MAISON RELAIS // *ÉCOLE & MAISON RELAIS*

## VILL ACTIVITÉITEN AN DER MAISON RELAIS

### Fuesparty

Säit et eis gëtt, feieren mir eis Fuesparty zesumme mat eisen Elteren an hire Kanner. Déi ass all Joers freides an der Fuesvakanz a Partystëmmung feelt do ni. Merci un eis Stammclienten, déi all Joers dobäi sinn.
















## Äispist

Zu Beefort op der Äispist si mir all Joers ëm d'Fuesend wëllkomm.





## Bitzen

D'Josiane erméiglecht et de Kanner, bei Bitzaktivitéiten matzemaachen. An d'Kanner si begeeschtert.



## Pedagogesch Kichen

Endlech kënne mir ganz vill Zäit mat de Kanner an eiser neier Kichen verbréngen. Vu kleng bis grouss ... do spillt den Alter keng Roll.













## Vëlostour

Mir ware frou op eisem éischte Vëlostour mat de Kanner aus dem Cycle 4. Mir bidden de Kanner aus dem Cycle 4 am Fréijoer all Mëttwoch un, mat eis eng Stonn Vëlo duerch eis Regioun ze fueren.

*D'Personal aus der Maison relais*







# AN DER SCHOUL
## Och a stiermeschen Zäiten hale mir zesummen!






Méindes, den 10. Februar 2020, huet den Educatiounsministère all d'Schüler wéinst der „Alerte rouge" fräigestallt, dëst well Stuerm virausgesot war, deen dann och koum ass.

Och bei eis zu Waldbëlleg ass e „Service d'Accueil" vun den Enseignanteën assuréiert ginn a jidderee vun eis ass dunn fréier oder spéider an der Schoul ukomm. Kuerz virun 12 Auer huet den Telefon geschellt: An der Maison relais wier fir esouvill Kanner gekacht ginn, déi awer wéinst dem Stuerm doheem bliwwe sinn. Si hätte vill ze vill a géifen sech freeën, wa mir Enseignanteën, géinge mat iesse kommen! Déi Decisioun hate mir séier geholl an du si mir an der Mëttegstonn mat eiser Handvoll Kanner erop getréppelt. Mir hunn eis bei d'Kanner un d'Dëscher gesat an elo war et mol un hinnen, fir eis hire „System" vum Buffet ze erklären. Um Menü stoungen als Entrée e knackegen Zalotebuffet, als Haaptplat e waarme Gnocchisgratin an als Dessert eng frësch Uebstzalot mat enger Kinderüberraschung fir jiddereen! Net nëmmen ass keen hongereg vum Dësch gaangen, mee virun allem war et eng flott a gemittlech Erfarung fir eis all!

Et huet sech gewisen: A stiermeschen Zäiten ass et gutt wann een zesummenhält!
Merci de Kolleege vun der Maison relais.

*Sarah Muller*






## MUSEP

Donneschdes, de 27. Februar ass d'Simone Pletschette vun der Musep bei eis an de Precoce komm, fir Museksaktivitéite mat de Kanner ze maachen.

Beim Schnéimanndanz hunn d'Kanner esou begeeschtert matgemaach, datt et dobausse wierklech ugefaang huet mat schneien. Och beim Bierendanz haten d'Kanner vill Freed.

Fir eis alleguer war et e flotte Moien, dee mir esou séier net wäerte vergiessen.

*Marguy Hennes-Jourdain*



# Bewegungspausen

Wir sind eine Clever-Move-Schule. Das heißt, dass wir viele Bewegungspausen haben/machen. Wir haben in der Quarantänezeit auch Bewegungspausen erhalten, die wir zuhause machen können.

### Was sind Bewegungspausen?

Bewegungspausen sind Pausen, in denen man sich bewegt. Manchmal sind es Koordinationsübungen, manchmal sind es Konzentrationsübungen, manchmal ist es eine Mischung. Es macht Spaß und kann witzig sein.

### Wofür sind Bewegungspausen gut?

Man kann nach jeder Aufgabe einmal richtig auspusten. Man kann auch selbst Bewegungspausen erfinden die mehr im eigenen Stil sind. Es ist wichtig sich zwischen den Aufgaben zu bewegen. Man kann sich danach besser konzentrieren. Es ist auch gut, sich zu bewegen, wenn man keinen Garten hat, in dem man spielen kann. Es ist auch wichtig, dass die Übungen oder das Spiel ein bisschen witzig sind, damit man auf andere Gedanken kommt. Wenn man danach wieder arbeiten muss dann geht alles viel besser, weil man nicht mehr daran denkt, dass man keine Lust darauf hat. Wir bekommen jede Woche neue Bewegungspausen, damit wir die Möglichkeit haben, abzuwechseln und auf andere Gedanken zu kommen. Man kann, wenn man wirklich sportlich sein will, auch Sachen kaufen wie ein Balanceboard. So etwas haben wir in der Schule. Aber kleine Aufgaben können auch manchmal genügen. Natürlich ist es besser, wenn man nicht grade zu konzentriert ist. Einmal 5 Minuten raus gehen und da Sport zu machen, weil dann schnappt man auch gleichzeitig frische Luft, aber wie gesagt nicht jeder hat einen Garten. Man kann bei den Bewegungen auch einfach die Fenster groß aufmachen.

### Wie sehen Bewegungspausen aus?

Es gibt verschiedene Bewegungspausen. Ich gebe euch ein Beispiel. Ihr überlegt euch 6 verschiedene Aufgaben, wie Kniebeugen, Liegestütze, auf einem Bein springen, Hampelmänner machen, etwas in die Luft werfen und wieder auffangen und auf beiden Beinen springen als verschiedene Aufgaben. Dann schreibt ihr die Zahlen von 1 bis 6 dahinter. Wenn ihr jetzt einen Würfel nehmt, dann würfelt ihr euch die Aufgaben, die ihr lösen müsst.

Eine andere Bewegungspause ist, wenn man Yogaübungen macht.

*Éliot Massen, Cycle 4.1*







## Confinement!

An Zäite vum Confinement si leider keng Kanner am Précoce. Schippelcher, déi am Précoce gebuer sinn, hu séier d'Relève geholl a vill Aktivitéiten, déi soss d'Kanner maachen, fir si duerchgefouert.

D'Kanner konnten sech all Daag op eng witzeg Foto freeën, déi d'Joffer Carmen hinne geschéckt huet. Hei gesitt Dir ee klengen Deel vun deenen originelle Fotoen.







# D'Spillschoul ass zou

Esou eng Situatioun huet nach kee vun eis erlieft. E Virus mécht säin Tour ëm d'Welt. Januar, Februar, en ass nach wäit ewech, vill Gedanke ma mir eis hei zu Lëtzebuerg nach net, éischter gi Witzer driwwer gerappt ... Ufank Mäerz: An Italien kennt et knëppeldéck, d'Spideeler ginn der Saach net méi meeschter an och mir fänken un, eis eeschtlech Suergen ze maachen. Geschwë muss och Lëtzebuerg reagéieren. Mir froen eis, wat alles op eis duer kennt, och fir eis an der Schoul ...



*Foto: Damaris*



Donneschdes owes, 12. Mäerz, ass et da fest: Freides den 13.3. ass viraussiichtlech fir zwou Wochen emol dee leschte Schouldag!

An eiser Schoul leeft moies d'Kopiesmaschinn waarm. Mir wëllen de Kanner Material mat heem ginn, fir do ze schaffen, well et ass kloer: Et ass keng Vakanz, och net fir d'Kanner aus dem C1.

De Kanner Äddi ze soen, fält eis deen Dag ganz schwéier. Kee weess, wéini mir si erëmgesinn, wéi et virugeet, wéi mer duerch dës Kris komme wäerten.

An der éischter Woch vum Confinement komme stënterlech nei Direktiven. Net nëmmen ass ee ganz ugespaant an ängschtlech, mee et muss och gekuckt ginn, datt de Schoulbetrib esou gutt wéi méiglech op Distanz weiderleeft.

Schéin, datt mir e gutt Team an der Spillschoul zu Waldbëlleg sinn! Mir organiséieren eis iwwer Videokonferenzen, maachen Audio- a Videoopname vu Geschichten, Lidder a Spiller, ginn eis Tippe virun an entwéckelen eis am technesche Beräich méi wäit, wéi mer dat jee virdru gemengt haten. All Moie schécke mer eise Kanner Aktivitéiten, déi si doheem maache kënnen. Mir probéieren, all Léierberäich ofzedecken, mussen dobäi awer och oppassen, datt et net ze komplizéiert ass, net ze opwänneg am Material wat gebraucht gëtt, an awer variéiert an attraktiv fir d'Kanner. Mir probéieren esou gutt ewéi méiglech, mat all Famill a Kontakt ze bleiwen, grënne WhatsApp-Gruppen, mailen an telefonéieren.

Mir freeën eis iwwer all Réckmeldung, iwwer vill flott Fotoen a Videomessage vun de Kanner ... an awer maache mer eis Suergen, wéi et eenzele Kanner doheem geet: Hunn d'Elteren Zäit fir si? Geet et hinne gutt? Hu se deen néidegen techneschen Equipement? Verschiddene Kanner brénge mir Material heem oder schécken hinnen d'Aufgaben.

Vun den Eltere gëtt vill verlaangt. Schoul doheem? Niewent der Aarbecht? Mat e puer Kanner? Dat ass alles net einfach! An awer kann dëst och eng Chance sinn ... eng Chance, e bëssen zur Rou ze kommen an deem oft stressegen Alldag. Et kann ee sech Zäit huele fir d'Famill, d'Kanner anescht erliewen a villes mat hinnen zesummen ausprobéieren, awer och hire Frust an hir Ängschten a Froe matdroen.

Mir si frou, datt d'Elteren dëst esou gutt meeschteren a soen hinnen dofir ee grousse Merci. Mir wëllen awer och fir si an d'Kanner do sinn, si ënnerstëtzen, wou et geet. A virun allem wëlle mir den Appell maachen: Stresst Iech net! Maacht dat vun Aktivitéiten, wat Der hikritt. D'Kanner léieren doheem och wichteg Saache fir hiert ganzt Liewen: zesumme baken a kachen, am Gaart schaffen, hëllefe botzen a raumen, eppes kniwwelen a flécken ...

Wann d'Schoul erëm lassgeet, gi mir de Kanner dat, wat si dee Moment da brauchen. Mir sinn all am selwechte Fall a kee gëtt hänke gelooss. Mir freeën eis op alle Fall, d'Kanner erëm bei eis an der Schoul ze hunn, ze gesinn, wéi si sech kënnen austauschen a mat hire Frënn, déi si lo batterlech vermëssen, spillen. Kee weess, wéini dat wäert sinn, mee d'Haaptsaach ass, datt mir eis all gesond erëm gesinn an dofir bleiwe mer elo emol heiheem!

Merci de Kanner an den Elteren!

*Joëlle Niederweis*

**Hei nach en Temoignage vum Luigi senger Mamm, Merci dofir!**

Hei ass eise Résumé: De Luigi huet am Moment seng zwee Elteren doheem, wat immens flott fir jiddwereen ass, mee sécher och heiansdo e bësse chaotesch, virun allem, wa mir probéieren, d'Schaffen a Schoul ze kombinéieren. Mee och do hu mir e Rhythmus fonnt: Mir stinn all Dag tëscht 7 a 7h30 op, frühstücken an da gëtt e bësse geschafft. Dono geet et meeschtens an den Gaart asw.

De Luigi deet sech heiansdo e bësse schwéier mat Fichen (séier, séier!), mä iwwer Geschichten, Spiller, Experimenter asw. ass hien immens frou.

Mir kreien net alles gemaach, mee mir sichen zesumme mam Luigi dei Saachen eraus, déi grad am beschte passen. Ech perséinlech fannen, datt de Programm immens ofwiesslungsräich ass a vill kreativ Iddien dobäi sinn.

Wat him och ganz vill Spaass mécht, ass säi Bichelchen/Tagebuch, wou hien seng Deeg dokumentéiert - dat hëlleft eis all, eis besser an der Zäit erëmzefannen.

Materialien si kee Problem, mir kafen näischt extra, fannen dat meescht an der Bastelkummer, an eng Alternativ ass och ëmmer séier bei Hand.

De Luigi verbréngt ganz vill Stonnen dobaussen - mir probéieren och, all Dag e klengen Tour ze maachen - an hie ka gutt eleng spillen. Hien huet dat nach ëmmer vill gemaach, et ass awer vun der Laun vum Dag ofhängeg.

Am meeschte vermësst hie seng Kolleegen, an ech denken, datt hien awer och spiert, datt dës Situatioun net ëmmer esou einfach ass. Z. B. ass säi Bopi an der Klinik a mir kënnen net bei hie goen. Mee mir probéieren, him esou gutt wéi méiglech alles ze erklären. Heiansdo ass hie richteg rose mam Corona-Virus an dat däerf hien dann och! Ech mengen, dat geet eis all am Moment heiansdo esou.

Merci de Kanner, den Elteren, dem Martine an dem Sarah an deenen anere Kolleegen aus der Schoul Waldbëlleg






Romain Tobes



## JONK & AL





### Choucroutes-Iessen

Ugefaang huet et mat eisem traditionelle Choucroutes-Iessen-Termin, wéi mir nach zesumme komme konnten. Dat war geplangt an der éischter Woch Februar, mee mir hunn deen Termin musse virverleeën an déi lescht Woch vum Januar 2020. Et kann een awer soen, datt eis trei Unhänger eis net am Stach gelooss hunn, well d'Plaze ware bis op de leschten Dësch besat. Dofir vum Comité ee grousse Merci un Iech all.



### Gebuertsdagsbesuch bei der Lily Tholl-Ruppert



Et war dem Comité vu Jonk & Al eng Freed an Éier, d'Jubilarin a laangjäreg Member, Madame Lily Tholl besichen ze goen an hir ze gratuléieren fir hire 90. Gebuertsdag. Bei engem oder och zwee Glieser Schampes, engem gudden Häppchen an engem Stéck Kuch hu mir ee schéinen Nomëtteg am Krees vun der Famill verbruecht. Vun hei aus wënsche mir der Madame Lily Tholl nach eng Kéier alles Guddes an nach vill Joren dobäi bei beschter Gesondheet. A mir soe Merci fir deen häerzlechen Empfang.

# Generalversammlung 11. Mäerz 2020



Wéi all Joer war och dës Generalversammlung gutt besicht. Leider konnten eis Comitésmemberen Henriette Baden an Raymond Schaaf aus gesondheetlechen oder familiäre Grënn net dobäi sinn.

No der Begréissung, dem Gedenken un déi Memberen, déi eis fir ëmmer verlooss hunn, an der Presentatioun vum Aktivitéitsbericht 2019 duerch de President huet d'Marianne Diederich-Meyers d'Finanzsituatioun vu Jonk & Al virgedroen. Trotz deene verschiddene Aktivitéiten, bei deenen de Veräin aus eegener Keess bäigeluecht huet, konnt d'Keess e Boni fir 2019 verzeechnen. Esou konnt d'Marianne ofschléissend soen, datt d'Finanze vum Veräin gesond sinn.

Uschléissend koum et zu der Éierung vun de laangjärege Comitésmemberen Brigitte Mair-Schomers a Raymond Schaaf, mat engem grousse Merci, Blummen an engem Kaddo . Si haten am Virfeld vun der Generalsammlung ugekënnegt, datt si bei dëser Generalversammlung hire Posten am Comité néierleeë géifen. Als neie Member gouf d'Laure Wildanger an de Comité opgeholl.

Dono huet de Mike Michels, als ee vun den dräi presente Vertrieder vun der Gemeng, d'Wuert ergraff an ass op déi wichteg Roll agaang, déi de Veräin Jonk & Al mat sengen Aktivitéiten an eiser Gemeng iwwerhëlt. Doriwwer eraus begréisst hien déi gutt Zesummenaarbecht iwwer all déi Joren a wënscht dem Comité och weider déi néideg Kraaft, dëse Wee virunzegoen.

De Comité seet der Gemeng villmools Merci fir hir Ënnerstëtzung, sief dat op logistesch oder finanziell Aart a Weis. Den Nomëtteg ass duerno mat engem frouen Zesummesinn bei engem gudde Patt en engem klenge Maufel op en Enn gaangen.

Dat war um virleschten Dag virum Lockdown wéinst dem Coronavirus; et war eis just nach duergaang, fir d'General-versammlung ofzehalen.

Wéi laang de Lockdown dauert, ass net virauszegesinn. No der Regierungserklärung vum Mëttwoch, de 15. Abrëll, ass en Enn vum Confinement nach net ofzegesinn. Bis den 31. Juli ass keng gréisser Veranstaltung erlaabt. Dofir huet de Comité vu Jonk & Al décidéiert zum Wuel vun eise Memberen, all Aktivitéiten, déi fir 2020 geplangt waren, bis op Weideres rouen ze loossen. Sollt sech d'Situatioun entspanen an esou, wéi d'Regierung et virschreift, kucke mir, wéi mir eise Programm nees kënnen ophuelen.

De Comité vu Jonk & Al wënscht Iech alleguer, bleift gesond an doheem.

*Willy Smit*
*Fotoen: Willy Smit, Damaris*









## WALDBËLLEGER MUSEK

2020 huet fir d'Waldbëlleger Musek mat vollem Elan ugefaangen. Op engem flotten an intensive Proufweekend am Januar gouf sech op de Galaconcert 2020 virbereet. De Galaconcert ass dee Concert, op deen all Museksprouf hiféiwert. Bei eis stoung dee vum 1. Februar 2020 ënnert dem Motto Movienight.

Et ass dach ee Genoss, mat engem groussen Eemer Popcorn am Kino ze sëtzen an duerch déi Biller an déi passend Musek an aner Welten entféiert ze ginn. Et kann ee sech et awer och am Jogging doheem op der Couche mat enger Tut Chips gemittlech maachen a Serië „binge watchen", also eng Folleg no där anerer kucken. Mir hate fir all Genre eppes um Programm, duerch deen d'Monique Mergen de Public gefouert huet. Ënnert der Leedung vum Christophe Weiland, deen dëst Joer säin zéngt Joer bei eis ugaangen ass, hu mir mam Wollef gedanzt, si mat de Piraten an hirem Rum un d'Enn vun der Welt geseegelt oder hunn de „The Greatest Showman" bewonnert oder eis vu „Game of Thrones" matrappe gelooss, a villes méi.

Dëst Joer hate mir déi grouss Éier, d'Bün mam Maxime Bender ze deelen. Hien huet als Solist de Public mat Melodien ewéi Moon River aus dem Klassiker „Breakfast at Tiffanys" oder awer och „Cinema Paradiso" an „Oblivion" begeeschtert.

Mir soen op dësem Wee nach eng Kéier all eise Sponsoren an Donateure MERCI, déi eis et erméiglechen, esou flott Concerten op d'Been ze setzen.

Enn Februar hate mir eis Generalversammlung. Fir déi éischt Kéier hu mir dës an eisem neie Musekssall ofgehal. An hunn den Owend mat eise Museksfrënn gemittlech bei engem Patt, groen Drot, Lyoner a Schnittercher, gestëft vun der Famill Pinnel, ausklénge gelooss.

Duerno hu mir eis an d'Preparatioun vun eisem Summergala gestierzt, deen dëst Joer am Juni sollt sinn. Leider koum eis dunn de wuelbekannte Virus an d'Féiss an huet eis ellen ausgebremst. Lo sëtze mir alt dënschdes virum Computer a kucken am Video-Chat, dat Bescht aus der Situatioun ze maachen.

Eis traditionell Evenementer, wéi de Cortège fir d'Kommioun, d'Banne vun den Éischt-Mee-Kränz an d'Verdeelen dovun, wéi och kulturell Institutiounen ewéi d'Sprangpressessioun an och d'Concerte goufe fir de Rescht vun der Saison ofgesot.



Mir probéieren, ewéi all aner Veräin, domadder eens ze ginn a freeën eis, déi eng oder aner Manifestatioun nozehuelen an elo schonn d'Saison 2020/2021 ze plangen.

Fir ëmmer up-to-date ze sinn, wat esou bei eis leeft, fannt Dir eis op Facebook ënnert „Waldbëlleger Musek" oder awer och um Site: ***www.waldbelleger-musek.lu***

Eis Prouwe sinn dënschdes owes um 20h zu Waldbëlleg am Musekssall; mir géifen eis iwwer nei Musikant(inn)e freeën. Mellt Iech einfach bei der Annik Reinert ënner ***annikreinert@gmail.com*** oder um ***Tel. 661 91 64 85***.

Bleift all gesond an hoffentlech bis geschwënn.

*Annik Reinert*
*Fotoen: Damaris,*
*Camille Goedert*





# FRËNN VUM CIS WALDBËLLEG

## Nei Uniform



Mat der Grënnung vun de Frënn vum CIS Waldbëlleg an der Richtlinn säitens vum CGDIS (Corps Grand-Ducal d'Incendie et de Secours), datt Pompjeeën hir Pompjeesuniform an Zukunft net méi fir déi lokal Manifestatiounen dierften notzen, war et kloer, datt eng nei Uniform misst ugeschaaft ginn. No enger Rei Comitéssëtzungen a laangem Sichen gouf sech op déi rout Gamme e.s. motion 2020 vun Engelbert-Strauss festgeluecht. Och wann se dëst Joer schonns am Gebrauch war, wéi zum Beispill um Millefest, bei 140 Joer Schéissendëmpel oder beim traditionelle Grillen am Mëllerdall, esou sollt Der och an Zukunft net erstaunt sinn, wann d'Pompjeeë mat hire Frënn elo an enger rouder Uniform am Duerf unzetreffe sinn.

## Ausfluch 2019




Den éischten Ausfluch vun de Frënn vum CIS Waldbëlleg war dann och de 5. Oktober 2019. Mëttes si mir als éischt op Grüfflingen gefuer, fir do onst Talent um Kart ënner Beweis ze stellen. Déi, déi net esou gäre fuere wollten, konnten sech um 3D-Minigolf beweisen. No enger gemeinsamer Ronn Bowling, si mir dunn zeréck op Miedernach gefuer, wou mir bei engem gemitterlechen Iessen den Owend ausklénge gelooss hunn. „Mir sollten dat onbedéngt widderhuelen", war de Feedback vun esou munchem Participant.

## Buergbrennen 2020

Den 29. Februar war eis traditionellt Buergbrennen, an obschonn d'Wieder net esou gutt annoncéiert war a sou munch Buergbrennen am Land ofgesot gouf, hu mir nom Motto: „Et gëtt kee schlecht Wieder, just schlecht Kleeder", eis Buerg opgeriicht. Och wann se ë bëssi méi kléng wéinst der Stuermwarnung bliwwen ass, hu mir trotzdeem ë schéint Kräiz opgeriicht. Souguer eise Fakelzuch konnte mir owes mat ë bëssi Retard starten an esou ass d'Buerg um 19.15 Auer a Brand gestach ginn.







Merci all de Läit déi eis do ënnerstëtzt hunn, a sech am waarmen an dréchenen Hangar e Mëllerdaller, eng Kotlett oder eis hausgemaache Gromperekichelcher schmaache gelooss hunn. Als Dessert gouf et e leckere Paangech vun der Chorale a soumat konnte mir nach e schéinen Owend genéissen.

## FACEBOOK

## Frënn CIS Waldbëlleg

Fannt eis elo och op Facebook ënner „Frënn CIS Waldbëlleg" fir ëmmer déi neisten Infoen ze kréien an och ze gesi wat mir da soss nach alles esou maachen.

Dir gesitt, datt mir vill Spaass an Aktivitéiten hunn, och ouni mussen am Service vun de Pompjeeën ze sinn. Wann Dir also och Loscht hutt an engem gemittleche Veräin matzehëllefen, da braucht Dir net ze fäerten a kënnt Iech beim Präsident Thill Jonathan (691 66 98 42 no 18 Auer) mellen oder op ***frennciswaldbelleg@yahoo.com***.



*Text: Jonathan Thill, Fotoen, Damaris, Jonathan Thill*

# D'AEROMODELLISTE VU CHRËSTNECH





Matzen am Wanter ass nach gutt vum schéine Wieder profitéiert ginn!

D'Reider mat de Biddie koume laanscht de Fons-Mehlen-Aerodrome, de Mupp huet sech fir en Heli interesséiert, an déi wiederfest Piloten hunn déi puer Sonnestralen op der Terrass genoss.

Gutt gestiwwelt, well de Buedem war naass, nawell jett Bulli ... awer schonn Enn Dezember sinn déi éischt Krukerten iwwert den Terrain komm an Direktioun Ost-Nord-Ost !


Ugangs Januar war et méi gro a fiicht. Dunn ass den Dräi-Kinnekskuch am Clubhaus zerwéiert ginn! De Romain konnt säin Titel vun zejoert verdeedegen.


















De Plafong vun der Flughéicht war duerch de villen Niwwel méi déif!

Mëtt Januar war d'Sonn nees um Rendez-vous an de Seegler konnt geschleeft ginn. De Nomëtteg war just e bësse kuerz, um hallwer 5 war Schluss. Awer d'Margréitche war schonn um Runway ze gesinn.



Ugangs Februar war scho méi lass. D'Krukerte krute vun den AMC-Piloten de Wee gewisen.

De Mokka um 3 Auer mat enger Schneekegkeet fir d'Piloten ass nees op der Terrass opgedëscht ginn!

Nei Konstruktioune si lancéiert ginn. An du koum Enn Februar de Schnéi, net laang mee mat vill Bulli. Awer de Betrib um AMC-Terrain ass virugelaf.























An du koum de Covid-19 aus China. Dobäi ware mer hei schonn 2020 an hu gemengt, et wär net fir eis.

Am Service réduit um Terrain konnten d'Piloten, op zwee Meter Distanz ee vun deem aneren, wéi d'Santé et recommandéiert huet, awer esou muenchem „Promeneur malgré lui" mat der Jugend eng kleng Ofwiesslung bidden.

Kuerz drop, de Confinemet an den Terrain ass zougemaach ginn.


Schéi soignéiert läit eis Pist do ze waarden, datt de Flugbetrib nees ugeet!

A well den Aeromodellismus e vollwäertegen Hobby ass, fënnt sech do och eppes fir déi confinéiert Piloten: Si bauen, bauen a bauen ... doheem am Atelier entsteet esou munchen Dram fir no der Kris. Hei en Decathlon, eng Seeglerschleefmaschinn vun iwwer dräi Meter Spanwäit, den Diskus, e Seegler vu 4,5 Meter. Wat gëtt dat Freed nom Virus!

All de Lieser vum Fuuss eis beschte Wënsch fir eng gutt Gesondheet a fir vill Gedold an där schwéierer Zeit!

A wann Dir awer elo nach eng Fro zum AMC sengem Fonctionnement hutt, da kënnt Dir gäre beim ***Pol Mehlen*** nofroen um Telefon ***87 90 17*** oder ***621 21 91 29***.

*Redaktioun: Push Steffen*
*Biller: Marcel Delleré, Jos Gaspard, Romain Hanten, Push Steffen*



# CLUB DES JEUNES







Wéi all Joers war de Club des Jeunes Chrëstnech nees op der Dikrecher Kavalkad vertrueden.

No der Dikrecher Kavalkad hate mer erëm d'Buergbrennen um Hougeriicht, wou mir samschdes zu Chrëschtnech Beemercher sammele waren. Sonndes hu mir d'Buerg gebrannt. Trotz dem schlechten Wieder waren owes vill Leit op der Plaz.

Fir den Hierscht soll ee sech samschdes de 7. November mierken; do ass Kiermes ze Chrëschtnech am Veräinsbau.

De Comité vum Club des Jeunes besteet aus Joëlle Duschang (Presidentin), Ben Wilgé (Vizepresident), Max Cales (Tresorier), Maud Moulin (Sekretärin), Michel Becker an Tiago Marques.

*Text a Fotoen: Maud Moulin*











## UERGELFRËNN WALDBËLLEG

Am leschte FUUSS-Rapport vun den Uergelfrënn Waldbëlleg (September 2019) hate mir zwéi Concerten annoncéiert, an zwar fir de 14. Dezember 2019 an de 14. Mäerz 2020. Dovun huet awer nëmmen ee stattfonnt.

De Chrëschtconcert vum 14 Dezember war e grousse Succès. Mat iwwer 70 Nolauschterer war d'Waldbëlleger Kierch bal voll.

De Vokalensemble „Cantique" huet e Programm vun Advents- a Chrëschtlidder aus verschiddenen europäesche Länner ugebueden. De Chouer war zu 9 Sängerinnen a Sänger: Pamela Carlisle a Catriona Gillham, Sopran; Janice Baldwin an Jane Wickens, Alt; Alan Carlisle a Gavin Hodgson, Tenor; Boris Adlam, Edward Seymour an Henry Wickens, Bass. Den Alan Carlisle an den Henry Wickens hunn och op der Uergel Stécker gespillt, déi bei d'Saison gepasst hunn.

Den Ensemble „Cantique" ass an de fréie 2000er-Jore gegrënnt ginn, mat Proufsall zu Haler beim Pamela an Alan, an huet schonn e puer Concerten a Massen an eiser Gemeng gesongen. A leschter Zäit ass en awer net méi esou dacks opgetrueden. Fir dëse Concert sinn e puer nei Sänger rekrutéiert ginn a mir konnten e Programm mat Chrëschtlidder vum Mëttelalter bis bei d'21. Joerhonnert



zesummestellen. Dat eelst war „O come Emannuel" aus dem 12. Joerhonnert, dat neitst war d'Lidd vum Alan Carlisle „Fieldmouse Carol".

Nom Concert hunn d'Uergelfrënn e Patt an der Kierch fir de Chouer an d'Nolauschterer ginn.






Wéinst dem Coronavirus huet deen zweete Concert – mat Kierchemusek vum englesche Komponist Henry Purcell – leider mussen annuléiert ginn, a mir hoffen, datt mir dëse Concert am Laf vum nächste Joer nohuele kënnen.

Den Uergelfrënn hir Ham, Fritten an Zalot 2020, déi fir de 26. Abrëll geplangt war, huet och missen ofgesot ginn.

No der Summerpaus 2020 – an der Hoffnung, datt sech bis dann d'Lag normaliséiert huet – bidde mir deen heite Programm un:

**18. Oktober 2020:**
Virtuoso Horn Duo – Musek fir 2 Coren an Uergel mat Kerry Turner (Cor), Kristina Maschler-Turner (Cor) an Ignace Michiels (Uergel);

**13. Dezember 2020:**
Uergelrecital mam Marc Loewen;

**7. Februar 2021:**
Recital Uergel a Gei mam Francis Lucas (Uergel);


**16. Mee 2021:**
Recital Uergel an Trombonn mat Stefanie Duprel (Uergel) a Philippe Schwarz (Trombonn).

*Text: Henry Wickens*
*Fotoen: Damaris*

Damaris



# SËNN A BEDEITUNG VUM LÉIFFRAWËSCHDAG (MARIÄ HIMMELFAHRT, ASSOMPTION)



D'Fest vun der Maria **de 15. August** ass e gesetzleche Feierdag zu Lëtzebuerg. D'Chrëschte feieren do d'Opnam vu Maria an den Himmel. De Jesus ass an den Himmel eropgefuer (Häraffertendag ass de 40. Dag no Ouschteren), an d'Maria gouf do opgeholl. Dësen Ënnerscheed gëtt am Latäin (Ascensio Christi bzw. Assumptio Mariae) an op Franséisch (assomption), mee net am Däitsche, gemaach.

*Catholics celebrate the Feast of the Assumption of Mary on **August 15th** each year. Mary, the mother of Christ was taken ('assumed') into heaven to live with her son Jesus Christ for ever.*
*This public holiday in Luxembourg is usually marked by processions and the blessing of flowers, herbs and wheat. It is a Christianization of a pagan harvest festival.*

## 1. Das Fest der Mutter

„Wir haben Recht zur Freude, denn unsere Mutter ist nicht gestorben, sie lebt im Himmel. Vom hl. Licht umschlossen, entschwand ja Maria am Himmelfahrtstage dem staunenden Auge der Apostel: Sie wurde mit Leib und Seele in den Himmel aufgenommen. Sie hat, wie Murillo es gezeichnet, den Erdball zu ihren Füßen, und als Testament für ihre Kinder gilt der Spruch: Durch Tod zum Licht. (...)

Mariä Himmelfahrtstag aber erfreut uns mit dem Glauben und der Lehre der Kirche: Nein es ist nicht alles mit dem Tode aus. Dann beginnt erst das wahre Leben. ... Maria lebt im Himmel als unsere Helferin."
(Aus dem *Luxemburger Wort* vum 13. August 1921)

D'Angscht vrum Doud ass grad elo an der Zäit vum Coronavirus omnipresent. Net jidderee gleeft un e Liewen nom Doud, mee fir vill Leit zu Lëtzebuerg huet d'Fest vun der Maria nach ëmmer eng Bedeitung. Mir wenden eis un d'Maria wa mer verdrësslech sinn:

„Es ist etwas Merkwürdiges um die Marienfeste. Man feiert sie so gern und so innig. Ganz natürlich: Wohin zöge es denn das Kind mehr als zur Mutter? ... Und sind wir ratlos und verzagt, von Leid überhäuft und von Schmerzen niedergeworfen, weinen wir hinauf zum Himmel: 'Trösterin der Betrübten, bitte für uns' ..."
(*Luxemburger Wort*, 13.08.1921)

Hei d'Bild vun der Maria vum Bartolomé Esteban Murillo (1617-1682):



## 2. De Krautwëschdag

D'Seene vum Krautwësch (dt.: Kräuterbusch) ass enk mat Maria Himmelfaart verbonn.

Mee de Wësch war schonns eng virchrëschtlech Traditioun, déi d'Kierch dono fir sech genotzt huet. D'Mënschen hunn ëmmer schonns hire Gottheete wollte Merci soen, fir dat wat Bëscher, Felder a Wisen hinnen hierginn.

Dëse chrëschtleche Brauch erlieft en Opschwong, an d'Kraider hu rëm méi Wichtegkeet an eisem Liewen.

Mir benotzen se vill an eiser Kichen, well se gesond sinn a gutt schmaachen: Péiterséileg, Fenschel, Däll, Peffermënz, Kamomill si Beispiller.

De Paschtouer Edmond Ries erënnert sech, datt hien a seng Bomi Weess, Geescht, Kar, Huewer oder eng Maisstaang an de Wësch gemaach hunn, mee och „Muttergottesheerchen, Bettstréi, Strëpp, Haartnol, Kanéilentéi"- a souguer eng Ënn!



Foto: Luana Koster



De chrëschtleche Glawe seet, datt sou wéi d'Kraider (*Heilkräuter, herbes médicinales)* hëllefen, eise Kierper gesond ze halen, sou huet d'Maria dem Jesus d'Liewe geschenkt, fir datt mer gesond an der Séil sinn.

Läif a Séil sinn ee Ganzt - an dat gëllt net just fir Gleeweger.

Vill Gaardeveräiner zu Lëtzebuerg maachen a verkafen den traditionelle Wësch fir e gudden Zweck. An den Dierfer si Pressessiounen. Nom Seenen an der Kierch gëtt de Wësch op enger killer, däischterer Plaz opgehaangen, fir datt d'Kraider hir Faarf a Wierkung net verléieren.

*Isabelle Oberlé*

Déi zwee Feierdeeg sollt een net verwiessele mat *Zerläichendag, Erläichendag* oder *Härläichendag,* däitsch *Fronleichnam,* franséisch *Fête-Dieu,* deen de 60. Dag no Ouschteren ass, also den zweeten Donneschdeg no Päischten.

Den **Alain Atten** schreift dat heiten an nach vill méi iwwert déi dräi Feierdeeg a sengem interessante Buch *De Sproochmates II,* dat op editions-schortgen.lu oder an all gudder Librairie ze kréien ass:

**Häraffertendag:** 't ass duerfir duerchewech ewell gesot ginn: *Mar ass Christi Himmelfahrt*. [...] Wéi sot ee fréier emol op Lëtzebuergesch fir d'Fest? *Häraffertendag* fir richteg, *Affertendag* gung och well duer, *Herrenauffahrt*. An dann huet sech och ganz laang eng Fapp verhalen. [...] *Klaammopdag* huet als spunnessegen Numm vum Fest dach op ville Plazen duergehalen.

**Léiffrawëschdag:** Dir kënnt och soen *Léiffrakrautdag oder Krautwëschdag.* Ganz douewen am Éislek héieren ech alt nach *Märrikroktwëschdaj*. Déi Nimm sinn engem





esou laang kloer, wéi de Gebrauch vun der Kraiderwei, vum Krautwësch eeben, nach duerhält. [...] Bei äis ware Feldfriichten a Gaardefriichte grad esou wichteg wéi Kraider. Déi Éien, déi bei äis an de Krautwësch koumen, déi goufen herno jo all an d'Somfruucht gesträppt. Ma eise Krautwësch hat nach eng ganz Rëtsch vun Eegenschaften. Hie war net nëmmen do, fir de Blëtz ofzehalen, hie war och gutt, fir der Kou en Dronk ze kachen, wann se gekaleft hat. Duerfir huet ee jo vëllege Batteralzem an de Wësch gestach. Heiansdo kruten déi Doudeg esouguer de Wësch mat an d'Lued geluecht.

**Zerläichendag:** D'Enn vum Ouschterkrees ass net Päischten, nom Kierchejoer, ma Zerläichendag. Dee läit jo fir richteg net um Sonndeg, ma um Donneschdeg no Dräifaltegkeetssonndeg. [...] do musst der deen Z esou opfaassen, wéi eis al Sprooch sech e geduecht huet, nämlech als Z-Apostroph, virum H: Ze-Härläichendag. [...] Déi Iddi, fir nach e grousst Fest un d'Enn vun der Ouschterzäit ze leeën, déi hat eng kleng Krankeschwëster vu Léck, déi am Spidol vu Cornillon geschafft huet. Dohier huet si hiren Numm gehat: Sœur Juliane de Cornillon. [...] D'Schwëster Juliane vu Léck hat heieruechter eng Frëndin, an dat war d'Yolanda vu Veianen, Dominikanerpriorin am Mäerjendall. [...] do huet de Mäerjendall och direkt duergemaach mat der Zerläichemass an souguer gläich mat der Sakramentspressessioun.

*Mat der frëndlecher Erlabnis vun Editeur an Auteur, aus: Alain Atten. De Sproochmates II. Éditions Schortgen.*



*Fotoen: Damaris*

# AG SOCIÉTÉ PRÉHISTORIQUE LUXEMBOURGEOISE

D'Assemblée générale vun der Société préhistorique luxembourgeoise (SPL) war de 7. Mäerz 2020 um 15 Auer um Kärespäicher vun der Heringer Millen am Mëllerdall.

De President Marcel Ewers huet sech gefreet, déi meeschte Membere vum Comité, vill Membere vun der SPL an d'Vertrieder vun der Gemeng ze begréissen. Hien huet eemol méi der Gemeng Merci gesot, datt d'SPL kann hire Sëtz an der Gemeng hunn a schéine Lokalitéiten an der Sportshal, wou och hir spezialiséiert Bibliothéik stockéiert ass.

D'Buergermeeschtesch Andrée Henx-Greischer huet sech och gefreet, bei der SPL derbäizesinn, a weist sech ganz frou doriwwer, datt d'SPL hire Sëtz an hir Bibliothéik zu Waldbëlleg huet.

Am Comité vun der SPL sinn de President Marcel Ewers, de Vizepresident Fernand Spier, d'Generalsekretärin Marie-Paule Wagener, den Tresorier Georges Thill, de Johny Karger fir Matériels divers, an d'Membere Georgette Bisdorff, Georges Jomé, Denise Leesch, Jean-Paul Muller, John J. Muller, André Schoellen, Jean-Paul Stein a François Valloteau. De Pierre Ziesaire ass net méi am Comité, mee peekt hei an do eng Hand mat un.

Den Activitéitsrapport ass vum Fernand Spier virgedroe ginn, deen dofir déi entschëllegt Sekretärin vertrueden huet.

D'Société préhistorique huet 182 Memberen, dovunner 30 am Ausland. 2019 ware fënnef nei Memberen opgeholl ginn, et sinn der dräi gestuerwen, dorënner den Dr Jean-Georges Rozoy vu Charleville-Mézières, un deen de Fernand Spier erënnert huet (cf. Annex).



De Bulletin vun der SPL fir d'Joren 2016, 2017 an 2018 ass am September 2019 erauskomm an un d'Membere verdeelt ginn. D'Informatiounsblat koum am Joer 2019 véiermol eraus. Duerch Leader Mëllerdall krut d'SPL Kontakt mat Autisme Luxembourg a konnt do d'Bulletine vun der SPL digitaliséiere loossen.

D'SPL huet 98 Echangë vu wëssenschaftleche Publikatioune gehat, an zwielef Länner. D'SPL huet eng 200 archeologesch Bicher a Revuë geschéckt kritt. D'SPL schafft reegelméisseg mam CNRA (Centre national de recherche archéologique) a mat den nationale Muséeë fir Geschicht a fir d'Natur zesummen, an och mat Universitéiten. Membere vun der SPL sinn dacks op Reuniounen a Colloquen am Ausland, virun allem beim *Groupe de contact Préhistoire* vum belsche *Fonds national de la recherche scientifique*.

De Comité an Aarbechtsgruppe mat Membere vun der SPL hunn sech eng Partie Kéieren am Lokal an der Sportshal zu Waldbëlleg getraff, fir iwwer verschidde Fondstécker, haaptsächlech aus der Steenzäit, ze diskutéieren.

De Fernand Spier an de Johny Karger haten op der AG vun der SPL de 16. Mäerz 2019 eng Powerpoint-Presentatioun gemaach iwwert e Schifer-Rondell, deen op der Plaz Izeg-Wäibierg an der Gemeng Hesper fonnt gi war. D'Madame Denise Leesch huet den 9. Oktober 2019 iwwer d'Ausgruewungen um Kalekapp geschwat, am Centre culturel *A Schmadds* zu Bäertreff. De Kurt Scheuer hat den 19. Oktober 2019 eng Ausstellung iwwert Artefakten aus *Diabas-Gestein* an de Lokalitéite vun der SPL zu Waldbëlleg. Den 1. Juni 2019 huet d'SPL den Tufffiels Pierre de Cron op der Zoowaasch besicht, an der Gemeng Déifferdeng.

De Keessjee Georges Thill huet d'Konte gemaach, déi gutt ausgesinn, well eng grouss Reserv do ass. Leider gëtt de Kulturministère kee Subsid méi fir d'Publicatioun vum Bulletin. D'Keesserevisore Laurent Schroeder a Carel Kremer hunn d'Konte confirméiert an de Keessjee krut d'Décharge vun der AG.

D'Madame Denise Leesch, Member vum Comité vun der SPL huet eng Presentatioun gemaach iwwer den Archeotracking, eng Applicatioun, déi op Android-Handye



ka geluede ginn, leider net op iPhone. Domadder kënnen Ekippe vun Archeologe sech organiséieren, fir en Terrain ze sondéieren an déi fonnte Stécker mat der geneeër Lokalisatioun ze dokumentéieren. Archeotracking ass e ganz nëtzlechen Outil fir d'Erfuerschung vun der Préhistoire, zu Lëtzebuerg wéi soss dohier an der Welt.

Dono huet d'Gemeng den Éierewäin offréiert.

*Marc Barthelemy*



# Notes sur les travaux du Dr. Jean-Georges Rozoy

(08.01.1922-03.03.2019)

Lors du Colloque sur « Les industries à quartzites du bassin de la Moselle » (Paléolithique ancien) organisé par Marguerite *Ulrix* de l'Université de Liège et Jos. *Herr* de Diekirch en mai 1976 à Luxembourg, André *Gob*, à cette époque aspirant FNRS à l'Université de Liège, m'a conseillé d'aller fouiller chez le Docteur *Rozoy*, éminent spécialiste du Mésolithique.

Né le 8 janvier 1922 à Charleville d'un père médecin, bachelier latin-grec-mathématiques en 1938, déporté politique à Dachau pendant la Seconde Guerre mondiale, il soutient sa thèse en médecine en 1950, diplômé de puériculture, de médecine du travail, de médecine légale et d'orientation professionnelle, il est également Docteur d'État ès Sciences en 1977 avec sa thèse de Préhistoire « Les derniers chasseurs » portant sur l'Épipaléolithique en France et, en partie, au Benelux, thèse publiée un an plus tard à compte d'auteur. Cet ouvrage de 1500 pages en trois volumes est considéré à juste titre comme ouvrage de référence pour la recherche sur le Mésolithique. Notons aussi sa « Typologie de l'Épipaléolithique (Mésolithique) franco-belge », parue en numéro spécial de juillet 1978 du Bulletin de la Société archéologique Champenoise. Plus de 100 autres de ses textes sont consacrés à cette époque.

Ses travaux sur les âges du Fer sont également importants et reconnus, notamment la fouille des nécropoles celtes du Mont Troté et des Rouliers à Manre et Aure en Ardennes. En 1988 il publie en détail les deux nécropoles gauloises dans l'ouvrage « Les Celtes en Champagne », Les Ardennes au second âge du Fer : Le Mont Troté et les Rouliers.

Le Docteur *Rozoy* était également un archéologue de terrain, fouillant sans relâche de 1958 à 2004, dans des conditions souvent difficiles et avec des moyens limités.

Principaux chantiers de fouille :

1959 : découverte et fouille de l'allée couverte de la Ganguille à Giraumont, commune de Saint-Marcel en Ardennes.

1964-1974 : Fouilles de nécropoles celtes du Mont Troté et des Rouliers à Manre et Aure en Ardennes.

1974-1984 : Fouille des camps mésolithiques de l'Allée Tortue près de Fère-en-Tardenois (Aisne).

1980-1986 : Fouille du campement Magdalénien à plaquettes de schiste gravées de Roc-la-Tour à Monthermé en Ardennes.

1987-1999 : Fouille des camps mésolithique du Tillet (Oise).

2000-2004 : Fouille du campement mésolithique des Beaux Sarts à Bogny-sur-Meuse en Ardennes.

**Participants de la SPL aux fouilles** respectivement réunions de travail (stages).

1979 : Allée Tortue à Fère-en-Tardenois, site éponyme du Tardenoisien : Fernand *Spier*, 15 jours.

1980 : Roc-la-Tour I à Monthermé en Ardennes : Fernand *Spier* et Georges *Jomé*, 12 jours.

Autres membres de la SPL qui ont participé à des séances de travail ou fouille :

Mme Germaine *Geiben,* Mme Christiane *Thibold*, Mme Denise *Leesch*, M. Pierre *Ziesaire.*

**Bibliographie sélective :**

*Rozoy,* Jean-Georges. Les derniers chasseurs, l'Épipaléolithique en France et en Belgique, essai de Synthèse. Société Archéologique Champenoise, Reims 1978.

*Rozoy,* Jean-Georges : Les Celtes en Champagne. Les Ardennes au second âge du Fer : Le Mont Troté, les Rouliers. Société Archéologique Champenoise, Reims 1988.

*Rozoy (J.-G.), Newell (R.R.), Benninck (J.), Constandse-Westermann (T):* Ordination and Seriation of Nominal Data Matrices on Apple and MS-DOS P.C.: The Rozoy Numerical Ordination and Seriation Program Package. In: Journal of quantitative anthropology 3, 1991, 135-157.

*Rozoy,* Jean-Georges : Le Roman Préhistorique, analyse critique. Préface de Gilles et Brigitte *Delluc*. Charleville-Mézières 2008.

*Rozoy,* Jean-Georges : Évolution récente du cerveau. In : Crombé et al. Chronology and Evolution within the Mesolithic of North-West Europe: Proceedings of an International Meeting, Brussels, May 30th June 2007, Cambridge. Cambridge Scholars Publishing 2009, 473-493.

**Publications dans le Bulletin de la SPL**

**1991: Les éclats retouchés des Mazures (Pépinster).** In : Le Mésolithique entre Rhin et Meuse. Actes du colloque sur le Paléolithique final et le Mésolithique dans le Grand-Duché de Luxembourg et les régions voisines, Ardenne, Eifel, Lorraine, tenu à Luxembourg le 18 et 19 mai 1981. Édité par A. Gob et F. Spier, Luxembourg 1981, 77-87.

**1988 : Le Magdalénien en Europe.** In : Bull. Soc. préhist. Luxembourgeoise 10, 1988, 139-158.

**1990 : La délimitations des groupes humains épipaléolithiques.** In : Bull. Soc. préhist. Luxembourgeoise 12, 1990, 65-86. Actes de la table ronde de Beaufort 17 et 18 novembre 1990.

**2000 : Douze pas sur la route de l'abstraction.** In : Bull. Soc. préhist. Luxembourgeoise 22, 2000, 15-41.

**2004: Roc-la-Tour I, le site des Esprits. Le Magdalénien VI à Monthermé (Ardennes) : topographie, chronologie, art.** In : Bull. Soc. préhist. Luxembourgeoise 26, 2004, 9-226

Celles et ceux qui l'ont connu se souviennent de sa forte personnalité, mais également du plaisir qu'il avait à échanger et à transmettre ses connaissances.

*Fernand Spier*
*Société préhistorique luxembourgeoise*



📷 Myrna Koster



*Aus der Siicht vun den däitschen Zaldoten aus dem Bëlleger Säitert op Freckeisen; am Dall de Kelleschhaff*

## ENG LOKAL GESCHICHT AUS DER RUNDSTEDTOFFENSIV, ERZIELT VUM ERNY WAGNER

Ëm Chrëschtdag 1944 haten däitsch Zaldoten sech am Bëlleger Säitert agegruewen, wat hinnen e gudde Bléck op d'Strooss Freckeisen-Suewelbuer erméiglecht huet. D'Amerikaner haten hiert Haaptquartéier déi aner Säit um Freckeisen am „Haus Back" a konnten all Beweegungen am Bëlleger Säitert gutt beobachten.

Tëschent den zwou Fronte luch mäin Heemechtshaus, de Kelleschhaff, dee meng Grousselteren (Michel Wagner & Amélie Jacques) 1921 kaaft haten. Deemools hu si zesumme mat mengen Elteren Joseph Wagner & Anna Binsfeld a mengen zwee Bridder Fernand a Raymond Wagner do gelieft.

Am Wanter 1944 war et ze geféierlech, fir do wunnen ze bleiwen, a sou waren si all bäi der Famill Will Wagner-Hertz um Freckeisen evakuéiert. Meng Eltere sinn zweemol am Dag Véi fidderen a sträiche gaangen.

Sou goufen och un dësem Moien d'Kéi gestrach an d'Déiere gefiddert. Mäi Papp huet an engem Raum iwwer dem verwëllefte Gromperekeller, genannt „An der Bakes" d'Schwéngsfudder fäerdeg gemaach, wéi hien op eemol ongewinnt Geräischer aus dem Keller héieren huet. Am Raum waren zwee hëlzen Deckelen, wou am Hierscht d'Gromperen an de Keller geschott goufen. Hien huet sech iwwert esou een Deckel gebéckt, an direkt hat hien de Verdacht, datt däitsch Zaldoten sech an der Nuecht dohi verfuusst haten, well et geschneit hat an d'Temperatur wäit enner Null war, a si wärend dem Dag ënnert heftegem Beschoss vun amerikanischen Artilleriegranaten luchen.

Mäi Papp wosst, datt et elo héich Zäit war, fir den Haff ze verloossen. Hien huet séier d'Schwäi gefiddert, de Jabel mat de volle Mëllechkane geholl, a senger Fra ouni vill Erklärungen zougeruff: „Anna, komm mir ginn!" Si huet sech iwwer dat presséiert Verhale vun hirem Mann gewonnert, huet nach huerteg d'Hénger gefiddert, d'Eeër opgehuewen an sech och dunn direkt op de Wee fir op Freckeisen gemaach.



*Aus amerikanischer Siicht vum Freckeisen op de Säitert; an der Front de Kelleschhaff*



*Nach haut gutt ze gesinn am Säitert senn déi Schützegrief vun deemols*

No beim Transformator, bäi der Plaz, wou de Kelleschhaffer hir Mëllech fir an d'Molkerei ofgeholl gouf, hunn zwee amerikanesch Offizéier, wouvun ee relativ gutt Däitsch konnt, schonn op mäi Papp gewaart. Si hunn hie fir e Spioun gehalen, an hien huet missen erklären, firwat hien um Haff war. Eréischt déi waarm Mëllech an de Kanen huet d'Amerikaner vu senger Geschicht iwwerzeegt. Meng Elteren goufen du befrot, ob si eppes Verdächteges gesinn oder héiren hätten. Mäi Papp huet vum ongewinnte Kaméidi am Keller verzielt. Elo eréischt huet meng Mamm verstanen, firwat si esou séier den Haff hu misse verloossen. Och am Haaptquartéier huet mäi Papp deenen Offizéier nach en Rei Froe misse beäntwerten, déi, wéi et sech erausgestallt huet, scho villes gewosst hunn, well nuets eng Patroul amerikanesch Zaldoten déi Saach ausspionéiert haten.

Domat war de Verdacht vun den Amerikaner bestätegt an dunn ass et ganz séier gaang. De Panzer, deen an der Scheier vun „Nillessen" (Bintner Frères) verstoppt war, gouf erausgefuer an viru „kleng Lentzen" a Positioun bruecht, de Laf vun der Kanoun e puermol no lénks a rechts ausgeriicht, an du gouf op de Kelleschhaff geschoss.

Mäi Papp huet verzweifelt misste nokucken, wéi d'Haus komplett zerstéiert gouf a verbrannt ass, an d'Véi integral ëm d'Liewe koum. De Preise war näischt geschitt, si souze jo am Keller, an dee war als eenzege Raum ganz bliwwen.

Aus dem Raum Dikrech koum mat engem Camion déi ugefroten Infanterieverstärkung, an d'Ruine vum Haff goufen houfeisefërmeg ëmstallt. Eng 40 däitsch Zaldote koume mat de Gewierer iwwert dem Kapp aus dem Keller gekroch. Verschiddener hu probéiert fortzelafen, anerer hunn sech am Glawen un den *Endsieg* nach verteidegt.

De Bilan war schrecklech. 21 däitsch Zaldoten hunn duerch hir fanatesch Dommheet hiert Liewe gelooss. De Rescht vum Véi, wat schwéier blesséiert war, gouf vun den Amerikaner erschoss.

Fir d'Amerikaner war d'Aktioun ouni Verloschter eriwwer, mee fir meng Famill war et een traumatescht Erliefness nozekucken, wéi hiert Doheem an hir ganz Existenz an nëmmen e puer Minutten ausgeläscht goufen.

*Text a Fotoen: Ern Wagner*

*An Nillessen* ass haut d'Haus Nummer 4 um Freckeisen, *A Lentzen* ass d'Nummer 1, direkt lénks, wann ee vu Chrëschtnech aus *Op de Bierg* fiert. Do hannendru stoung an der Zäit nach en anert Haus, dat war *A klenge Lentzen*, wou de Panzer a Positioun bruecht gi war. (Mëndlech Informatioune vum Auteur)

# TRIFOLION

## Interview mam Maxime Bender, momentan artisteschen Direkter vum Trifolion

**Wat ass Äre Rôle am Trifolion?**

Mäi Rôle am Trifolion als Directeur artistique interimaire an als Directeur artistique vum Iechternacher Festival Echterlive, ass déi ganz kulturell Planung vun den Eventer am Trifolion wéi och um Festival ze konzipéieren an ze plangen, an dat natierlech zesumme mat der fantastescher Ekipp vum Trifolion.

**Dir hutt elo méintelaang all Manifestatiounen an och de Festival Echterlive missen ofsoen. Wat bedeit dat fir esou e Kulturhaus?**

Fir eis als Kulturhaus ass dëst eng ganz aussergewéinlech Situatioun, well eng vun eisen Haaptaufgaben ass et jo, Evenementer fir Publikum ze organiséieren. Dat heescht, eist Haus lieft duerch Publikum, an elo, wou mir keent empfänke kënnen an dierfen, ass dat schonns immens schwéier a komesch fir eis. Et bedeit awer och, datt mir elo immens vill mussen ëmplangen, ganz vill am Kontakt mat den Autoritéiten si fir ze kucken, wéi et elo virugeet an och versichen, esou gutt et geet eis Programmatioun fir 2021/2022 ze plangen.

**Normalerweis kaschten esou Aktivitéite jo vill an dat kënnt net alles iwwer d'Entréeën eran, mee et gi Subventiounen. Hutt Dir elo ganz vill Suen iwwereg?**

Et wier natierlech schéin, wann et esou wier! Eist Haus gëtt zum Deel vu Gemeng, Kulturministère a Sponsoring, Locatiounen an Entréeë finanzéiert. Well mir och zur Zäit net wëssen, wéi en Impakt des sanitär Kris op eis Ekonomie wäert hunn, heescht et virsiichteg mat de Finanzen ëmzegoen. Et ass och esou, datt mir versichen,





all eis Evenementer op aner Datumer ze verleeën. Dat si mir esouwuel dem Kënschtler wéi och dem Public schëlleg.

**Dir sidd selwer Museker. Wat bedeit déi aktuell Situatioun fir Kënschtler?**

Et ass natierlech immens schwéier, am viraus ze plangen. All Concerten a Festivalle sinn ofgesot. Et gëtt versicht, dëst nozehuelen, mee vill Organisateure wëssen net, ob si et finanziell duerch dës Kris packen. Dofir ass e Report heiansdo schwiereg.

Et bedeit dann och, datt keen direkte Revenu fir de Kënschtler do ass. Dat gëtt awer, wann een den Statut vum Intermittent huet, zum Deel opgefaangen vum Kulturministère. Et ass nawell, wann ee keen anere Revenu huet, eng immens schwéier Zäit. Bei enger ganzer Partie Kënschtler geet et elo wierklech ëm d'Iwwerliewen.

**Kee weess, wéi et virugeet, mee et kéint sinn, datt mer laang mussen drop verzichten, zu vill op enkem Raum ze sinn. Wat sinn d'Perspektivë fir den Trifolion?**

Am Trifolion hale mir eis ganz kloer un d'Virgabe vun den Autoritéiten a wäerten dann eréischt eis Dieren erëm opmaachen, wa mir d'Erlabnis kréien.

Mir hoffen natierlech, datt dat esou séier wie méiglech passéiert a kënnen et elo schonns kaum erwaarden, wann eist Haus erëm gutt gefëllt ass a mir mam Spectateur an den Artisten onvergiesslech Momenter erliewe kënnen.







*Fotoen: Pierre Weber a Mike Zenari*

# LIEWEN AN DER GEMENG // *VIE RURALE*

## EN NEIT LIEWENSGEFILL






Dëst Joer huet am Mäerz e Virus d'Welt iwwerfall an den allermeeschte Mënschen hiert Liewen nohalteg geännert. Et huet ee sech missen ëmwinnen. Näischt méi war sécher, villes war net méi, leider sinn immens vill Mënsche krank ginn, schwéier krank an esouguer gestuerwen. Dokteren a medezinescht Personal ass ronderëm d'Auer an engem haarden Asaz.

Bei de meeschte Mënschen ass et ganz vill méi roueg ofgelaf. Doheem bleiwen, Homeoffice a vläit emol erëm selwer kache war ugesot.

## ALLES ZOU!

Direkt Kontakter hu missen ënnerbonne ginn, fir d'Infektioun opzehalen. D'Kanner hunn net méi dierfen an d'Schoul an och net méi op d'Spillplaz. D'Gemeng a soss Plaze waren zou oder nëmmen nach op Rendez-vous ze betrieden. Och Golf huet een net méi dierfe spillen.











Just e puer Leit hunn dofir gesuergt, datt de Kontakt vum klengem Duref mat der Welt net ganz opgehalen huet. Bei eis ass dat zum Beispill de Bréifdréier gewiescht.

Mee eng ganz Partie Leit hunn sech gemellt, fir eelere Leit ze hëllefen a fir si akafen ze goen. Bravo a Merci!

*Marc Barthelemy, Fotoen Damaris*












## COURAGE!

Zu Waldbëlleg hunn e puer Elteren d'Initiativ geholl, fir hir Kanner ze motivéieren, e Reebou ze molen, deen an d'Fënstere gehaange gouf.

Des Aktioun gëtt a ville Länner ëmgesat. Esou e Reebou bréngt ee klengt waarmt Liicht an dës dach schwiereg Zäit. Déi Biller si fir jiddweree geduecht, mee natierlech och fir Kanner, déi beim Spadséiere laanscht trëppelen. Si gesi bei all Haus mat Reebou, datt an deem Haus nach aner Kanner wunnen, déi an der selwechter Situatioun sinn an hinnen op dësem Wee Courage wënschen.

*D'Eltere vun de Kanner*








## LEGAL VERMUMMT!

De 17. Abrëll krute mer alleguer e Pak Masken an d'Boîte geluecht, déi a Rekordzäit op der Gemeng agepaakt goufen. Domadder duerfte mir eis ganz legal eppes virun d'Gesiicht doe fir erauszegoen, an hunn et esouguer plazeweis musse maachen.

*Text a Fotoen: Gemeng*











# DE FUUSS BEIM HÄHNCHENKÖNIG!

Dat kléngt geféierlech, mee den 13. Februar 2020 huet den Här Yves Franssens vun der Firma Hähnchenkönig mir seng Dier am Betrib ze Chrëschtnech ganz fein a frëndlech opgemaach fir en Interview.

**Viru genee 25 Joer** huet den Yves Franssens sech mat nëmmen 20 Joer **selbststänneg** gemaach. A senger éischter Rulott stoung zanter dem 20. Januar 1995 e Pouletsgrill prett. Di éischt Mäert woren ze Esch a Péiteng.

Haut fuere siwe Camionnetten eraus, op 27 Plazen am ganze Land! Wou genee a wéini den Hähnchenkönig seng krupseg *heute frische Brathähnchen* dréine léisst, steet op ***www.franssens.lu***

Dir kënnt och am Viraus bestellen, um ***23 66 87 56***, an Äert Iessen dono bei e Grillauto siche goen. Huelt Iech eng Nues voll vun deem exquisite Geroch, ier Dir voll Genoss an e Poulet bäisst. Eng echt lëtzebuergesch Hax kann ee mat gebootschte Gromperen a knackeger Zalot iessen

Op deene verschiddene Plazen stinn d'Camionette mam witzegen Hunn drop vun 8 bis 13 Auer op hir trei Clienten ze waarden. Et sinn an der Lescht e puer nei Plazen derbäi komm. Ze Junglënster beim Baumarkt steet souguer permanent eng traditionell Frittebud mat villerlee um Menü zur Auswiel. Wéi a ville lokale Betriber feelt et lo leider u Leit, déi matschaffen. Soss kéim z. B. och e Stand op Beetebuerg, wou verschidde Firmen dat ugefrot hunn.

Jorelaang knallhaart Präisverhandlungen huet den Yves Franssens hannert sech, mee en hofft, datt säin neie Projet am September klappt: lëtzebuergesch Pouleten ubidden, déi exklusiv mat Fudder vun hei geziilt ginn. Am Moment gi beim Hähnchenkönig Pouleten aus der Belsch geholl, déi dräimol an der Woch kaaft ginn, säit 25 Joer beim selwechte Liwwerant.



D'Iddi vun de Lëtzebuerger Pouleten gëtt grad getest a gefält villen hongerege Clienten. Mee net jidweree bezillt am Endeffekt gär méi fir dëse lokalen a qualitativ wäertvolle Produit.

Fréier wor dat nawell anescht a méi schwéier. An der Mëtt vun de 1970er-Joren huet de Papp Nic Franssens sech ze Gonnereng geplot, fir e Schluechthaus fir Hénger ze bedreiwen. Hien ass méindes Moies an Holland an an d'Belsch Hénger siche gefuer. Nom wäiten Heemwee gouf dann direkt nach nuets geschluecht, moies gelueden, a vif

de Metzelere liwwere gefuer. Dacks wor et dënsdes owes spéit bis de Mann u schlofen denke konnt.

Haut kommen d'Mataarbechter um 6 Auer op de Site ze Chrëschtnech a spiissen als alleréischt d'Pouleten op d'Staangen. Déi ginn dann op engem Gerüst an der Camionnette fixéiert. A lass geet et eraus. Nom Verkaf rullt d'Personal hannescht op Chrëschtnech, wou se d'Gefirer ausraumen a botzen. Um 14 Auer hu se fräi. Et ginn nach Leit gesicht!

Deemools beim Franssens-Papp ass de flénken Yves mat sengen aacht Joer um Eeërtour matgefuer a bei d'Leit schelle gaang: „Braucht Dir Eeër?" Eng Dosen huet 70 Frang kascht an d'Trap-op-an-oflaafen huet natierlech derbäi gehéiert. Souguer vill méi spéit huet den Yves samschdes moies nom Bal just eng séier Taass Kaffi geschluppt, ier et lassgaang ass. Bis bei den éischte Client huet dee jonke Borscht am Auto geschlof, a viru mam Jabel! Den Yves ass all d'Vakanze matgefuer a krut esou di gewënschten 12.000 Frang zesummen, fir säin éischte Walkman!

Den Numm Franssens huet näischt iwwer de Betrib u sech ausgesoet. Den *Hans*, eng éischt Hand am Betrib, hat d'Iddi fir den *Hähnchenkönig*. Kuerz drop gouf dee coole Logo gemoolt, en Hong mat kinnekleche Kleeder an zackeger Kroun, eendeiteg d'Nummer 1.

Den Hähnchenkönig ass laang am Viraus ausgebucht. Wann Dir Äre Gebuertsdag oder soss e Fest mat hinne wëllt feieren, firwat net? Dee prakteschen **Hähnchen Catering Service** fonktionéiert gutt, fir Bestellunge fir Minimum 30 Gäscht, op ***service@franssens.lu.***


Gudden Appetit! Bonne Chance, mir si frou, Iech an der Gemeng ze hunn, virun esou!

*Text a Fotoen: Damaris Pletschette*



## GEWËNNSPILL: „WOU ASS DAT?"

*„Das Spiel schenke uns Freude und Erholung."*
*Thomas von Aquin (1224-1274)*




Trëppelt an deem Sënn gemittlech duerch eist schéint Waldbëlleg a maacht är Ae grouss op.

Vläit kennt Der schonn di eng oder aner Plaz?
Vläit entdeckt Dir lo eng nei?

Egal ëm wat et hei geet:
1. ëm en Häerz an engem Bam,
2. ëm e Muster aus Holzfratzen oder
3. ëm eng verstoppte kleng Madonna?

Dir hutt glat näischt ze verléieren, rot mat a schéckt eis Är Äntwerten op: ***fuuss@waldbillig.lu***



*„Man muss die Phantasie mit wenig anregen,*
*damit sie viel daraus macht."*
*Hellmuth Karasek (1934-2015)*

*„Die Augen sehen das Schöne in der Welt.*
*Das Herz sieht das Schöne im Menschen."*
*Irmgard Erath*



Op der Gemeng waart deen een oder anere Kaddo op di glécklech Gewënner!

*„Die Quelle alles Guten liegt im Spiel."*
*FWA Fröbel (1782-1852)*

… ma also, a lass!

*„Gebt dem Volk Brot und Spiele*
*und sie werden nicht aufbegehren."*
*Julius Cäsar (100-114 v. Chr.)*

Kuckt ronderëm Iech beim Spadséieren,
freet Iech, a spillt mat.

*„Ihr steht und sagt: Warum?*
*Aber ich träume und sage: Warum nicht?"*
*George Bernard Shaw (1856-1950)*

Bonne chance!

*Text a Fotoen: Damaris Pletschette*

# VUM CHRËSCHTKËNDCHEN ZUM THEATERTECHNIKER AN AUTOSGECK

## E Portrait vum Remy Theisen vu Waldbëlleg

Den 25. Dezember 1957 ass de Remy an der Stad Lëtzebuerg op d'Welt komm. Säi Virnumm kënnt esouwuel vum laténgesche Remigio ewéi aus dem Italieneschen, Remus a Romulus. „Dofir bass du sou e Wëllen", hunn ech gespaasst. De Remy ass net op de Mond gefall a grinst: „Ech sinn dee Feinsten, deen heirëmmer leeft!" - hilarité generale. Um Sonndesaperitif beim Izo erzielt hie mir esou munnech Spiicht, déi am Fuuss näischt verluer huet, awer och allerlee allgemeng Interessantes zu senger Persoun.

Wéi hie véier Joer hat, ass seng Famill op Beideler geplënnert, mat sechs koum en op Waldbëlleg. De Remy wunnt deemno säit 1963, also zanter 56 Joer an eiser schéiner Gemeng! Haut nach schwäermt hie vun de Mëllerdaller Hielen, wou hien als Bouf vill gespillt huet an déi hien elo nach besser wéi esou muncheree kennt.

An der Waldbëlleger Musek wor de Remy mat senge sechs Joer dee Klengsten an dofir krut de Krappschass mat senger Trompett extra e Pult ëmgebaut, fir datt hien och d'Noute konnt gesinn. Mat zwielef huet hie beim Bauer Lorang op der Haaptstrooss ausgehollef a war derbäi, fir Botten eropzeginn.

Am Lycée technique um Lampertsbierg huet hien eng 7e commune gemaach, dunn eng 8e biologique humaine a Chimie. Et wore richteg laang Deeg, um 6.30 mam Bus op Miersch, du mam Zuch an d'Stad an dunn erëm mam Bus op de Lampertsbierg. De selwechte Wee hannescht koum hien um 19.15 heem.

Hien ass bei d'Gemeng an der Stad Lëtzebuerg schaffe gaang mat enger Gesellepréifung als Elektromecanicien, wou hien z.B. Traffostatiounen ausgerechent huet, riseg Noutstroum-Generatore gefléckt huet oder den Entretien vun décke Motore gemaach huet. De Remy huet e puer Gemengen-Exame gemaach vum Ministère de l'Intérieur, bis zum Grad 8bis als Chef de réseau, esouguer dee vum Cantonnier. Hie koum schliisslech 1976 frou ewéi e Kichelchen zu sengem Drameruf: Techniker am Neien Theater um Glacis!



Wéi 1983 de Kapuzinertheater an der Stad nei opgaang ass, konnt de Remy wiesselen an a senger Carrière am Grad klammen. 1993, also no 17 Joer, gouf de Remy Theisen hei techneschen Direkter. „Dat wor meng schéinsten awer och schwéiersten Zäit!", erënnert hie sech.

***Der Staub ist die Sonne des Theaters.***

Als Chef vu 17 Leit huet de Remy einfach alles gemaach: Stonnepläng opgesat vun den Tountechniker, Elektriker a Bünenaarbechter. An den Astellungsgespréicher hunn d'Kandidaten him dat Blot vum Himmel versprach, fir kuerz drop ze soen, si wéilten de Weekend an d'Feierdeeg awer léiwer net schaffe kommen. An da gouf alt erëm en Neien agestallt; et wor en Zirkus ouni Enn. De Remy wor och Ersatzmann vum Beliichter an Tountechniker. „Ech wor all Dag als éischten do a sinn als leschte gaang." Vu 7 moies bis 2 oder 3 nuets, je nodeem wéini d'Bün direkt no der Opféierung erëm ofgebaut wor; an da stramm moies di nächst Trupp empfänken. Hie wor ëmmer a Bereetschaft, a goung den Telefon wéinst enger Pann, ass de gudde Remy dohi geflitzt a krut och emol dann zu Eech en Telefon, datt hien ëmdréie kéint. Et wir erëm OK!

2001 ass de Remy hannescht an den Neien Theater als Techniker schaffe gaang. Wéi hie 1.700 Iwwerstonnen hat an nach 70 Deeg Congé, huet hien e Vertrieder ugeléiert. Leider huet een deemools als Fonctionnaire nach net Deelzäit kënne schaffen. Fir seng Iwwerstonnen a Congésdeeg huet de Remy ganz fräi missen huelen. Mat 40 Déngschtjoren huet de Remy mat 55 Joer d'Pensioun geholl. Sou stënterlech op 0 wor déidlech.




De Remy geet gär an oft iessen, zemools wann hie ka bei Bekannter goen. Wéi hien eng Wunneng um Kierchbierg hat, du wor dat net senges an hie wor schëtzeg erëm hannescht hei an der Gemeng. Bis d'Héichwaasser 2018 huet hien an engem Appartement am Cigalon am Mëllerdall gewunnt. Lo wunnt hien am Duerfkär vu Waldbëlleg.

„Ech wëll ni méi vu Waldbëlleg fort", betount hie ganz iwwerzeegt. Him wor an ass ëmmer nach den Duerfcharakter wichteg an de Kontakt mat de Leit.

Hie wor aktiv an der Musek, an de Pompjeeën, awer och an de Clubs des Jeunes vu Waldbëlleg a Chrëschtnech, am Pingpong ze Chrëschtnech an zu Haler, an am FC Olympia Waldbëlleg-Chrëschtnech. „Deemools woren dräi Caféën ze Chrëschtnech fir nom Match". De Remy huet vu 14 bis 16 Joer Nationalequipe bei de Cadete gespillt. Kolleege sinn him säi Liewe laang ganz wichteg. „Fréier wor et mi flott! Mir hunn der gestiicht, matenee geschwat, ee wor fir deen anderen do, a keen hat en Handy ...", erënnert hie sech. Fir bei der Mamm eng Ursaach fir eraus ze hunn, gouf e Futtballstraining erfonnt, an da sinn d'Bouwen op den Terrain geflitzt, hunn sech do mat Genoss a vill Furri am Bulli gewänzelt; a wann d'Trikoten da knaschteg genuch ausgesinn hunn, sinn si op Eechternoach op de Bal gaang! Jiddwereen huet sech dru ginn, fir mam Täschegeld auszekommen, an et gouf och alt deen een oder aneren mat duerchgeholl.

De Remy hat vill Spaass, an der Musek ze spillen. Zu senger Schaffzäit konnt hie leider owes net an der Prouf present sinn, dofir huet hien eng aner gedréint. Hien huet sech e Synthesizer kaaft, kuerz drop e Keyboard, an dann ass hien eleng oder mat e puer Kolleege spillen a sange gaang. A sengem Repertoire wore Walz, Marsch, Polka a Fuesmusek. Am Hotel Cravate ass de Remy mat sengem Liblingslidd My Way opgetrueden, an ech ka mer hien do scho richteg gutt virstellen!

Danzegoe wor ugesot. Awer net ouni virdun de Papp vum Meedche froen ze goen ...

Am Café Dina am grousse Sall woren dacks Baler, muenchmol Kiermes. Sonndes wor Kickertournoi an op véier Dëscher gouf Kaart gespillt, oder hefteg diskutéiert. Dem Remy feelt di Clique onheemlech, an och elo nach huet de Stammclient beim Dina gäre Jugend ronderëm sech. Hien potert gär a laang a fein. Och ech hunn hien do esou e bësse kennegeléiert. Duerfstëmmung pur eben.

De Remy ass e ganz groussen Déierefrënd. Wa mäi Mupp Pipo him de Käppchen op de Schouss leet, da straalt hien. Op der Tëlee kuckt hien „ni Filmer, mee vill Dokumentatioune vun National Geographic iwwer Länner, Déieren, Konflikter an hir Léisungen".

Säit Joren ënnerstëtzt hie Médecins sans frontières, Help for Children an divers Déiereschutzorganisatiounen.

Wann den Theater zou wor, ass de Remy oft zwee oder dräi Méint an Italien verduft an huet och Reese gemaach op Martinique oder an Tunesien. Mat de Veräiner wor hien op Palma, an d'Schwäiz an an Éisterräich. Wann Tournéeë vum Theater woren, goung et och op de Festival vun Avignon. Dem Remy seng Ae blénken, wann hien dorunner denkt: „Dat wor nach Fräiliichttheater! Am Dag bei 40 Grad Scheinwerfer opriichten an nuets bei 0 Grad ofbauen!"

***Ech hu mech ni geschount am Liewen, an et deet mir net leed.***

Als éischten Auto hat de Remy en 128er-Fiat. Den Autosgeck fiert am Moment säi 26. Automobil! An zwar e schmocken Audi R8, wouriwwer hie mir alles erkläert a gewisen huet, vum astellbaren Auspuff iwwer de Klang bis zur Mall fir am Capot an dem Toit ouvrant. Fir extra Fotoen ze maache si mir - also de Remy, de Pipo an ech – iwwer d'Stroosse geflitzt an och lues duerch de Bulli an d'Wise gefuer. Ech wor mäi Läppches Dag nach net esou séier um Haler Kräsiskoup! Ei, dat wor flott, MERCI Remy!

*Iddi, Text a Fotoen: Damaris Pletschette*



# OLIO D'OLIVA E VINO

2007 hu mir, d'Famill Azzeri-Seyler, d'Geleeënheet kritt, fir d'Nannetshaus, d'Gebuertshaus vum Michel Rodange ze kafen. Et steet op 3, rue Michel Rodange zu L-7681 Waldbëlleg. Un d'Haus ugebaut war eng kleng Annexe, grad emol 2,5 Meter breet a 7 Meter déif. Dës Annexe hat eng eege Nummer, d'Nummer 1, an huet der Gemeng gehéiert. E puer Joer méi spéit krute mer d'Chance, dësen Deel vum Haus, deen eigentlech ëmmer zum Nannetshaus gehéiert hat, och ze kafen. Mir hunn deen Deel Haus Nummer 1 gedeeft. Am Ufank, well mer net genee wossten, wat dora maachen, hu mer et als Atelier genotzt. Iddien ewéi d'Installéiere vun engem klenge Gîte oder enger Épicerie waren an eise Gedanken, mee bis 2018 huet sech näischt gedoen. Do hate mer de Pech, datt mer ewéi vill anerer, vun den Onwiedere vum 1. Juni iwwerrascht gi sinn an eis Annexe, esou ewéi d'Wunnhaus, iwwerschwemmt goufen. Am Haus Nummer 1 stung d'Waasser 180 cm héich. Säitdeem waart d'Annexe op hir Renovéierung.

2018 hu mir ausserdeem mat engem Wäin- an Olivenueleghandel ugefaang. Dëse klenge Commerce krut den Numm vun eiser Annex, ***Haus Nummer 1***; d'Iddi, hei ee klenge Verkaafs- an Degustatiounsraum ze maachen, ass méi konkret ginn.

***Haus Nummer 1*** steet am Moment fir exzellenten Olivenueleg extra vergine aus der Toskana a fir eng Rei aussergewéinlech Wäiner och aus der Toskana, aus den Abruzzen an aus dem Alto Adige (Südtirol). Mir schaffe mat dräi klenge Wënzerbetriber zesummen, deenen hir Produiten exklusiv nëmme bei eis ze kréie sinn.

Den Ufank hunn d'Wënzer vun der Kellerei Poggio Molina gemaach, déi mir an der Vakanz zu Bucine an der Toskana kennegeléiert hunn. Duerno sinn








d'Kellereie Jasci e Marchesani mat Biowäiner vu Vasto aus den Abruzzen an de Kandlerhof vu Bozen aus Südtirol dobäi komm. Mat eise Partner sti mir permanent a Kontakt, besiche si reegelméisseg a ginn iwwer d'Entwécklung an hire Kellereien, iwwert hir nei Produiten an déi nei Joergäng vun hire Wäiner informéiert. Et huet sech esou eng flott, interessant an esouguer frëndschaftlech Zesummenaarbecht entwéckelt, déi op géigesäitegem Respekt a Vertrauen fir deem anere seng Aarbecht berout.

De Verkaf vun de Produiten geschitt privat, bei eis doheem oder iwwer Degustatiounen, déi mir bei Iech doheem organiséieren. D'Konzept ass ganz einfach. Dir invitéiert eng Rei Frënn a Bekannten oder Leit aus Ärer Famill a suergt fir Plaz, Glieser an eppes Klenges ze knabberen. A mir encadréieren den Owend mat Wäiner an Olivenueleg, esou wéi enger Hällewull Informatiounen an Hannergrondwëssen iwwer d'Wënzer an hir Produiten aus Italien. Dat Ganzt geschitt onverbindlech an Dir gitt mat um Verkaf vum Owend bedeelegt.

Selbstverständlech kritt Dir eis Produiten, esou laang de Stock et zouléisst, och nieft den Degustatiounen bei eis ze kafen. Am ganze Joer, mee besonnesch virun de Feierdeeg, kënnt Dir och eenzel Fläschen an enger Degustatiounsbox fir Iech selwer oder als Kaddo kréien. Och fir Är Fester oder Betribsfeiere kënne mir Iech gären eis Wäiner ubidden.

Mëttlerweil hu mir nieft dem exzellenten Olivenueleg extra vergine aus der Toskana och 16 verschidde Wäiner, vum Spumante iwwert déi fruuchteg a sprëtzeg Wäiss- a Roséwäiner bis bei liicht a manner liicht rouder. All Wäiner sinn typesch Produiten aus der jeeweileger Regioun mat eenzelnen Iwwerraschungen an interessante Geschmaachsrichtungen. E Genoss fir jiddwereen, dee Wäin gär huet!

Frot Iech einfach e Rendez-vous iwwert eis E-Mail: ***info@haus-nummer-1.lu*** oder d'Telefonsnummer 621 24 28 48, fir eis Produiten ze kréien. Méi Informatioune fannt Dir an de soziale Medien op Facebook oder Instagram an op eiser Homepage: ***www.haus-nummer-1.lu***



*Text: Luc Azzeri,*
*Initiativ a Fotoen: Damaris*

# BUERGBRENNEN



Wéi schonns d'lescht Joer war et dëst Joer net iwwerall méiglech, d'Buerg opzeriichten an ze brennen. Et war einfach ze vill Stuerm.

Zu **Haler** gouf et just eng ganz kleng Buerg, déi d'Kanner opgebaut haten. Mee all Respekt fir deen Effort! An et war awer flott, a fir Iessen an Drénke war gesuergt.

































Zu **Waldbëlleg** gouf fläisseg gesammelt fir d'Buerg, an se gouf an haarder Aarbecht opgeriicht. Et war net dat schéinste Wieder, mee de Fakelzuch ass nawell duerch Bëlleg gezunn, laanscht d'Gemeng. An d'Buerg ass ugefaange ginn an se huet gebrannt! Dono hat sech eng dréche Plaz fonnt an der Hal fir e Patt an e Maufel.

Och zu **Chrëschtnech** hat et geklappt mat der Buerg. Dat weist an doriwwer schreift de Club des Jeunes op enger anerer Plaz an dësem FUUSS.

*Marc Barthelemy*

*Fotoen: Damaris, Laury Mehlen*





3 Naturparke – 1 Account

# naturpark.lu

3 Parcs naturels - 1 compte




**Instagram**

DE • Regelmäßige Stories und Beiträge im Feed

Gerne reposten wir auch Ihre Eindrücke

**#naturparklu**

FR • Stories et publications régulières dans le feed

Nous sommes heureux de republier vos impressions

**#naturparklu**

FOLLOW US

**Facebook**

DE • Neue Seite, auf der in Zukunft ein verstärktes gemeinsames Auftreten der **3 Luxemburger Naturparke** stattfinden wird

**@naturparklu**

FR • Nouveau site sur lequel il y aura une présence commune accrue des **3 Parcs naturels luxembourgeois**

**@naturparklu**

LIKE

**YouTube**

DE • Entdecken Sie Naturparke des Großherzogtums bequem von zu Hause aus

**Naturparke Luxemburg**

FR • Découvrez tous les Parcs naturels du Grand-Duché depuis chez vous

**Naturparke Luxemburg**

SUBSCRIBE

© Mim Moser, Uli Fielitz, Raymond Clement



SOPIBO s.c.



# SCHONNS 35 JOER SOPIBO!

Wéi Dir wuel all wësst, ass SOPIBO d'Ofkierzung fir *Société Pinnel Boonen*, dee grousse Bauerenhaff op der Waldbëlleger Kopp, um Wupp vun der Rue Laach a Richtung Haler.



1960 ass d'Famill Boonen aus Holland komm an huet zu Néngse beim Stau e Betrib gepacht. 1974 sinn se an en Haff zu Haler gaang. Ee vun de Bouwen, de Louis Boonen, huet eng landwirtschaftlech Ausbildung gemaach an 1984 d'Baurewiesen zu Haler iwwerholl. Fir net bei all Entscheedung missen eleng ze sinn, koum him d'Iddi, fir mat sengem Frënd, dem Marc Pinnel, eng Coopérative ze grënnen. D'Famill Pinnel hat matzen am Duerfkär zu Waldbëlleg an der Rue des Fleurs e Bauerebetrib. Et wor vill Administratives ze reegelen, ier den 1. Abrëll 1985 d'Coopérative SOPIBO gegrënnt konnt ginn. Esou eng Coopérative ass et bis dohinner bal néierens ginn.

Zesummen hunn di zwee Frënn 1986 mam Neibau vun engem Stall fir Mëllechvéi ugefaangen. An Holland hat de Louis an engem Mëllechstand geschafft, deen *2x8er Side-By-Side* heescht. Vill Leit hunn de Kapp gerëselt, wéi hien sou eppes Neits hei wollt hunn, mee de Lou wosst sech duerchzesetzen. Nach haut sträicht meeschtens de Marc pro Dag siwe Stonnen do dran, an hie lauschtert gär seng Musek dobei. Wann d'Kéi defiléieren, ginn se gelackelt an encouragéiert: *Daaaajeeee!* Heiansdo muss et eng op de Kickes sinn. D'Leit um Haff kennen hir Béischten all eenzel.

Als *digitale Bauer* huet de Lou zousätzlech a sengem Handy e Programm, an deen hien all d'Donnéeën agëtt, e komplette CV vun all Kou, mat ënnert anerem Ouermarkennummer, Gebuertsdag, Gewiicht, Impfungen, de Kaalwer, de Liter Mëllech pro Dag, de veterinären Asätz asw. De Lou erklärt dat alles mat Fachbegrëffer iwwer d'Produktioun, d'Wirtschaft, d'Fidderung, d'Besamen ...



Och beim Serge Boonen, engem vum Lou senge Jongen, ass um Handy en änleche Programm iwwer di ganz Weeden, Akerstécker a Maschinnen. De Serge huet zu Bonn Landwirtschaft studéiert a wäert an Zukunft de Betrib iwwerhuelen. Seng Ae glënneren, wann hien iwwer den neie Stall schwätzt, deen am Bau ass: D'Fleeschproduktioun soll ofgebaut, d'Mëllechkéi sollen op 350 opgestockt an an deen neie Koustall integréiert ginn. Hie kritt vill ze dinn, an der Baussewirtschaft vum Haff, wéi och parallel dozou als Éischte Schäffen vun der Gemeng vu Waldbëlleg.

1990 wor de Jacques Joosen an d'Fusioun erakoum, 1993 de Jos Lorang. Hir Deeler hunn de Marc Pinnel a Louis Boonen 2002 iwwer-holl. Vun 2001 bis 2009 wor de Luc Dimmer an der Fusioun, dunn huet d'SOPIBO him all d'Déieren a vill Betribskapital ofkaaft.





Den 3. Juni 2010 huet et um Haff gebrannt. Wien aus dem Duerf erënnert sech net dorunner? Virun allem d'Hëllefsleit, d'Gesellschafter an hir zwee Aarbechter hu missen materliewen, wéi e Stall verbrannt ass an 140 Déieren an de Flamen an am Damp ëmkomm sinn.

Zanter 2013 ass d'Sylvie Leyder an der Fusioun, mat hirem Véi an hirem Land.

De Marc an de Lou si schonns an der Pensioun oder ginn elo. Zefridden a frou kënne si op vill sënnvoll



Investitiounen zréckkucken an dem Serge de Betrib tipptopp iwwerloossen.

Um Fudderdësch fiert e flénke Roboter, deen de Kéi dat Fudder erëm ënnert d'Nues dréckt, dat si wieleresch verpiddelt hunn. Hie fënnt säi Wee mat Magnéiter am Buedem a geet sech ganz eleng nees oplueden.

De Buedem am Stall gëtt mat engem Schiber propper gehal, deen all zwou Stonnen uspréngt.

Am Stall kënnen d'Kéi sech de ganze Kierper masséiere loossen, u Biischten, di automatesch usprangen beim Kontakt mat der Kou an di dann dréinen. Wellness pur!

Mam *Mëllechtaxi* ginn d'Kaalwer versuergt.

An trotz munch engem Schicksalsschlag bleift de Lou engagéiert sengem Liewensmotto trei: „Was regst du dich auf, dass es dunkel ist, wenn du noch nicht mal Streichhölzer in der Tasche hast, um eine Kerze anzuzünden?" Hie wollt eppes erreechen a sengem Liewen, a senger Famill an am Betrib, an dat huet hien! „Ich habe meinen Anteil zur Gesellschaft und an der Entwicklung der Welt beigetragen", seet hien houfreg an





engem Interview, deen hien no zwielef Joer als President vun der Convis ginn huet, wou hie vill Unerkennung krut fir seng zilorientéiert Manéier.



D'Presenz vun den Nopeschkanner an hiren Elteren um Haff läit dem Lou staark um Häerz, fir de Kontakt tëschent Konsument a Verbraucher ze förderen. Oft léieren d'Kanner do Trakter fueren. Si koumen och gär mat op de Rendez-vous fir d'Fotoen, déi fir dëse FUUSS gemaach goufen.

Eng aner Aktioun, fir de Kontakt mam Verbraucher ze stäerken a fir der Biodiversitéit ze déngen, sinn **d'Blummewisen**, déi all Joers geséit ginn. Hei kann de Bierger Blumme plécke kommen, fir säin eegene Gebrauch. An d'Insekte sinn natierlech och frou doriwwer. Am Ufank vun dëser super Initiativ konnt de Bierger aus der Gemeng dës Aktioun finanziell mat engem *Parrainage* ënnerstëtzen. Den administrativen Opwand war awer ze héich, fir dat all Joer ze maachen. Et wier awer flott, wann d'SOPIBO einfach kuerz géing kontaktéiert ginn, wann een di éischte Kéier do Blumme pléckt, per E-Mail op: ***sopibosc@pt.lu***






Elo huet de Lou als Grënner vun der SOPIBO d'Wuert an dësem Artikel, well wie soss kéint seng vill wëssenschaftlech Projete besser dem FUUSS-Lieser erklären, wéi hie selwer? Egal, ob Sonneblummen, Stroum, $CO_2$, Mëllechquantitéiten oder Quoten … de Lou wees einfach, vu wat hie schwätzt, also hei schreift:

### De Betrib huet verschidde Produktiounsrichtungen:

Déi gréisst ass **d'Mëllechproduktioun**. All eis Mëllech gëtt mat OGM-fräiem Fudder produzéiert, also ganz ouni Gentechnik. Mir hunn de komplette Betrib viru véier Joer op OGM-fräit Fudder ëmgestallt. D'Mëllech gëtt als Drénkmëllech iwwer déi international Molkerei ARLA an Däitschland verkaaft. Dës Produktioun wëlle mir nach grouss maachen mat engem Investment an en neie Stall, wou da mat Robotere gestrach gëtt.

D'SOPIBO ass och Member an der lëtzebuergescher Kooperativ *Fair Mëllech*. Vun all Liter Mëllech, deen iwwer *Fair Mëllech* verkaaft gëtt, ginn 10 Cent direkt un de Bauer. D'Betriber vu *Fair Mëllech* produzéiere Mëllech no engem *Cahier de charges*, an deem ënnert anerem eng Nohaltegkeetsbilanz vum Betrib gefrot ass. Dat heescht, datt alles, wat an de Betrib erakënnt, op Energie- an op $CO_2$-Equivalent berechent gëtt, fir festzestellen, wéi vill negativen



Dësen Artikel ass am Februar dëst Joer vun Damaris Pletschette a Louis Boonen realiséiert ginn. Leider ass dono am Abrëll d'Sylvie Leyder, Partnerin vun der Kooperativ a Liewenspartnerin vum Louis Boonen, onerwaart gestuerwen. D'Redaktioun vum FUUSS ass bestierzt doriwwer an dréckt dem Louis Boonen a senger Familljen hiert déifste Bäileed aus.

An Accord mat Louis a Serge Boonen gëtt den Artikel hei nawell publizéiert, och als Erënnerung un d'Sylvie Leyder.

Impakt op d'Natur dës Produktioun huet. An de Betrib erakomme Fudder, Diesel, Dünger, Machinnen ... Dat selwecht geschitt bei allem, wat aus dem Betrib verkaaft gëtt, ewéi Mëllech, Fleesch, Kären, Hee, Stréi. Duerno gëtt bilanzéiert a mir wëssen, mat wéi vill Gramm $CO_2$-Ausstouss mir eis Mëllech produzéieren. An eisem Betrib rechne mir dës Bilanzen schonn zanter méi ewéi 20 Joer.

Déi zweet Produktiounsrichtung ass **d'Fleeschproduktioun.** D'Kaalwer vun de Mammekéi ginn am Alter vun 9 bis 10 Méint u spezialiséiert Mäschtbetriber verkaaft, di Fleesch fir de Programm *CACTUS-Fleesch vum Lëtzebuerger Bauer* produzéieren. Och fir dës Produktioun ass en Nohaltegkeetsbilan erfuerdert. Hei gëtt d'Resultat mat Gramm $CO_2$ pro Kilo Fleesch ausgedréckt.

**D'Kären**, di mir am Betrib produzéieren, gi gréisstendeels gebraucht als Fudder fir eis Béischten. Just de Raps gëtt verkaaft, fir Rapsueleg ze produzéieren, an de Weess gëtt verkaaft, fir Miel ze muelen a Brout ze baken. Hei heescht de Programm *Produit du terroir, Lëtzebuerger Broutweess*.

E leschten an extra wichtege Pilier an der Produktioun vun der SOPIBO ass **d'Sonnenenergie**. Mat verschiddenen Anlagen op den Diecher vun eisen Halen, déi eng total Leeschtung vu 560 KW hunn, produzéiere mir 480.000 KWh Stroum. Dat ass méi ewéi dräimol esouvill, wéi mir selwer am Betrib verbrauchen. Et ass – anescht ausgedréckt – genuch Stroum fir 140 Haushalter vu véier Persounen.

*Louis Boonen an Damaris Pletschette*

*Fotoen: Damaris, ausser d'Foto am Mëllechtank: Serge Boonen*



## Sylvie Leyder

*D'Noperen aus der Rue Laach sinn an déiwer Trauer iwwert den onerwaarten Doud vun eiser Nopesch Sylvie Leyder.*

*Si war déi gutt Séil a Mamm vun eiser Strooss. Mat hirem groussen Häerz an hirer Fréndlechkeet huet si jidderee mat oppenen Ärem empfaangen an engem ëmmer e Laachen op d'Gesiicht gezaubert. Getrei hirem Motto „Il n'y a que l'amour qui compte" stoung hir Dier Grouss a Kleng zu jidder Zäit op a si huet sech Zäit fir hir Nopere geholl.*

*Si war déi dreiwend Kraaft beim alljäerlechen Noperschaftsfest, dat am Häerz vun der Strooss ënnert dem Motto „Bistro Sylvie" gefeiert gouf. Jonk an Al hunn sech iwwer d'Joren hei zesummefonnt, fir vill flott Stonne mateneen ze verbréngen.*

*Duerch hir oppen Aart huet si de Kanner d'Liewen um Bauerenhaff méi no bruecht an se mat agebonnen. Eng Lutsch oder Kamell hat d'Sylvie ëmmer fir d'Kanner prett, a séier gouf si d'Lutschefra fir déi Kleng.*

*Léift Sylvie, du wäerts ëmmer als gutt Nopesch, Mamm vun der Strooss, Frëndin an Ersatzbomi an eisen Häerzer an Erënnerung bleiwen. Däin onerwaarten Doud hannerléisst e grousst Lach bei eis all.*

*Denge Kanner Marc, Cathia a Lynn, esou wéi dem Louis drécke mir eist häerzlechst Matgefill aus.*

*D'Noperen aus denger Rue Laach vu Waldbëlleg*

# KLIMAPAKT // *PACTE CLIMA*

## KLIMAPAKT AKTUELL. DAS RE-AUDIT IN ZEITEN VON CORONA

Auch wenn das Thema Corona zurzeit alle anderen Themen überschattet, wollen wir den Klimaschutz und den Fortschritt im Klimapakt nicht vergessen.

Im Moment ist eine Zusammenarbeit von Angesicht zu Angesicht leider nicht umsetzbar. Klimaberater und Gemeindemitarbeiter sind aber auch im Homeoffice fleißig und nutzen die verbleibenden Kontaktmöglichkeiten, um den Maßnahmenkatalog der Gemeinde auf den aktuellen Stand zu bringen und neue Maßnahmen zur Verbesserung der Gesamtbewertung zu diskutieren.

Da gerade jetzt eine regelmäßige Kommunikation wichtig ist, möchte ich mich an dieser Stelle auch herzlich für die gute Zusammenarbeit bei der Gemeinde Waldbillig bedanken.

Wie im letzten Jahr schon angekündigt, geht es dieses Jahr für Waldbillig in das im Vierjahres-Turnus stattfindende Re-Audit. Normalerweise hätte man in dieser Ausgabe schon ein Ergebnis mitteilen können, da der Original-Termin für das Re-Audit der 30. April war. Aufgrund der neuen Situation und der damit verbundenen Kontakteinschränkungen, wurde, nach Absprache mit der Auditorin und den Verantwortlichen von MyEnergy, eine einstweilige Verlegung auf den 25. Mai beschlossen.

Im Re-Audit geht es darum, den erreichten Standard zu bestätigen. Im Herbst 2016 wurde Waldbillig mit 51,8% auditiert. Der derzeitige Bewertungsstand liegt bei ca. 62%. Auch wenn bei jedem Audit, aufgrund der unterschiedlichen Sichtweisen ein paar Prozentpunkte verloren gehen, sollte es kein Problem sein, den erreichten Zertifizierungsgrad zu bestätigen. Alles Weitere zum Re-Audit dann in der nächsten Ausgabe.

Um ein besseres Bild des erreichten Zwischenstands zu erhalten, hier eine Übersicht zur Punkteverteilung über die sechs Bereiche des Maßnahmenkatalogs:






Abbildung 1.1: Spinnendiagramm Waldbillig




In diesem Sinne: **Keep it green**,

*Ihr Klimaberater*
*Thomas Rünnenburger*

# Neies vum KlimaPakt

Meng Gemeng engagéiert sech

## Maacht Är Gemeng fit fir déi NEI ERAUSFUERDERUNGEN

### ÉCONOMIE CIRCULAIRE

THEMEBERÄICHER
- **Ressourcemanagement**
- **Product-as-a-service**
- **Réckbaubarkeet**
- **Sharing-Aktivitéiten**
- **Flexibilitéit**
- **Reparéieren**

NEI!
2
NEI THEMEN

NEI!
2
NEI ZERTIFIZÉIERUNGEN

### LOFTQUALITÉIT

THEMEBERÄICHER
- **Stëbspartikelemissiounen**
- **Emissiounsaarm Mobilitéit**
- **Propper Loft**
- **$NO_2$-Emissiounen**
- **$NO_2$-Miessungen**
- **Innovative Fuhrpark**
- **Raumplanung**

Är Gemeng

- Informatioun a Begleedung duerch **myenergy**
- Haaptusprechpartner fir Gemengen a Partner
- Entwécklung vu neien Themen an Hëllefsmëttelen
- Betreiung vun de Klimaberoder


**myenergy** Luxembourg

Dës Partner ënnerstëtzen Iech

### KLASSESCH THEMEN
Raumplanung, kommunal Gebaier & Infrastrukturen, Ressourcen, Mobilitéit, intern Organisatioun, Kommunikatioun & Kooperatioun

### NEI THEMEN
Économie circulaire, Loftqualitéit

### FACTS & FIGURES
Zertifizéierungen




| CENTRE for ECOLOGICAL LEARNING LUXEMBOURG – the official transition hub | IMS LUXEMBOURG – Inspiring More Sustainability | Klima-Bündnis Lëtzebuerg | sigi – Fir d'Gemeng an hiere Bierger |
|---|---|---|---|
| Kommunikatioun mat de Bierger | Kommunikatioun mat de Betriber | Erstelle vu kommunale $CO_2$-Bilanen | Energiebuchhaltungssoftware EnerCoach am Gescom |
| www.cell.lu | www.imslux.lu | www.klimabuendnis.lu | www.sigi.lu |

www.pacteclimat.lu

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Développement durable et des Infrastructures
Département de l'environnement

# $NO_2$-MIESSCAMPAGNE MAT DER GEMENG WALDBËLLEG: „BESSER LOFT FIR MÉI LIEWENSQUALITÉIT“

D’Ëmweltverwaltung (AEV) organiséiert eng grouss Campagne fir d’Ëmweltloftqualitéit op nationalem Plang ze moossen an Zesummenaarbecht mat verschiddene Gemengen a Myenergy wärend dem Joer 2020. Et ass eng national $NO_2$-Miesscampagne déi passiv Réier notzt (järlechen Duerchschnëtt) am Kontext vum nationale Loftqualitéitsprogramm an dem Programm „Klimapakt-Loftqualitéit“.

### Wéi leeft de Projet of?

De Projet gëtt an zwou Phasen duerchgefouert, déi éischt Phas huet vu Mëtt bis Enn 2019 stattfonnt. Sechs Miesspunkte goufen ausgewielt. Do sinn am Ganzen 150 Prouwe geholl ginn, déi duerch e Labo analyséiert gi sinn.

Déi heite Miesspunkte waren op dem Territoire vun der Gemeng festgeluecht ginn:

- Mëllerdaller Strooss zu Chrëschtnech
- Schoulstrooss zu Chrëschtnech
- Rue de Christnach zu Waldbëlleg
- A Kilker zu Waldbëlleg
- Rue du Hallerbach zu Haler
- Rue des Rochers am Mëllerdall

All zwou Woche wiesselt d’Gemeng de passive Rouer a fëllt de Miessprotokoll aus. D’Gemeng ass zoustänneg, fir d’Réier un d’Ëmweltverwaltung ze ginn. Dës ass verantwortlech fir d’Verschaffe vun den Analysendaten a fir dann d’Donnéeën un d’Gemeng ze schécken.

An enger zweeter Phas vum Abrëll bis den Dezember 2020 gëtt eng Evaluatioun vun de Resultater gemaach.

Dee leschte Rapport enthält all d’Miessungen, déi wärend dëser Campagne gemaach gi sinn.

### Wat ass den Zweck vun dëser Miesscampagne?

D’Campagne huet zum Zil:

- Sensibiliséierung an d’Gemenge bréngen an d’Awunner iwwer d’Loftqualitéit an hire jeeweilege Gemengen informéieren;

Beispill vun engem passive Rouer



Miesspunkt Schoulstrooss zu Chrëschtnech



- d'Gemengen ze motivéieren, fir hir Loftqualitéit ze verbesseren;
- d'Efforte vun de Gemengen demonstréiere fir zukünfteg Kommunikatioun.

De Projet liwwert national vergläichbar Daten iwwer d'Loftqualitéit, well:

all d'Gemenge benotzen dee selwechte Miessapparat, bestallt vun der Ëmweltverwaltung bei der „LUBW" (Landesanstalt für Umwelt, Messungen und Naturschutz Baden-Würtemberg) iwwert eng eenzeg Bestellung;


d'Gemengebeamten hunn all un där selwechter Ausbildung deelgeholl;

all d'Miesspunkten entsprieche den Installatiounsreegelen vun der Direktiv 2008/50 / CE iwwer d'Loftqualitéit a propper Loft fir Europa.

D'Gemengen, déi deelhuelen, hunn eng präzis Bewäertung vum Staat vun hirer Loftqualitéit an der Analyseperiod. Zousätzlech kënne se vun de raffinéierte Modeller vun der AEV an de kommende Jore profitéieren. Schlussendlech kënnen d'Gemenge Punkte fir de Programm „Klimapakt-Loftqualitéit" kréien.

Soubal d'Campagne ofgeschloss ass, ginn d'Resultater am FUUSS veräffentlecht.

*Filipe Soares*
*Fotoen: Fernand Huss*





## DE BLANNSCHLÉCHER (ANGUIS FRAGILIS)

De Blannschlécher (op däitsch Blindschleiche genannt) kënnt bei eis ze Lëtzebuerg zimmlech heefeg vir an ass duerch d'ganzt Land verbreet.

Ëmmer erëm, wa mir duerch eis Bëscher spadséieren, laanscht Hecke ginn, an onsem Gaart schaffen, hu mir d'Chance de Blannschlécher ze begéinen.

Hien hält sech am léifsten an enger deckungsräicher Vegetatioun oder a Gestrëpp op, wou eng relativ héich Buedemfiichtegkeet ass, awer och genuch Sonnen-astralung. Hie verstoppt sech gären am Dag oder als Wunnquartéier an Äerdlächer, Dréchemaueren, ënner Steng an Doudholz oder an engem Kompostkoup. Dobäi ass et him wichteg, datt et op deene Plazen, wou hien sech verstoppt, genuch ze iessen gëtt. Am léifsten frësst hien nämlech Schleeken a Wierm.

De Blannschlécher gehéiert net, wéi vill Läit unhuelen, zu de Schlaangen, mee en ass eng Eidechs mat enger schlaange-férmeger Gestalt. Hien ass e Reptil, dee kengesfalls blann ass, wéi een duerch säin Numm kéint unhuelen. Den Numm „Blindschleiche" staamt aus der alhéichdäitscher Sprooch an heescht esou vill wéi „blendende Schleiche". Dëst ass op säin Ausgesinn zréckzeféieren.

Am Géigesaz zu de Schlaangen beweegt sech de Blannschlécher zimmlech lues virun. Hien huet kleng Schuppen um Bauch a säi Kapp geet ouni Ofsaz an de Kierper iwwer.

Am Prinzip misst de Blannschlécher wéi all Reptil Eeër leen, wat hien awer net mécht. Hie behält ongeféier zéng Eeër esou laang am Kierper, bis déi kleng Eidechsen sech zu ongeféier 10 Zentimeter laange Jongdéieren entwéckelt hunn an esou als selbststänneg Déieren am August/September op d'Welt kommen.

Vun de Méint Abréll/Mee un, wann d'Temperaturen dobaussen erëm méi waarm ginn, kënnt de Blann-







schlécher aus sengem Wanterquartéier a mat e bësse Chance kënne mir déi fir eis ongeféierlech Eidechs erëm begéinen.

Wéi de wëssenschaftlechen Numm anguis fragilis et ausseet, ass de Blannschlécher zimmlech zerbriechlech. Hie kann bei Gefor säi Schwanz ofstoussen an domadder seng Feinden oflenken. Dëst sollt ee jiddefalls bedenken wann een e Blannschlécher wëllt an d'Hand huelen.

Obwuel de Blannschlécher zu den heefegsten Kréich-déieren a Mëtteleuropa zielt, ass et awer déi Aart, déi vun den heemesche Reptilien am mannsten erfuerscht ass.

Hei ze Lëtzebuerg ass de Blannschlécher momentan net vum Ausstierwe bedrot, mee d'Zersiidlung vun onser Landschaft, de Stroosseverkéier, d'Intensivéierung vun der Landwirtschaft an de Mënsch selwer kënnen eng Gefor duerstellen.

Wann Iech also an Zukunft e Blannschlécher sollt iwwer de Wee laafen, braucht Dir keng Angscht ze hunn. Bewonnert seng Schéinheet a loosst en zefridden a senger Emgéigend weiderliewen.

*Text: Théo Moulin, Fotoen: Damaris*

Déi wonnerbar an aussergewéinlech Foto vun der Blannschlécherin mat hire lieweg gebuerene Kanner huet dësen Artikel inspiréiert

*Quellen:*


- Günther R. 1996. - Die Amphibien und Reptilien Deutschlands.
- Proess R. (éd.) 2007. - Verbreitungsatlas der Reptilien des Großherzogtums Luxemburg.
- Travaux scientifiques du Musée national d'histoire naturelle.

# DE GAART AN DER ZÄIT VUM CORONAVIRUS.

De Gaart gëtt eis d'Méiglechkeet dobaussen ze sinn, an zur Rou ze kommen. E gëtt eis och d'Geleeënheet, eis zum Deel selwer mat Liewensmëttelen ze versuergen.

Mir kënne kreativ ginn an nieft Blummen och Sprossen, Kraider, Geméis an Uebst planzen, ob dat am klengen oder grousse Gaart, um Balkon oder op Terrass ass.

Hei sinn zwee Versich, aus Paletten en Héichbeet, resp. en Hängebeet ze man.









*Fotoen: Isabelle Oberlé*

De Lockdown huet am Mäerz ugefaangen; also an enger Zäit wou mer eis nach kënne Som beschafen; sief dat bei **SEED** (*Som fir d'Erhalen an d'Entwécklung vun der Diversitéit: http://seed-net.lu/)* oder am Supermarché. Um Fräschmaart bidden d'Gäertner kleng Planzen un, déi ee virunzille kann.

**Gaart an Heem** (*Ligue luxembourgeoise du coin de terre et du foyer*) gi vill nëtzlech Tipps, wéi Uebst, Geméis a Kraider – ouni Pestiziden – gutt kënne wuessen: https://gaartanheem.lu







*Source: pinterest*

Kompostbuedem oder de Buedem, deen de Maulef mat sengen Tunnellen opschëtt, ass wonnerbar fir an d'Kiwwelen oder an de Gaart ze man. De Gaardebuedem kann een och mat Mëscht optiméieren.

Am Krich hunn d'Leit Uebst a Geméis an de *Jardins de la victoire* (victory gardens) ugebaut fir d'ganzt Joer mat Liewensmëttel versuergt ze sinn. Haut gi verschidden Zorten Äppel, Gromperen, Wuerzelen a Kabes aus där Zäit erëm nei entdeckt. Si halen sech gutt a schmaache fantastesch!

2018-19 hat d'**Haus vun der Natur** op der Kockelscheier www.2000m2.lu unhand vun enger Versuchsfläch gewisen, wat op enger Fläch vun 2000 m² (dat, wat jiddwer Mënsch weltwäit „zousteet") ka lokal an nohalteg ugeplanzt gi fir sat ze ginn. Mir zu Lëtzebuerg verbrauchen allerdéngs duebel souvill Fläch - 4000 m² op de Kapp – well mer vill exotescht Uebst a Geméis importéieren an net genuch einheimesch Zorte ubauen: https://www.2000m2.lu/

Op hirem Blog gëtt **IBLA** (*Institut fir biologesch Landwirtschaft an Agrarkultur*) Tipps wéi ee kann e gréngen Daum entwéckelen an zum Selbstversuerger ginn:
https://iblablog.lu/kreislaufwirtschaft-praktisch-selbstversorgung-und-jungpflanzenanzucht-in-eigenregie

**CELL** (*Centre for Ecological Learning Luxembourg*) gëtt och praktesch Rotschléi wéi ee Som ausséit a wéini/wéi d'Plänzercher pikéiert an an d'Fräiland geplanzt musse ginn: https://www.cell.lu/

Urban gardening fënnt een an der Stad an am Minett. D'**Société Coopérative Terra** (https://www.terra-coop.lu/educational-program) an **Transition Minett** (https://www.transition-minett.lu) sinn Initiativë vu Gäertnergemeinschaften, déi am Aklang mat der Natur, gesond Uebst a Geméis produzéieren.






Dofir brauche mer natierlech e gesonden, liewege Buedem.

D'Buch vum Peter Laufmann:
„**Der Boden. Das Universum unter unseren Füßen**"
(Bertelsmann C. Verlag, 192 S., ISBN 978-570-10406-4)
schwätzt iwwer d'Geschicht vum Buedem, iwwer déi Leit déi domat schaffen (Baueren, Gäertner) a wéi mir Mënsche vun dëser Ressource ofhänke fir z'iwwerliewen.

*Isabelle Oberlé*

# Manner Luuchten
## méi Stären & méi Liewen

Duerch Liichtverschmotzung verléiere mir eisen däischteren Nuetshimmel. Vill Leit hunn d'Mëllechstrooss nach ni mat blousse A gesinn...

85% vum gesamten EU-Gebitt sinn an der Nuecht kënschtlech beliicht.

## Firwat ass dat e Problem?

Planzen an Déieren hu sech wärend Millioune Joeren an engem natierleche Rythmus tëscht hellen Deeg an däischteren Nuechte entwéckelt.

### Zirkadiane Rhythmus

### Hell Nuechten?

Eis kënschtlech Beliichtung huet sech sou séier verbreet, datt d'Natur & de Mënsch keng Zäit hate fir sech unzepassen!

### Déieren a Planzen

Kënschtlech Beliichtung stéiert de Liewens-zyklus vu ville Liewewiesen déi nuetsaktiv sinn.

- Joen a sech fidderen gëtt méi schwéier, d'Orientéierung an d'Paargewunnechte gi gestéiert...
- 1/3 vun allen Insekten, déi nuets vu Luuchten ugezu ginn, stierwen.
- Och dagesaktiv Déiere sinn op eemol nuets ënnerwee amplaz ze schlofen.
- Hell Nuechte kënnen d'Wuesstumsperiode vu ville Planzen an der Zäit verschiben.

### Eis Gesondheet

Nuetsbeliichtung bréngt eisen zirkadiane Rhythmus duercherneen - zumols kuerzwelleg Luucht ("blo Luucht")! Dat kann zu Schlofmangel, Häerzproblemer, Depressiounen a verschidde Kriibse féieren.

### Energie-Verschwendung

## Wat kann ee besser maachen?

Nuetsbeliichtung nëmmen do wou et néideg ass & wa se gebraucht gëtt

- Beweegungsmelder & Zäitschaltaueren asetzen.
- Musse Vitrinnen, Fassaden, Beem am Gaart ... beliicht ginn?

D'Stäerkt vun der Beliichtung reduzéieren

Eis A kënne sech ganz gutt un déif Luucht-Intensitéiten upassen.

Beliichtung no uewen aschränken

Onbenotzt Liicht, dat no uewe geriicht ass, dréit zu onnéideger Liichtverschmotzung bäi a perturbéiert eis Fliedermais, Insekten ...

Déif Faarftemperature benotzen ("waarm Luucht", ⩽ 3000 Kelvin)

Wéi ass et mat **LED-Luuchten**?

- **Positiv**: ↗ Liewensdauer & Energieeffizienz (am Verglach mat den 'ale' Generatioune vu Luuchten).
- Mee **opgepasst**: LED-Wellelängte leie gréisstendeels am bloe Beräich, deen am meeschten zur Liichtverschmotzung bäidréit an eisen zirkadiane Rhythmus perturbéiert.

→ **Dofir**: Wielt Luuchten déi ⩽ 3000 Kelvin hunn.

Beliichtung vu Vegetatioun a Gewässer vermeiden...

... an esou d'Liewewiese schützen!


Editeur:
www.ebl.lu
info@ebl.lu
(+352) 247 86831
Ebl

Partner:
Naturpark Our
OUR Naturpark
Night Light & More

Veröffentlecher:
Gemeng Waldbëlleg
De Superklimafuuss
KlimaPakt

## WANN ET DÄISCHTER GËTT AM DUERF!

E puer Nuechte laang war et eriwwer mat der Liichtverschmotzung zu Waldbëlleg. Wéinst engem Probleem um Elektresche war et nawell däischter am ganzen Duerf. Just d'Gemeng war nach beliicht.

Den Daniel Thill aus der Rue de la Montagne huet dovunner profitéiert, fir eng schéi Foto vun der Gemeng ze maachen. An hien hat déi gutt Iddi, dem FUUSS déi ze schécken: **fuuss@waldbillig.lu**



# D'HEINZELMÄNNERCHER
Äre Service de Proximité

## Offre d'été / Sommerangebot

*Associatioun fir d'Erëm-Aféierung vun Demandeurs d'emploi an de Beruff an an d'Gesellschaft.*
*Déngschtleeschter vu klengen Aarbechte fir eeler Leit oder Hëllefsbedierfteger.*

### Nous offrons :

**Travaux de jardinage :**
Entretien du potager, de la pelouse, arrosage, taille, etc.

**Travaux de bricolage :**
Réparations, nettoyage haute pression, peinture, etc.

**Divers :**
Garde de votre maison pendant vos vacances, promenade des chiens, courses, etc.

### Wir bieten an:

**Gartenarbeiten:**
Pflege des Gemüsegartens und des Rasens, gießen, Hecken schneiden, usw.

**Instandsetzungsarbeiten:**
Reparaturen, Hochdruck-reinigung, Malerarbeiten, usw.

**Verschiedenes:**
Hüten des Hauses während Ihrer Abwesenheit, Hunde Gassi führen, Einkäufe, usw.

**Tarif TTC | inkl. MwSt: 14€** par heure et salarié | pro Stunde & Mitarbeiter
**4€** par heure et machine | pro Stunde & Maschine

# TÉL.: 28 80 80

**8, an der Laach | L-6550 Berdorf**
**mellerdall@cig.lu | mellerdall.cig.lu**

# Medikamenter - Wouhin ?

SDK RESSOURCEN INNOVATIOUN NOHALTEGKEET CIRCULAR ECONOMY
SuperDrecksKëscht ®


## Medikamente gehören **nicht** in die Abfalltonne, Toilette oder den Waschbecken !

## **Ne jetez pas** les médicaments dans la poubelle, la toilette ou le lavabo !

### Für Ihre Sicherheit und die Ihrer Mitmenschen

**Helfen Sie mit, dass abgelaufene und nicht genutzte Medikamente nicht über Restmüll, Toilette oder Abwasser in die Umwelt gelangen und somit uns und unsere Umwelt gefährden!**

**Nutzen Sie die Abgabemöglichkeiten in Ihrer Apotheke sowie der SuperDrecksKëscht® mobil und im Recyclinghof!**






### Pour votre sécurité et celle de vos citoyens

**Participez à l'action visant à ce que les médicaments périmés et inutilisés ne terminent pas dans l'environnement via les déchets résiduels, la toilette ou les eaux usées et portent ainsi atteinte à ce dernier !**

**Utilisez les opportunités de reprise offertes par votre pharmacie ainsi que la SuperDrecksKëscht® mobile sans oublier les centres de recyclage !**

**Info: medi.sdk.lu**

**Die SuperDrecksKëscht® kümmert sich um die umweltgerechte Behandlung.**

**Medikamente und Spritzen werden in speziellen Hochtemperaturverbrennungs-Anlagen behandelt.**

**Beipackzettel und Verpackungen werden recycelt.**



Sortierung - Tri

**La SuperDrecksKëscht® prend soin du traitement écologique.**

**Les médicaments et les seringues sont traités dans des installations d'incinération à haute température.**

**Les notices explicatives et les emballages sont recyclés.**

### Achtung !

- Auch abgelaufene und nicht genutzte Kosmetika werden von der **SuperDrecksKëscht®** angenommen.
- Nutzen Sie für Spritzen und Kanülen den Sicherheitsbehälter – erhältlich auch in Ihrer Apotheke. Bitte diesen korrekt verschliessen!

### Attention:

- La **SuperDrecksKëscht®** accepte également les produits cosmétiques périmés et inutilisés.
- Pour les seringues et embouts de canules, utilisez le récipient de sécurité que vous recevez dans votre pharmacie. Fermez le récipient correctement !

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat et du Développement durable
Administration de l'environnement

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat et du Développement durable

Syndicat des Pharmaciens Luxembourgeois

# WAT ASS LASS? // *QUE FAIRE?*

## EIS BICHERSAIL

Si steet virun der Gemeng an huet d'Form vun enger Telefonskabin. Si gouf 2016 vum Xavier Bettel a vum Buergermeeschter Jean-Luc Schleich ageweit, am Kader vun der offizieller Feier fir den 190. Gebuertsdag vum Michel Rodange. Deemools gouf festgehal, datt jiddwereen sech do Bicher duerf ausléinen. Et kann een d'Bicher halen, tauschen oder hanneschtbréngen. E ganzt Regal mateneen sollt ee wgl. net mathuelen!



*Foto: Pierre Haas*

Drastellen duerf ee Bicher, déi a guddem Zoustand sinn, mat manéierlechem an net extremisteschem Inhalt. Bis elo hu mir een ongeeeegent Buch missen eraushuelen. Mir stelle fest, datt d'Bichersail ganz vill genotzt gëtt, an dat freet eis.

Am Moment sinn d'Bicher esou ënnerdeelt: D'Romaner stinn do, getrennt an däitscher (dat ass d'Majoritéit), a franséischer an an englescher Sprooch. Da kommen d'Sach- a Fachbicher, de Rubriken no opgedeelt. Déi heefeg Besicher vun der Bichersail hunn opfälleg vill Sachbicher dragestallt. Et sti grad eng Hällewull Kachbicher do, an där iwwer Fitness, Wellness, Regime a Reesguiden. Dat huet sech am Laf vun der Zäit vum selwen esou erginn.

*Foto: Damaris*



Gräift zou. Op der Gemeng waart eng Ersatzkëscht däitsch Romaner op hiren Asaz.

LEIDER hu mir ganz wéineg Jugendbicher, ofgesi vun e puer Päerdsbicher. A mir mussen eis bal schummen, an de leschte Wochen hu mir elo, Enn Mäerz, bei de Kannerbicher keen eent. Dat wor net ëmmer sou, munchereen huet schonn d'Bicher gespent, déi en um Späicher fonnt hat an déi deemools sengen haut erwuessene Kanner hir Favorite waren. Mir hoffe ganz staark, datt dat Lach erëm huerteg gutt gefëllt gëtt. MERCI villmools fir all Hëllef beim Fëlle vun der Bichersail.

*Damaris Pletschette*

Esou en ëffentleche Bicherschaf ass eng Zort Schaf oder Box am ëffentleche Raum, an deem Bicher versuergt ginn, fir datt jiddereen se anonym, gratis an ouni Formalitéite léinen oder tausche kann.

D'Iddi vun den éischten ëffentleche Bicherschief geet op d'Enn vun den 1990er-Joren zréck. Si gouf vu verschiddene Kënschtler am Kader vun Installatiounen entwéckelt, wou d'gratis Bicher e politesch geduechten Akt waren, fir d'Bildung an d'Demokratiséirung vun der Sociétéit.

**Chers résidents de Waldbillig,**

Devant la maison communale se situe la microbibliothèque publique dans une structure ayant la forme d'une cabine téléphonique ou colonne Morris.

Vous y trouvez des livres dans différentes langues dont le français pour adultes, pour adolescents et pour enfants. Vous êtes libres d'y prendre des livres sans être obligés de les rapporter ou d'en mettre vous-même, mais vous êtes évidemment invités à y déposer vos lectures que vous n'utilisez plus. Merci !

**Dear residents of Waldbillig,**

Just outside the Commune offices (Gemeng) there is a public bookcase, looking like an old-fashioned phone booth or advertising column.

There are books in several languages, including English. You are free to take them, and you are not obliged to return them or to contribute some of your own. But of course, if you have books cluttering up your home that you don't need any more, feel free to fill the English shelf. Thank you!

*Translation: Henry Wickens*

*Foto: Damaris*





De Michel Rodange
feiert den 1. Mee, ouni Mask!

*Meekranz: Rol Wagner, Foto: Damaris*



*Foto: Damaris*

## AGENDA

Wéinst dem COVID-19 si vill Aktivitéiten ofgesot an déi, déi et nach net sinn, déi sinn onsécher. Informéiert Iech op der Plaz oder op den Internetsitten.


## IECHTERNACHER MUSEKSSCHOUL

Natierlech sinn och an der Iechternacher Museksschoul keng Porte-ouvertë gewiescht an et soll een net dohinner goen, fir sech anzeschreiwen.

Déi al Schüler sollen hir Reinscriptioun iwwert hiren Accès mat Extranet maachen, virum 15. Juni, soss ass eventuell hir Plaz net méi garantéiert.

Nei Schüler kënne sech iwwert den Internetsite ***www.emechternach.com*** aschreiwen, bei der Rubrik Inscriptions. Si hunn dofir Zäit bis den 1. Juli.

## LOST AND FOUND



Ufank Mee ass e Schlëssel fonnt ginn. De Proprietaire kritt en erëm op der Gemeng. Telefon: 83 72 87

## RESTAURANTEN

Och bei de Restauranten aus der Gemeng ass de Moment vu Redaktiounsschluss vun dësem FUUSS net gewosst, wéi et virugeet. Et schéint, wéi wann et am Juni erëm kéint méiglech sinn, datt mir kënnen iesse goen. Dat wënsche mir eis selwer an natierlech virun allem de Restaurateuren.

De Restaurant an der **Heringer Millen** am Mëllerdall ass de ganze Summer dënschdes bis sonndes op. Et gëtt vun 12h bis 21h ze iessen (sonndes bis 17h).
Telefon: 26 78 47 17. ***http://heringermillen.lu***

De Restaurant **Cascades** am Mëllerdall ass op vun 11h30 bis 21h, all Dag ausser mëttwochs an donneschdes.
Tel: 87 83 83. ***www.hotelcascades.lu***

De Restaurant um **Chrëschtnecher Golf Aux fines herbes** geet méi spéit op am Summer. Telefon 87 83 83.
***http://golfclubchristnach.lu***

De Restaurant **Gudde Kascht** zu Haler ass op donneschdes, freides a samschdes owes vun 19h un, bis 21h fir déi lescht Commande, samschdes a sonndes mëttes vun 12h bis 14h. Telefon: 83 67 48. ***www.guddekascht.lu***
De Restaurant ass zou vum 26. August bis den 13. September.

De Restaurant **Cigalon** am Mëllerdall mécht erëm op, no der Renovatioun wéinst de schroe Schied vun den Iwwerschwemmungen. En hat ugangs Mäerz kuerz eng Woch opgemaach, an du koum leider Corona.
De Restaurant Cigalon am Mëllerdall ass all Dag moies an owes op, ausser dënschdes.
Telefon: 79 94 95. ***www.lecigalon.lu***






*Foto: Marc Barthelemy*

De **Café Dina** zu Waldbëlleg huet ausser donneschdes all Dag op. Méindes, dënschdes a mëttwochs vun 18h bis 23h, freides vun 18h bis 1h, de Weekend vun 11h bis 14h a vun 18h samschdes bis 1h a sonndes bis 23h. Iessen op Bestellung. Telefon: 621 31 83 69.

ECHTERNACH
Ecole Régionale de Musique



# Inscrivez-vous à l'école régionale de musique de la Ville d'Echternach

**Krabbelmusek (à partir de 6 mois)**

**Eveil musical (à partir de 4 ans)**

**Instruments classiques et modernes**

**Danse classique et danse jazz**

**Butzemusek (à partir de 2 ans)**

**Formation musicale**

**Chant**

Inscriptions en ligne sur: www.emechternach.com/inscriptions

Pour tout renseignement supplémentaire, le secrétariat est joignable au **728254** du lundi au vendredi, de 14.00 à 17.00 hrs,

et par courriel: secretariat@em-echternach.com

www.emechternach.com

www.facebook.com/ERMVE

Ville d'ECHTERNACH
www.echternach.lu


📷 *Damaris*

DE FUUSS
als PDF online!

WALDBËLLEG

COMMUNE DE WALDBILLIG